3. 5533 - Projet de loi

1) relatif à la lutte antitabac;

2) modifiant la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

3) modifiant la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

4) modifiant la loi modifiée du 17 juin 1994 concernant la sécurité et la santé des travailleurs au travail;

5) abrogeant la loi modifiée du 24 mars 1989 portant restriction de la publicité en faveur du tabac et de ses produits, interdiction de fumer dans certains lieux et interdiction de la mise sur le marché des tabacs à usage oral

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

Mme Lydia Mutsch *(LSAP), rapportrice.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn haut ganz frou, dass ech als Rapportrice dëse Projet an och de Rapport vun der Kommissioun iwwert d'Lutte antitabac ka virstellen. Et ass e Sujet, dee mir perséinlech um Häerz läit, an ech sinn och virun allem ganz zefridden iwwert d'Evolutioun vun dësem Projet an iwwert déi Adaptatiounen a Verbesserungen, déi mir als Chamberskommissioun konnten erabréngen.

Dass Fëmme schiedlech ass, dass Fëmmen ofhängeg a krank mécht, ass gewosst. Mëttlerweil gëtt et ëmmer méi Etüden, déi och beweisen, dass dat passiivt Fëmmen, d'Anootme vum Tubaksdamp vun deenen aneren, extrem schiedlech ass. D'Weltgesondheetsorganisatioun geet dovunner aus, dass Leit, déi regelméisseg a jorelaang dem Tubaksdamp ausgesat sinn, net nëmmen eng zwou- bis dräifach erhéichte Probabilitéit hunn, fir chroneschen Houscht, Bronchiten oder Asthma ze kréien, mä och vill méi e grousse Risiko droen, fir Longekriibs ze kréien. Och virun deem Hannergrond ass de Projet de loi 5533 iwwert d'Lutte antitabac ze gesinn.

Et geet virrangeg drëms, fir den Tabagisme passif ze bekämpfen, an et geet virrangeg drëms, fir déi Jonk virum Tubak ze schützen an ouni falsch Moral oder gehuewene Fanger en Ëmfeld ze schafen, dat si dovunner ofhält, fir iwwerhaapt mat Fëmmen unzefänken. Mir mussen alles drusetzen, fir ze verhënneren, dass weider Leit, a virun allem jonk Leit, an d'Fal vun der Tubakssucht geroden. Ech si ganz optimistesch, dass dëse Projet de loi dozou bäidréit an erreecht, dass d'Netfëmmen ëmmer méi d'Norm gëtt an d'Fëmme scho bei deene Jonken net méi als cool, mä als einfach net méi zäitgeméiss ugesi gëtt.

D'Fëmme soll an där Logik net als Genoss oder als Sënn ugesi ginn, déi ee sech emol gënne kann oder och net gënnt, well dat ass et nämlech net. Fëmme soll als dat ugesi ginn, wat et ass: eppes wat ofhängeg mécht an eppes wat krank mécht.

Mat dësem Gesetzesprojet iwwert d'Lutte antitabac kënnt Lëtzebuerg verschiddenen internationale Verflichtungen no. Eist Land ännert net nëmme säi bestehend Tubaksgesetz vun 1989, mä mir setzen och mat dësem Projet d'Direktiv 2003/33/CE iwwert d'Publicitéit fir Tubaksproduiten ëm. Eise Projet geet an deem Zesummenhang méi wäit wéi dat, wat vun der Direktiv virgesinn ass, well mer virrangeg deenen Engagementer nokomme wëllen, déi mer viru gutt engem Joer mat der Ratifizéierung vun der Kaderkonventioun vun der Weltgesondheetsorganisatioun agaange sinn.

Dës OMS-Kaderkonventioun, déi Lëtzebuerg de 16. Juni 2003 ënnerschriwwen huet an déi mer hei an der Chamber de 4. Mee d'lescht Joer gestëmmt hunn, war an ass en Engagement, fir mat engem ganze Package vu méigleche Mesuren den Tabagisme ze bekämpfen. Et si verschidden Handlungsfelder, déi ugeschwat ginn, zum Beispill: de Schutz vun de Mineuren, de Verbuet vun der Publicitéit, d'Verfügbarkeet vun den Zigaretten am Allgemengen, d'Protektioun vun den Non-fumeuren, net nëmmen, mä och op der Aarbechtsplaz, d'Präisser vun den Zigaretten, d'Tubakssteier an d'Begleedung vun de Fumeure beim Entzuch.

Mam virleiende Gesetzesprojet gi mer eis déi néideg legislativ Instrumenter, fir deene Verflichtungen, déi sech aus der OMS-Konventioun erginn, och nozekommen. Souwäit fir de Kader vum Projet de loi e bëssen ze ëmräissen.

Ech kommen dann elo zu den Detailer vun de Mesuren a Regelungen, déi am Projet de loi virgesi sinn. Fir d'éischt, fir nach ee Moment dobäi ze bleiwen, de Verbuet vun der Publicitéit. Wéi scho gesot, geet de Projet méi wäit wéi dat, wat an der Direktiv virgesinn ass. Duerch d'Direktiv an den 90er Joren iwwert d'„Télévision sans frontières" ass schonn haut d'Publicitéit fir d'Tubaksproduiten op der Televisioun verbueden. D'Direktiv 2003/33 imposéiert e Verbuet fir d'Publicitéit fir Tubaksproduiten an de Printmedien, um Radio an um Internet, grad eréi de Sponsoring an de Parrainage vu Manifestatioune mat enger „dimension transfrontalière".

De Projet de loi, ëm deen et haut hei geet, féiert e globaalt Werbeverbuet an, esou wéi dat am Artikel 13 vun der Kaderkonventioun vun der OMS virgesinn ass. Eng kleng Ausnahm wäerte mer bannent den ausgewisene Point-de-ventë maachen, direkt do, wou d'Tubaksproduitë verkaaft ginn.

Wa mer dëse Projet de loi haut hei stëmmen, da bleiwe just nach Däitschland, Spuenien, d'Tschechesch Republik an Ungarn, déi d'Direktiv net oder net komplett an nationaalt Recht ëmgesat hunn. Däitschland hat jo e Recours um europäesche Geriichtshaff géint d'Direktiv agereecht. No der Recommandatioun vum Avocat général un de Geriichtshaff, fir de Recours zréckzeweisen, huet Däitschland sech awer elo bereet erkläert, fir d'Direktiv ëmzesetzen. D'Kommissioun huet géint all dës Länner Prozeduren engagéiert, freet Erklärungen a verlaangt eng konform Ëmsetzung. Gutt, dass mer do net dobäi sinn!

Wann all déi europäesch Memberstaten d'Direktiv ëmgesat hunn, da wäerten d'Ënnerscheeder op deem Niveau an och den eventuelle Risiko vun enger Benodeelegung vun den Entreprisen an deenen entspriechende Länner, déi d'Ëmsetzung gemaach hunn, ganz verschwannen. Et bleift, dass Lëtzebuerg nom Vote vum Projet méi eng streng Regelung wäert hu wéi seng Nopeschlänner. A grad doriwwer kann een zefridde sinn; et ass positiv, dass grad an deem wichtegen a sensibele Beräich Lëtzebuerg d'Roll vum Virreider iwwerhëlt. Ech hoffen a sinn iwwerzeegt, dass iwwer kuerz oder laang eist Beispill wäert Schoul maachen, sou dass ëmmer méi Länner op dee Wee wäerte goen.

De Verbuet vun der Publicitéit fir d'Tubaksproduiten ass wierklech e wichtegt a staarkt Signal. A wa gesot gëtt, dat hätt kee Wäert, fir d'Publicitéit ze verbidden, well den Afloss oder d'Auswierkunge vun der Publicitéit net erwise wären, da muss ee sech wierklech froen, firwat dann esou vill Entreprisen esou vill Suen dofir ausginn. D'Äntwert ka jo jiddferee sech da selwer ginn.

An Zukunft wäert et och - an och hei e ganz staarkt Signal - verbuede sinn, fir Tubaksproduiten u Jonker ënner 16 Joer ze verkafen. Och dat ass eng ganz wichteg Mesure, well se deene Jonken den Zougang zu den Zigaretten an dem Tubak erschwéiert a se hoffentlech drun hënnert, fir iwwerhaapt mat Fëmmen unzefänken. Et kann ee wuel argumentéieren - an dat wäert och kommen -, dass fir déi Jonk grad dat, wat verbueden ass, nach méi e Reiz huet. Dat ass net ganz falsch, mä wat ass d'Alternativ?

Wann een de Verkaf vun Tubaksproduiten u Jonker ënner 16 Joer net verbitt, dann ass dat jo awer eng regelrecht Invitatioun. Den Tubak an d'Consommatioun vum Tubak gëtt weider banaliséiert, an da seet ee sech als Jonken: Et ka jo näischt Schlëmmes dru sinn! Mat deem Wëssen am Hannergrond ass et kloer, dass dann de Verbuet awer déi eendeiteg besser Léisung ass.

Een zweete wichtegen a groussen Deel vun dësem Projet de loi betrëfft de Fëmmverbuet op enger ganzer Rei vu Plazen. Dorënner falen ënner anerem all öffentlech Gebailechkeeten a Gebaier, déi dem Stat, de Gemengen, engem Établissement public gehéieren, vun hinnen oder fir si géréiert ginn. D'Kommissioun huet eng Regelung fonnt, déi virgesäit, dass och de Flughafen an d'Garen heirënner falen.

Weider gëllt de Fëmmverbuet a sämtleche Schoulgebaier an an der Enceinte vun deene Gebaier, an de Sportshalen, an de Galeriemarchandë grad eréi an de Gebaier, wou Kino an Theateren dra sinn; och an de Wartesäll vu sämtleche Gesondheetsberuffer a -servicer ass d'Fëmmen an Zukunft net méi erlaabt.

An de Spideeler, an am direkten Agangsberäich ronderëm, gëllt e generellt Fëmmverbuet, mat der Méiglechkeet, fir pro Spidol maximal ee Fumoir anzeriichten, deen awer nëmmen den hospitaliséierte Patienten an nëmmen op explizit Demande vum Patient zougänglech ass.

D'Chamberskommissioun ass bei dëser Ausnahmeregelung op de Wee gaangen, deen de Conseil d'État virgeschloen hat, ënner anerem aus der Iwwerleeung eraus, fir der Tatsaach Rechnung ze droen, dass beispillsweis Patienten aus der Psychiatrie oder aus der Palliativstatioun, déi an enger besonnesch kritescher Liewenssituatioun sinn, net och nach en Entzuch kënnen zougemutt kréien.

Speziell geregelt ass dann elo de Beräich vun de Restauranten. Hei ass d'Méiglechkeet virgesinn, fir en Espace fumeur anzeriichten, allerdéngs mat ganz prezisen a strengen Oploen, déi iwwer e Règlement grand-ducal wäerte weider preziséiert ginn. Am Rescht ass et verbueden. Op jidde Fall muss den Espace fumeur strikt ofgetrennt si vum Rescht vun de Raim, en dierf maximal e Véirel vun der ganzer Surface vum Restaurant ausmaachen a muss mat engem speziellen a performanten Entlëftungssystem equipéiert ginn.

Dat ass iwwregens och, wat vill Leit net wëssen, d'Formule, déi den italienesche Législateur virgesäit, och wa wéinst dëse Contraintë vill Restaurateuren an der Praxis um Terrain ganz op e Fumoir verzichten an net op dee Wee ginn, well et einfach fir si besser ass, fir direkt op dee Wee ze goen, dee sech an Zukunft eigentlech iwwerall ofschätzt. A wéi ass et an Italien um Terrain? Do fonctionnéiert et ganz gutt an et gëtt akzeptéiert.

D'Fëmmverbuet gëllt och an de Caféen, déi Platen zerwéieren, an dat zu deenen Zäiten, wou gemengerhand - bei eis am Land zumindest - lessen zerwéiert gëtt, nämlech tëscht 12 a 14 Auer mëttes an tëscht 7 an 9 Auer owes. Et bleift ze ënnersträichen, dass dës restriktiv Bestëmmungen, och bei Restauranten, net fir oppen Terrassë gëllen, wat virun allem elo am Summer vu ville Restaurateuren als Fro an de Raum gestallt gi war.

Et ass virun allem d'Regelung, déi d'Restauranten an d'Caféë betrëfft, déi am Virfeld vun dëser Debatt fir vill Gespréichsstoff gesuergt hat. De Secteur vun der Horesca mécht sech Suergen, si géifen domadder e groussen Deel vun hirer Clientèle ganz einfach verléieren. Dobäi muss een awer fir d'éischt emol bedenken, dass, no den neisten Zuele vun der Fondation luxembourgeoise contre le cancer, iwwer 73% vun der Populatioun net fëmmen. Iwwer 73% vun der Lëtzebuerger Populatioun fëmmen net! Si hunn, menge mer, als Éischt e Recht, net mussen den Damp vun de Fëmmerten anzeootmen.

Doriwwer eraus kann een dovunner ausgoen, dass dës 73% - dat sinn ëmmerhi bal dräi Véirel vun der Populatioun - éischter frou wäerte sinn, wann d'Restaurantë fëmmfräi sinn an dass si bestëmmt duerch dës Regelung méi oft an de Restaurant gi wéi virdrun. An dat gëllt ëmsou méi, wa se Kanner hu fir matzehuelen.

D'Beispill vun Irland, dat jo zënter 2003 e generellt Fëmmverbuet agefouert huet, weist, dass dat esou ass. Déi Responsabel vun de Restauranten a Pubë soten, si hätten zënterhier zwar wuel e klengen Deel vun hirer Clientèle verluer, mä dofir awer och eng nei Clientèle amplaz gewonnen. Dat Wichtegst dobäi ass: Déi ganz grouss Majoritéit vun der Populatioun steet hannert dësen neie Bestëmmungen! En offizielle Rapport huet, ee Joer no der Aféierung vun den Antitubaksbestëmmungen an Irland, Bilan gezunn. 96% vun den Ire fannen, dass dat neit Gesetz eng Réussite ass, ënnert de Fumeure sinn et ëmmerhin 89%. Dat huet mech perséinlech gewonnert. 89% souguer vun de Fumeure sinn där Meenung! Och an Italien, wou et zënter Ufank 2005 en Antitubaksgesetz gëtt, ass den Echo an der Populatioun ganz positiv. Et geet also!

Et ass meng perséinlech Iwwerzeegung, dass et zu Lëtzebuerg wäert d'selwecht goen. Dat weist och de Fait, dass entre-temps, an nach ier se vum Gesetz dozou obligéiert sinn, och bei eis schonn eng ganz Rei vu Restaurantë fräiwëlleg „Non-fumeur" affichéiert hunn. Dat beweist, dass et och zu Lëtzebuerg e grousse Potenzial u Clientë gëtt, déi dat appréciéieren a grad dowéinst verstäerkt an déi fëmmfräi Restaurantë wäerte goen.

Ganz besonnesch frou sinn ech, dass mer - zesumme mat den zoustännege Ministeren a Chamberskommissiounen - um Enn elo awer eng ganz gutt Regelung am Projet de loi hunn, wat de Lieu de travail ubelaangt, an dat souwuel fir de Secteur privé wéi och fir de Secteur public. Heino muss de Patron an Zukunft obligatoresch mat enger Obligation de résultat dofir suergen, dass hie säi Personal virun Zigarettendamp vun anere schützt. Iwwregens falen och d'Restauranten, d'Caféen an d'Discoen ënnert déi Dispositiounen, déi elo mat alle Sozialpartner diskutéiert ginn an en musique gesat ginn, an e Règlement grand-ducal soll d'Detailmodalitéite gegebenenfalls regelen, an dat ass och gutt esou.

Ech wollt op dëser Plaz d'Beispill vun der Spuerkeess ervirsträichen, déi net op de Vote vun dësem Projet de loi gewaart hunn an uganks dëst Joer 2006 e Fëmmverbuet an all hire Gebaier ausgesprach hunn.

An enger Iwwergangszäit huet si souguer dem Personal, dat wollt ophale mat fëmmen, proposéiert, fir en Deel vun de Käschten ze iwwerhuelen, wa se Hëllefsmëttel, wéi Plooschteren zum Beispill, dofir bräichten. Dovunner gouf zwar nëmme minimal profitéiert, par contre krute mir gesot, dass d'Fëmmverbuet ouni Problem respektéiert gëtt, souwuel vum Personal wéi och vun de Clienten an de Visiteuren. Ech sinn optimistesch, dass dëst positiivt Beispill an Zukunft wäert Schoul maachen.

Iwwregens ass am Projet de loi eng Obligatioun fir d'Regierung virgesinn, fir e weideren an zousätzlechen Effort ze maachen a Saachen Informatioun, Preventioun a Konsultatioun an an deene genannte Beräicher koordinéiert a strukturéiert Aktivitéiten unzebidden. Dëse Projet seet dem Tubak de Kampf un an net de Fëmmerten - souwäit si bereet sinn a prett sinn, déi aner Mënschen ze respektéieren. Vill Fëmmerte sinn ofhängeg. Si musse gehollef kréien, encadréiert an ënnerstëtzt ginn, wa se wëllen ophale mat fëmmen.

Et bleift nach ze soen, dass parallell zu den Interdictiounen, déi an dësem Projet de loi virgesi sinn, och eng ganz Rei vu Sanktiounen a Strofe spille wäerten, well dat schéinst an dat bescht Antitubaksgesetz bréngt awer näischt, wann ee sech net och d'Moyenë gëtt, fir et eventuell aneschters wéi mat Grondakzeptanz respektéiert ze kréien.

Ech wéilt elo résuméieren, wou an op wéi enge Plazen d'Fëmmen an Zukunft net méi wäert erlaabt sinn:

- an alle Spideeler, mat Ausnahm vu maximal engem Fumoir pro Spidol, just fir déi hospitaliséiert Patienten, an op explizit Demande; an den Apdikten; an de Wartesäll vun den Dokteren an an allen anere Santésberuffer a -servicer; an alle Gemeinschaftsraim bannent den Alters- a Fleegeheimer;

- an de Schoulen an um Terrain, deen dozou gehéiert, grad eréi an de Raimlechkeeten, déi fir den Accueil vu Jonker ënner 16 Joer do sinn;

- an alle Gebailechkeeten, wou Sport bedriwwe gëtt;

- an de Kinos- an Theatersäll an an den Halen a Couloiren, wou se dra sinn, grad eréi an de Muséeën, Galerien, Bibliothéiken a Liesraim, déi dem Public zougänglech sinn;

- an de Gebailechkeete vum Stat, de Gemengen an den Établissements publics;

- an den Autobussen an an den Zich.

Wat elo d'Gebailechkeete vu Stat, Gemengen an Établissements publics ubelaangt, esou steet am Text: «dans les halls et salles». Dës Formulatioun ass gewielt ginn, fir ze soen, dass all Espaces publics communs viséiert sinn, ausser eventuell déi individuell Büroen, déi de Législateur net primär viséiert huet. Si falen ënnert d'Obligation de résultat de santé vum Employeur.

- Da weider an de Galerie-marchanden an do wou Liewensmëttele verkaaft ginn;

- an de Restauranten an an de Salons de consommation vu Pâtisserien, mat der Méiglechkeet, fir mat speziellen, strengen Oploen en Espace fumeur anzeriichten;

- an de Caféen, déi Platen zerwéieren, an der Zäit tëscht 12 a 14 Auer mëttes an tëscht 7 an 9 Auer owes, mam generellen Hiweis, dass et op den Terrassë vu Caféen a Restaurantë weider erlaabt wäert sinn ze fëmmen.

Nach e Wuert zu den Avisë vun de Chambres professionnelles an deenen anere consultéierten Organismen. Hei kann ee vun zwou groussen Tendenze schwätzen. Eng grouss Majoritéit vun Avisen - déi vum Collège médical, der Association des Médecins et Méde-

cins dentistes, der Fondation luxembourgeoise contre le cancer an der Union des Consommateurs, fir nëmme si ze nennen - ware ganz positiv wat d'Zilsetzung vum Projet ugaangen ass. Au contraire, si hu souguer gläichzäiteg gesot, dass den initialen Text vum Regierungsprojet hinnen net wäit genuch géing goen, virun allem wat d'Bestëmmunge fir d'Ariichtung vu Fumoiren an de Restauranten ugeet oder och wat de Schutz op der Aarbechtsplaz betrëfft. Dëse Kritiken, déi och am Conseil d'État sengem Avis formuléiert goufen, huet d'Kommissioun mat hiren Amendementer Rechnung gedroen.

Op där anerer Säit stoung a steet d'Meenung, dass d'Gesetz ze wäit géif goen, virun allem wat de Verbuet vun der Publicitéit ugeet, mä och a Saache Fëmmverbuet an de Restauranten an esou weider. Zu dëser Tendenz gehéiert och e minoritären Avis vum Statsrot souwéi d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers. Och de Conseil de Presse hat verständlecherweis Bedenken, wat de Werbeverbuet betrëfft, verständlecherweis doweinst, well bei der Publicitéit geet et ëm eng wesentlech Source vun hire Recetten. Hei weist d'Entwécklung, wou mer histeieren, well d'Publicitéit an de Printmedië fält ënnert d'Bestëmmunge vun der EU-Direktiv.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer um Enn nach e puer Iwwerleeungen a mengem eegenen Numm mat op de Wee ze ginn. Iwwerleeungen, déi awer vun enger grousser Majoritéit vun de Membere vun der Santéskommissioun gedeelt ginn.

Et ass schonn zënter enger Zäit hei am Land e Mentalitéitswiessel amgaangen. Dëse Projet de loi, iwwert dee mir haut diskutéieren, notzt, stäipt an ënnerstëtzt dëse Mentalitéitswandel. Ëmmer manner Leit fëmme bei eis am Land. Ëmmer méi Leit packen et, fir opzehale mat fëmme bei eis am Land, an ëmmer méi Leit, déi net fëmmen, insistéieren op hirem Recht, fir net musse passiv matzefëmmen. Si solle virrangeg geschützt ginn. Si solle gehollef kréien, fir zu hirem Recht ze kommen, nämlech op d'Recht op e gesond Liewensëmfeld, net méi an net manner. Parallell dozou soll verhënnert ginn, dass d'Leit a virun allem Jonker iwwerhaapt emol ufänke mat fëmmen.

D'Ëmsetzung vun dësem Projet wäert eis all e Plus u Liewensqualitéit brëngen an eng grouss Akzeptanz an Ënnerstëtzung vu Säite vun der Populatioun mat sech brëngen. Dat weisen d'Beispiller vun Irland an Italien ganz gutt, an dat weisen och d'Beispiller vun deene Restauranten an aner privaten an öffentlechen Acteuren hei zu Lëtzebuerg, déi schonn elo hei matmaachen.

Ech hu mer iwwregens vun enger ganzer Rei vu laangjährege Fumeure soen a bestätege gelooss, dass si léiwer net géife fëmmen, an dass déi meescht vun hinne wéilten, si hätten ni ugefaangen. Si mengen och, wann et heiansdo net einfach wäert sinn, esou wäre si awer eigentlech heemlech frou, dass si an Zukunft e bësse gezwonge ginn, fir manner oder guer net méi ze fëmmen.

Op där anerer Säit gëtt et awer och Leit, déi mengen, dëse Projet géif d'Fräiheet vun deenen Eenzelne beschneiden, mir géifen de Fumeuren hire Plëséier net gënnen an esou weider. A mengen Ae sinn dës Kritiken net nëmmen naiv, mä si droen der Gravitéit vum Problem net Rechnung a weisen e ganz grousse Mangel u Respekt vis-à-vis vun enger ganz grousser Zuel vu Leit, fir net ze soen der Majoritéit vun eiser Populatioun.

Ech soen et hei nach eng Kéier, och op de Risiko hin, mech ze widderhuelen: Fëmmen ass net einfach nëmmen eng schlecht Gewunnecht, et ass net nëmmen eng kleng Sënn, déi ee sech heiansdo gënnt, e klenge Plëséier. Fëmmen ass ee Suchtstoff, deen extrem séier ofhängeg mécht an dee krank mécht - net nëmmen deen, dee fëmmt, mä och déi Leit ronderëm, déi dësen Damp musse mat anootmen.

D'Fräiheet vum Fëmmert fir ze fëmmen, wann ee bei enger Sucht iwwerhaapt vu Fräiheet ka schwätzen, hält do op, wou dem Netfëmmert seng Fräiheet a säi Recht op eng propper Loft ufänkt!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Mënsche si Gewunnechtsdéieren, dat wësse mer.

(Hilarité)

Si si gréisstendeels resistent géint all Changement, dee si zwéngt, eppes un hire Gewunnechten ze änneren. Bis elo war et, bis op e puer Ausnahmen, normal, dass an öffentleche Gebaier, Caféen, Restauranten, iwwerall gefëmmt gouf. Elo muss ee sech, bis op e puer Ausnahmen, eben ëmgewinnen. Munnechem wäert dat méi liicht falen, anere wäert dat méi schwéier falen. Et wäert eng Zäit brauchen, bis dat als normal ugesi gëtt, wat eigentlech scho laang esou misst sinn. Ech sinn iwwerzeegt, dass mir zu Lëtzebuerg ganz séier mierken a frou doriwwer wäerte sinn, dass dëst neit Gesetz eis Liewensqualitéit am Alldag ganz enorm wäert verbesseren.

Mäi Merci a meng Unerkennung als Rapportrice a Presidentin geet ofschléissend un eis ganz Santéskommissioun, déi an dëser net einfacher Matière an a permanenter Presenz vum Gesondheetsminister a senge Mataarbechter konstruktiv an engagéiert matgeschafft huet. Den Accord zu dësem Projet brëngen ech am Numm vun eiser ganzer Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Rapportrice. Als éischt Riednerin ass ageschriwwen d'Madame Martine Stein-Mergen. Madame Stein-Mergen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wann den Tubak géif haut entdeckt ginn, da géif weder seng Produktioun nach säi Konsum toleréiert ginn oder och nëmmen erlaabt ginn. Dat ass awer net de Fall.

Amerikanesch Indianer haten d'Kultur an de Konsum vun Tubak säit 2.000 Joer ongeféier kannt. Et war de Christoph Kolumbus, deen op Kuba Raacher fonnt huet, an hien huet den Tubak mat an Europa bruecht. Him goufen nämlech déi Zäit medikamentös Eegeschaften zougeschwat. Esou huet d'Maria vu Medici hir Kanner, wa se krank waren, mat Tubakspudder behandelt. Ech huelen un, dass déi, wéi déi Zäit d'Leit alleguerten, och net ganz laang gelieft hunn.

(Hilarité)

Säit dem 16. Jorhonnert gëtt Tubak och an Europa ugebaut, a vun hei aus ass e virugaangen an Indien, a Japan an an all d'Länner vun der Welt. Dat war déi Zäit sécher eng „success story".

Am 17. Jorhonnert ass a Frankräich eng éischt Tax op den Tubak agefouert ginn - och dat huet also Geschicht -, an de Kinnek hat e Monopol op der Vente an op der Fabrikatioun.

Während der Franséischer Revolutioun 1791 ass dunn de Verkaf liberaliséiert ginn, mä den Napoleon huet schonn 1811 erëm de Statsmonopol rétabléiert. Hien hat sécher erkannt, dass domat Geld ze verdénge wier. Esou kann ee sech iren, an dat während Jorhonnerten!

(Interruption)

Eréischt an de spéide 60er Jore vum leschte Jorhonnert huet d'Medezin erkannt, wat fir Folgen de Konsum vun Tubak huet, an ugefaang no Moossnamen ze froen. Mir kennen haut den Asaz vun der WHO an och vun der Europäescher Kommissioun, déi mat hirem Programm «Europe contre le cancer» net nëmmen, mä och géint dës Pandemie ukämpft.

Kolleeginnen a Kolleegen, nodeem d'Madame Mutsch hei an hirem excellente schréftlechen a mëndleche Rapport ausenanergelueht huet, wat fir eng Viraarbecht net nëmme vun der Kommissioun, mä och vun allen aneren Acteure geleescht ginn ass, dass mer dëse Projet haut kënne stëmmen, wäert Der verstoen, dass et keng Floskel ass, wann ech hir haut, am Numm vun onser Fraktioun, villmools Merci soen.

Si huet et schonns gesot: Et war der aktueller Regierung en Uleies, net nëmmen d'Direktiv 2003/33 ëmzesetzen, mä op dësem Gebitt eng vill méi restriktiv Politik duerchzezéien, sou wéi dat am Regierungsprogramm festgesat war.

De Minister huet sech dann och mat ganz vill Asaz drugemaach, de Projet ze preparéieren, esou dass mer en am Januar dëst Joer an d'Kommissioun kruten. Wann een dat mat villen anere Gesetzer vergläicht, da kann ee soen, dat wier eng Rekordzäit, vu Januar bis Juli, besonnesch wann ee matkritt huet, wat fir e Gedäisch dëst Thema dobausse gemaach huet. Et gëtt en fait wéineg Gesetzer, iwwert déi esou vill an esou kontrovers diskutéiert a gestridde ginn ass.

Ech wëll lech e Beispill soen. Eng Zäit laang hutt Der am Google en Chatroom fonnt, wou iwwert d'Gesetz diskutéiert gouf. An ee vun den Chatter huet dann d'Populatioun dozou opgeruff, op guer kee Fall méi engem vun de Membere vun der Santéskommissioun eng Stëmm bei de Wahlen ze ginn. Mä et war awer net erauszefannen, ob hie fonnt huet, dass d'Gesetz net wäit genuch géif goen, oder ze wäit.

Dëse Projet huet ons Populatioun oder Deeler dovun an zwee Campen agedeelt, déi Fanatesch-Dofir an déi Fanatesch-Dergéint, an déi hu sech dann och oft an ausgiebeg zu Wuert gemellt. Déi méi Gemässegt melle sech jo leider net esou oft. Ech sinn der Meenung, dass duerch dës Leit, och wann et nëmmen e Brochdeel vun onse Matbierger ass, dat ganzt Gesetz zäitweis a Fro gestallt war. Mat Fanatismus kann ee keng Gesondheetsan och allgemeng keng Politik maachen.

Mir haten an dësem Zesummenhang och an onser Fraktioun eng Rei vu Sëtzungen, an och bei ons ass zum Deel méi haart a méi hëtzeg iwwert dëse Projet debattéiert ginn. Mir waren ons all eens, dass d'Onkloerheet, wat fir eng Grondphilosophie de Projet eigentlech hätt, zu enger ganzer Rei Malentduë geféiert hat, esou wéi dat sech och an deenen éischten Avisë répercutéiert hat.

Och déi Meenungen, déi een dobaussen esou opgefaangen huet, ware räichlech konfus. Et ass notamment drëm gaangen, dass d'Fëmmen op der Aarbechtsplaz widderspréchlech behandelt ginn ass.

Mir hunn ons dunn an der Kommissioun drugemaach, d'Spree vum Weess ze trennen, an aus dësen Diskussiounen, an Zesummenaarbecht zwëschent de Ministere Biltgen, Di Bartolomeo a Wiseler, déi jo kompetent net nëmme fir de gesondheets- mä och fir den aarbechtsrechtlechen Deel sinn, ass et dunn zu deenen zwee ënnerschiddlechen Undeeler vum Gesetz komm: deen een, dee sech ëm d'Ëmsetzung vun der Direktiv an och d'Fëmmverbuet op verschiddene Plazen ausspréicht, an deen aneren iwwert d'Handhabung vum Fëmmen op der Aarbechtsplaz. Ech wäert herno dorop zréckkommen.

Aus dësen Ursaachen eraus, mä och ënner Berücksichtegung vu groussen Deeler vun den Avisen, déi erakomm sinn, war also d'Gesetz ëmstruktureiert ginn. Et ass fir ons elo haut kohärent, an Dir wäert all gesinn, dass et ons am Kampf géint den Tabagismus e grousse Schrëtt virubréngt.

Et ass jo net esou, Dir Dammen an Dir Hären, dass um Terrain nach näischt geschitt wier. A verschiddene Spideeler, en fait, ech mengen, an alleguerten haut, gëtt et schonns säit Joren d'Regel «Hôpital sans tabac», an ech kann lech soen, dass dat net esou ouni weideres iwwert d'Bühn gaangen ass virun zéng Joer, wéi dës Diskussioun zum Beispill bei ons am Spidol ugaangen ass. Ech kenne keng Plaz, wou d'Leit iwwert d'Folge vum Fëmme besser informéiert sinn a wou méi gefëmmt ginn ass wéi an de Spideeler.

Dir hutt och schonn all déi Leit gesinn, déi an oder vill méi virun de private Betriber um Trottoir stinn, Summer wéi Wanter, an do hir Zigarett fëmmen. A ganz ville Boîtë gëtt nämlech schonn haut a scho laang net méi gefëmmt. A ville Restauranten ass och schonn haut net méi gefëmmt ginn. Vill Restaurateuren hu scho vu sech aus an och op Demande vun hire Clientë Fumoiren ageriicht.

Une voix.- Déi meescht.

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- All dës punktuell Observatioune féieren zu enger ganz wichteger Feststellung: Iwwerall fëmmen ass net méi esou selbstverständlech, d'Rapportrice huet et scho gesot. Den Trend aus den USA, d'Fëmmen ze verdäiwelen, huet och hei an Europa seng Friichte gedroen, ouni awer bis elo déi Auswüchs mat sech ze féieren, wéi dat doiwwer de Fall ass. Wann et nämlech an de Vereenegte Staten a verschiddene State verbueden ass, a sengem Auto d'Fënster opzemaachen, wann een eng fëmmt, fir dass den Damp dobausse kee belästegt, freet ee sech, wat esou Moossnamen nach mam Schutz vum Netfëmmert ze dinn hunn, an ob et do net besser wier, d'Waffen op der Strooss amplaz d'Fëmmen ze verbidden.

Une voix.- Ganz richteg!

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Wann een esou wäit wëllt goen, Kolleeginnen a Kolleegen, da muss een de Verkaf vun Tubaksproduitë ganz einfach verbidden. Dat wëllt awer hei an elo keen.

(Interruptions)

Ech hoffen, dass mer ons heibannen alleguer eens sinn, dass, och wa mer ons hei iwwert déi Fortschrëtter freeën, déi duerch dat heitegt Gesetz zustane wäerte kommen, et net däerf hei bei ons an Europa zu där Hexejuegd kommen, wéi dat an den USA a verschiddene Staten de Fall ass.

Iwwert de Schutz vum Fëmmert a vum Netfëmmert ewech sollte mer duerch dëst Gesetz léieren, wéi ee sech kann ënnerenaner eens ginn, fir een deen aneren net ze belästegen. Toleranz a Respekt sinn Zauberwierder, déi mer hei musse beméien.

Och op där anerer Extremitéit fënnt een Extremismus. Wien haut nach behaapt, Tubak wier iwwerhaapt net schiedlech, deem ass einfach net ze hëllefen! Besonnesch falsch, awer heefeg zitéiert, ass och de Vergläich mam Alkoholkonsum, well vill Leit stéiert et anscheinend vill méi, wann een nieft hinne sëtzt, deen ze vill gedronk huet, wéi wann een nieft hinne fëmmt. Nun ass et awer esou, dass deem enge säin Alkohol deem aneren näischt kann undoen, während mer säit ongeféier 15 Joer sécher wëssen, dass passiven Tubakkonsum - „environmental tobacco smoking" heescht dat op Medezinesch - och amstand ass, am richtege Verhältnis déiselwecht Krankheeten ervirzeruffe wéi beim Raacher.

Verschidde vun onsen Nopeschlänner hunn ons de Wee gewisen. Deenen engen hire war méi kategoresch, anerer hu méi labber Fëmmgesetzer gestëmmt a Moossnamen an d'Wee geleet, déi och ganz allgemeng op gutt Echoe gefall sinn.

Den Enjeu, ëm deen et hei nämlech geet, ass derwäert fir pondéréiert ze ginn. Mir hunn ons all an deene leschte Méint zesumme Gedanken driwwer gemaach, wéi ee fir onst Land d'Regele kann opstellen, fir éischtens méiglechst vill Jonker ze iwwerzeegen, net unzefänke mat fëmmen, méiglechst ville Raacher ze hëllefen, fir opzehalen, an drëttens déi, déi net raachen, optimal géint de passive Konsum ze schützen.

Deen éischte vun dësen dräi Punkten, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, dat ass fir mech dee wesentlechen. Ech wäert en dofir och e bësse méi laang behandelen.

Wat fir Moossname sinn amstand ons Kanner dovun ofzehalen, unzefänke mat fëmmen? Fir een, deen nach ni gefëmmt huet, oder fir een, deen eng Kéier probéiert huet an deem et net geschmaacht huet, ass et einfach, iwwer Antitubaksmesuren ze schwätzen. Et ass awer vill méi schwéier fir domat opzehalen, wann een nun eemol ugefaangen huet - an ech weess vu wat ech schwätzen.

Dës Suchtproblematik ass sécher ähnlech wéi déi vun den Drogen, vun deene mer déi lescht Woch geschwat hunn. Och wann een de Risiko vun Alkoholismus, besonnesch wat d'Envergure vum Problem ubelaangt, net sollt ënnerschätzen, esou ass de Suchtpotenzial vun der Zigarett - an d'Madame Rapportrice huet och schonn dovunner geschwat, an ech soen express Zigarett an net Tubak - vill méi héich an duerchaus mat deem vun den illegalen Drogen ze vergläichen.

Mir haten déi lescht Woch gesot, dass haut den Haschisch net méi mat deem ze vergläichen ass, deen d'Hippië viru 35 Joer gedämpt hunn. A gradsou wier een naiv, wann ee sech net bewosst wier, dass d'Zigarettenhiersteller Potenzéierungsmëttel an aner Stoffer dem Tubak bäimëschen, fir esou schnell wéi méiglech eng Ofhängegkeet ervirzeruffen.

Une voix.- Très bien.

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Den Trick ass och dann deen, deen d'Drogenhändler och uwenden, wéi se et mat de Kanner maachen: Fir d'éischt loosse se probéieren, a wa se bis Goût dru fonnt hunn, da gëtt d'Schrauf zougezunn an da gëtt den Dreck verkaaft. Gradsou soll et mat verschiddenen Zigarettefirmen an der Drëtter Welt oflafen.

Dëse Message also, Accro ass Accro, dee musse mer kënne vermëttelen, well en 12-Jährege betruecht Longekriibs an Häerzinfarkt als eng Krankheet vum héijen Alter, woubäi ee muss wëssen, dass, och wann een dat mat 30 Joer kritt, fir en 12-Jährege en 30-Jährege een am héijen Alter ass.

(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)

D'Bild vun de Laangzäitfolgen an de Schoulen ze zeechnen ass also sécher net dat, wat wäert eleng an dësem Domän zu Resultater féieren. Am Iwwregen ass dësen Thema scho säit Joren e feste Bestanddeel vun de Schoulprogrammer.

Laut «Europe contre le cancer» gëtt et nëmmen zwou Mesuren, fir déi Jonk vum Fëmmen ofzehalen.

Här Minister, lauschtert no! - …zwou Mesuren, fir déi Jonk vum Fëmmen ofzehalen:

E sensibelt Unhiewe vum Präis vun den Zigarette respektiv eng Erschwéierung vun der Beschafung, an en allgemengt Ëmdenke vun der Bevölkerung.

D'Fëmme soll als almoudesch, sténkeg an oncool gëllen. Allgemeng gëtt enger soziologescher Approche méi Succès zougetraut wéi punktuelle Mesuren, wéi zum Beispill eng Offre de sevrage.

Ech wëll dofir awer d'Aide au sevrage net schlechtrieden, mä ech wëll hei de Point de vue vum Epidemiolog vertrieden: Hei geet et net ëm den Eenzelnen, mä ëm d'Pandemie.

Dat Ëmdenken hëlt vill Zäit - d'Madame Mutsch huet et och scho gesot -, mä gewëssen Tendenzen an dës Richtung si festzestellen.

Déi aner Mesure gëtt an dësem Gesetz undeitungsméisseg ëmgesat. De Verbuet vun der Vente u Jonker ënner 16 Joer wäert et net onméiglech, awer wesentlech méi schwéier maachen, sech Zigaretten ze beschafen.

Och wann de Präis vun den Tubaksprodukten iwwert déi lescht Jore konstant an d'Luucht gaangen ass, wier eng substanziell Verdeierung vläicht e finanztechnesche Risiko fir onst Land, vläicht eng onsozial Moossnam, well dann nëmmen déi Räich sech kënnten Zigarette leeschten an déi aner net méi. Mä dëst wier wahrscheinlech vun alle Moossnamen déi effikasst, net nëmme fir Jonker vum Tubak ewechzehalen, mä och fir e weidert Argument bei deene Leit ze bréngen, déi wëllen ophale mat fëmmen.

An England sinn d'Ufänker ënnert de Jugendlechen eréischt dunn erofgaangen, wéi de Präis vum Pak Zigaretten op aacht Euro ëmgerechent an d'Luucht gaangen ass. Affaire à suivre.

De Verbuet vun all Werbung, deen hei an onsem Gesetz wesentlech méi wäit geet, wéi d'europäesch Direktiv et virschreift, ass ganz sécher e Wee an d'Richtung vun der Onattraktivitéit vum Fëmmen.

Mir hunn an der Fraktioun och laang iwwert dëse Punkt diskutéiert. Et ass e Fait, dass duerch e Werbeverbuet ons national Hiersteller wäerte benodeelegt ginn. Mir wëssen, dass d'Publicitéit mat den auslänneschen Zeitungen iwwert d'Grenz kënnt an dass mer doru selwer näischt kënnen änneren. Mä et gëtt Hoffnung: An deene leschte Woche kënnt et an Däitschland - d'Madame Mutsch huet schonn iwwert d'Ëmsetzung vun der Direktiv geschwat, déi lescht Bastioun vun de Fëmmlobbyisten - zu allerhand Bewegung an dësem Dossier, an et ass unzehuelen, dass och si deemnächst gesetzlech Moossname géint d'Tubakswerbung wäerten ëmsetzen.

Souwäit d'Primärpreventioun. Wéi ass et mat der Sekundärpreventioun, dat heescht mam Sevrage? Dëst Wuert gëtt ëmmer erëm am Passiv gebraucht, mä en fait ass de Sevrage eng Aktivitéit, eng aktiv Prozedur, déi vum Süchtege selwer duerchgezu gëtt. Wat mir kënnen ubidden, dat ass eng Hëllef beim Sevrage, sief dat a Form vu Gespréicher, vu verschiddene Medikamenter, deenen hir Wierkung allerdéngs net méi esou sécher ass, wéi et nach virun dräi Joer gesot ginn ass, mat enger Nikotinsubstitutioun oder awer enger Kombinatioun vun dëse Moossnamen. Et ass awer nach ëmmer de Patient selwer, deen de Wëlle muss opbréngen.

Fir dat ze maachen, brauch hie fir d'alleréischt emol déi richteg Argumenter. Et ass d'Aufgab vu sengem Dokter oder vum Beroder, fir dës Argumenter ze bréngen:

Mir wëssen, dass d'Fëmmen iwwer méi wéi 20 verschidde Weeër kann ëmbréngen oder krank maachen. En gros sinn et awer dräi Kategorië vu Krankheeten, déi d'Fëmmen no sech zitt: Déi eng si cardio-vasculaire: Arteriosklerose, Häerzinfarkt, Hireschlag, ass déi éischt. Dann hu mer d'Longekrankheeten: Insuffizienz, chronesch Bronchite, Emphysem; a schliesslech déi verschidde Kriibszorten.

E Fëmmert verléiert, statistesch wuelverstanen, ongeféier 20 bis 30 Joer Liewenserwaardung par rapport zu engem Netfëmmert. Ongeféier d'Halschecht vun de Raacher stierwen un de Folge vun hirer Sucht. Dat wësse mer haut. Dat misst eigentlech jiddferee wëssen.

Bei «Europe contre le cancer», wou ech onst Land jorelaang am Grupp vun de Generaliste vertrueden hunn, ass awer festgestallt ginn, dass dëst Wëssen net duergeet.

De Prozess, deen zum Sevrage féiert, ass bei jiddferengem anescht, an oft kënnt dat verdrängtent Wëssen ëm d'Gefor dann zum Virschäin, wann et engem net esou gutt geet. Et gëtt also fir den Dokter keng besser Geleeënheet wéi zum Beispill eng Bronchite, fir mat sengem Patient vum Sevrage ze schwätzen.

Duerfir ass an deene meeschte Fäll de Sevrage keen nationalen a kee Gruppephenomeen, mä opportunistesch, am englesche Sënn vum Wuert, an individuell; e verleeft an e puer Etappen a féiert an ongeféier 30% déi éischte Kéier zum Zil; mä et kann ee jo nach eng Kéier probéieren, an dann nach eng Kéier.

Aus menger berufflecher Erfahrung weess ech och, an ech hunn et an der Kommissioun och gesot, dass et net wichteg ass, dass Substitutiounsproduiten iwwert d'Krankekeese bezuelt ginn, well d'Lëtzebuerger Mentalitéit „Wat näischt kascht, dat ass näischt" géing do zu engem weideren Hindernis féiere fir deen, deen da motivéiert wier. Hie spuert jo da vill Suen, wann en net méi fëmmt, sou dass e sech déi Patche ka kafen.

Iwwert dat passiivt Fëmme gëtt et dann och haut genee Statistiken - d'Madame Mutsch huet dat scho gesot. Wann een och am Eenzelfall net ka mat Sécherheet soen, ob e gewësse Patient net och Longekriibs kritt hätt, wann hien net exposéiert gewiescht wier - och där wäert et ginn a gëtt et -, kann ee sech op Statistike stäipen, déi aussokräfteg sinn.

Déi bescht Beispiller sinn déi vun de Kanner, déi an hiren Elterenhaiser dem Damp ausgesat sinn, déi kréie méi heefeg Asthma; a Frae vu Männer, déi doheem fëmmen, déi kréie méi oft Longekriibs.

Et ass also ubruecht, alles ze maachen, wat dozou féiert, dass Netraacher an enger dampfräier Atmosphär kënne liewen a schaffen.

Aus dëser Ursaach gesäit d'Gesetz dann ebe Fëmmverbueder op verschiddene Plaze vir, am Artikel 6. Op dee wäert meng Kolleegin Nancy Arendt zréckkommen. Ahem!

Une voix.- Oh, Fëmmerten!

(Hilarité)

Une autre voix.- Profitéiert, well dat ass och geschwë verbueden!

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Am Gesetz sinn dann och Sanktioune virgesinn, wann ee sech net un dës Regelen hält. Dat schéngt ons als CSV-Fraktioun eminent wichteg, mä mir wëlle betounen, dass esou Restriktiounen nëmmen da sënnvoll sinn, wa se och kontrolléiert a sanktionéiert ginn. Mir wäerten also déi praktesch Ëmsetzung vun dësen Artikele mat der néideger Spannung an Opmierksamkeet verfollegen.

En anere Punkt, wou mer kategoresch dofir agetruede sinn, dat ass, dass de Lieu privé aus dësem Gesetz erausbleift. Et ass richteg, dass mer domat keen Afloss hunn an deene Fäll, wou zum Beispill Kanner an hiren Elteren hirem Gallem sëtzen, mä fir d'CSV ass Privat Privat, an esou Virschrëfte wiere letztendlech och net ze kontrolléieren. Déiselwecht Positioun hu mer dunn och vertruede wat d'Altersheemer betrëfft, wou d'Leit jo och wunnen, oder och zum Beispill de Prisong, wou d'Leit jo eigentlech och wunnen, wann och net ganz fräiwëlleg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den zweeten Deel vun onsem Projet handelt dann, wéi gesot, vun den Aarbechtsplazen. Dat sinn d'Artikele 16 a 17. Hei gëtt an engem méi weide Konzept eng Obligation de résultat de santé fir d'Patronen agefouert, fir déi privat an déi öffentlech. Wéi scho gesot, hunn déi zwee zoustänneg Ministërë sech mat vill Engagement drugesat, fir dass d'Interferenzen tëschent Fëmmverbuet an Aarbechtsplazregelung op eng kohärent Aart a Weis an dëst Gesetz kënnten englobéiert ginn.

Dat ass och elo de Fall. Et wäert de Patronen iwwerlooss bleiwen, fir op där enger Säit ze verhënneren, dass Netfëmmerten am selwechte Büro wéi d'Fëmmerte sëtzen an eventuell a sengem Betrib selwer ze campagnen an eng Aide au sevrage ze offréieren, well mer jo net däerfe vergiessen, dass onst Gesetz fir de Schutz vum Fëmmert a vum Netfëmmert antrëtt.

Mir wollten och ee Moment heizou eng Motioun presentéieren, hunn awer an der Diskussioun décidéiert, dat net ze maachen, well mer an ons Ministere Biltgen a Wiseler vollst Vertrauen hunn, dass dës Moossnamen och wäerten zum gegebenen Zäitpunkt kontrolléiert ginn an dass dann eventuell aner Mesurë wäerte virgesi ginn.

Haut de Moien, léif Kolleeginnen a Kolleegen, hate mer op onsem Pult nach en zousätzlechen Avis vun der Chambre du Commerce. Wann ech nodréiglech iwwer verschidde praktesch Punkten nodenken, wéi onst Gesetz soll ëmgesat ginn, dann deet et mer eigentlech leed, dass ech - an ech schwätzen hei fir mech ganz eleng - mech net méi dofir agesat hunn, dass verschidden Iwwergangsregele virgesi wiere respektiv verschidde Punkten nach méi genee sollten definéiert ginn.

Une voix.- Très bien!

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- Ech wëll den Délai uschwätzen, fir Fumoiren opzeriichten. Fir ons Restaurateure geet et elo extrem schëtzeg,…

Une voix.- Très juste!

Mme Martine Stein-Mergen *(CSV)*.- …an dass et duerch de Congé collectif am Summer wäert schwéier ginn, déi Corps-de-métieren ze fannen, déi dës Aarbechten zur Zäit kënnen duerchféieren, dat weess jiddfereen, deen eng Kéier am August eng Panne doheem hat. Ech mengen och net, dass en Délai vun dräi Méint der Kaz e Bockel gemaach hätt, wann ee weess, dass déi gesondheetspolitesch Auswierkunge wa manner Leit fëmmen, zum Beispill op d'Morbiditéits- an d'Mortalitéitsstatistiken u Kriibs, sech wäerten an ongeféier 20 Joer weisen.

D'Fro, déi d'Chambre de Commerce stellt, ob een dann am Privé ass, wann een e Restaurant oder e Centre culturel lount, eng Société close quasi, déi wäert da wuel op de Geriichter entscheet ginn. Well dës Lokaler gi jo eigentlech verlount, an dann huet deen, dee se lount, jo eigentlech dann och d'Recht fir do ze fëmmen.

Eng aner Propositioun vun der Chambre de Commerce iwwert d'Englobéierung vun den Terrassë vun de Pâtisserië schéngt mer awer superflue, well dobaussen ass dobaussen, a mir hei, wéi schonns gesot, keng amerikanesch Verhältnisser wäerten an däerfe kréien.

Mir waren also an onser Begeeschterung vläicht e bësse haseleg, mir hu vläicht e bësse bâcléiert, mä ech mengen, global kann een dëst Gesetz als e Fortschrëtt gesinn. Ech hunn och Vertrauen an ons Geriichtsbarkeet, fir Décisiounen, déi da wuel wäerten op se zoukommen, an engem Geescht vu gesondem Mënscheverstand, Toleranz a Responsabilitéit ze léisen.

Wat meng Confrèren Dokteren ubelaangt, esou kann ech lech soen, dass si mat Ongedold heirop gewaart hunn, well, och wa sech epidemiologesch Besserungen eréischt wäerten no ongeféier 20 Joer weisen, esou wäert et fir deen eenzelne Patient, dee mer dann elo zesummen iwwerzeegt kréien, fir opzehalen, ganz kloer zu enger Verbesserung vu senger Liewensqualitéit kommen.

Ech kann lech dann och zum Schluss mat op de Wee ginn, dass et ëmmer nach, och wann ee schonns laang gefëmmt huet, zu enger Verlängerung vun der Liewenserwaardung féiert, wann een ophält. Et ass also ni ze spéit!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madame Mutsch huet et scho gesot: D'Fräiheet vun deem engen hält do op, wou d'Fräiheet vun deem aneren ageschränkt gëtt. An deem Sënn bieden ech lech, dëst Gesetz ze stëmmen, a bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Stein. D'Wuert huet elo den Här Bettendorf, deen am Numm vun der DP-Fraktioun d'Wuert ergräift.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Merci fir d'Wuert, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen haut, kuerz virun der Summervakanz, och kuerz viru menger Pensioun, an nodeems scho méi wéi e Joer laang kontrovers an der Öffentlechkeet iwwert dëse Projet diskutéiert gouf, zum sou genannten Antitubaks- oder Antifëmmgesetz. De genauen Term ass «Lutte antitabac»,…

Une voix.- Très bien.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- …wat a sech e kämpfereschen, e radikalen Term ass.

Et stëmmt, datt de Gesondheetsminister dem Tubak an de Fëmmerten de Kampf ugesot hat, och wann hien an der Zwëschenzäit e bësse méi konziliant ginn ass. De Minister huet ëmmer gesot: „D'Stoussrichtung ass richteg." Ass dat esou, Här Minister? „D'Stoussrichtung ass richteg." Mir perséinlech geet déi richteg Richtung duer. Et muss net onbedéngt d'Stoussrichtung sinn, wou jiddfereen, deen enger anerer Meenung ass, nidder- oder ewechgestouss gëtt. Et muss net esou sinn, wéi de Zizou um Terrain de Fransouse geschuet huet, wou hie mam Kapp gestouss huet.

Här President, den Term «Lutte antitabac» staamt vun der OMS-Kaderkonventioun, déi Lëtzebuerg de 16. Juni 2003 - Här Minister, wann Der wëllt nolauschteren! -,…

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Dir sollt net esou nervös sinn!

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- …deemno nach ënnert der viregter Regierung, ënnerschriwwen huet, a wou de politesche Wëllen ausgedréckt gouf, fir progressiv den Tubakskonsum weltwäit ze reduzéieren.

Ech war iwwerrascht - ech weess, Här Minister, Dir litt net.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Ouh?

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Dir litt net. Mä wann ech am «Quotidien» haut de Moie liesen: «Il faut préciser qu'il y a deux ans le Luxembourg refusait encore de signer la convention-cadre de l'Organisation mondiale de la Santé pour la lutte antitabac, alors qu'aujourd'hui il y a un consensus.» Ech huelen net un, datt Dir dat gesot hutt, mä datt dat carrément e Feeler vum «Quotidien» ass. Dir géift lech jo net erlaben, eng Onwourecht ze soen, wou déi Conventioncadre ënnert der Demokratescher Partei, wéi déi an der Regierung war, deemools ënnerschriwwe ginn ass. Ech weess, Här Minister, Dir litt net, dofir…

Plusieurs voix.- Ooohhh, aaahhh!!!

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- …déi Richtegstellung hei op dëser Plaz.

Mir als Chamber hunn d'lescht Joer dëser Kaderkonventioun och zougestëmmt. Deemools war dem Gesondheetsminister seng Intentioun, d'Fëmmen an de Restaurant en ze verbidden, schonns bekannt, sou datt déi eenzel Parteie sech schonns deemools positionéiert hunn, och mir, d'Demokratesch Partei, a mir vertrieden eis Meenung vun deemools och nach haut!

Mat dësem Gesetzesprojet soll, zumindest dem Intitulé no, zum Antitubakskampf opgeruff ginn, woubäi et jo awer och haaptsächlech ëm e bessere Schutz vum Netfëmmert vis-à-vis vum Fëmmert geet. Dofir hate mir am Artikel 1 en aneren Text proposéiert, an zwar: «La présente loi a pour objet, dans l'intérêt de la santé publique, de promouvoir la protection des non-fumeurs et la lutte contre le tabagisme.» Eisen Amendement gouf verworf, mä mir mengen, mir wäre mat onsem Text méi crédibel gewiescht.

Här President, mat dem Objektiv, d'Netfëmmerte par rapport zu de Fëmmerten an hirem Tubaksdamp allgemeng ze schützen, kann d'Demokratesch Partei nëmmen averstane sinn. Dat heescht awer net, datt mer eis mat allen Dispositiounen aus dësem Gesetz d'accord erkläre kënnen.

Et ass Usus hei am Haus, Här President, datt een dem Rapporteur Merci seet fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport. Dat kënnt munnechmol vun Häerz, ass heiansdo awer net méi wéi eng héiflech Floskel. Dëse Rapport vun der Présidente-Rapportrice, der Madame Lydia Mutsch, ass excellent geschriwwen an och mëndlech gutt exposéiert ginn, an ech soen hir dofir och e ganz grousse Merci. Ech wäert trotzdeem spéider nach eng Kéier op de Rapport ze schwätze kommen, well menger Meenung no eng Rei Saachen an dësem Rapport net mentionnéiert ginn, eng Rei Saachen, déi doranner net figuréieren.

Ech wëll direkt am Ufank nach eng Kéier déi Ënnerstellungen, déi de Gesondheetsminister Di Bartolomeo hei virun engem Joer vis-à-vis vun der DP an deem Dossier gemaach huet, vehement zréckweisen! Mir stiechen net ënner enger Decke mat der Tubakslobby!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Och dat ass nei.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, däerf ech lech drun erënneren, datt schonns am Joer 1983 den deemolegen DP-Gesondheetsminister Emile Krieps en éischten «Projet de loi portant interdiction de fumer dans certains lieux» ausgeschafft hat. Hei liest een am Exposé des motifs:

«Il devient (…) de plus en plus urgent de faire adopter au moins un

minimum de mesures pour protéger les non-fumeurs contre les méfaits de la fumée du tabac. Car le fait de fumer, plaisir pour les uns, peut devenir malheur pour les autres.

La prise de conscience par le fumeur de la gêne qu'il répand autour de lui et, ce qui est plus grave, des risques pour la santé qu'il fait courir au non-fumeur, devrait inciter à la réflexion tous ceux qui choisissent à l'encontre du bon sens de s'intoxiquer progressivement en continuant de fumer.

Si les mesures proposées sont comprises, elles devront aider les fumeurs à se rendre compte qu'ils n'ont pas le droit de transformer, avec les risques que cela comporte, les non-fumeurs en fumeurs malgré eux.

L'intoxication du fumeur passif, elle est indubitable si on l'oblige à séjourner longuement dans un local enfumé, non ou mal ventilé.

Il est ainsi suffisamment établi que la fumée de tabac provoque pour le non-fumeur des effets qui vont nettement au-delà de la simple gêne. Aussi les non-fumeurs peuvent-ils légitimement s'attendre à ce que les fumeurs s'abstiennent de fumer dans certains lieux publics que l'on n'a pas le choix de ne pas fréquenter.»

Op dëse leschte Punkt kommen ech nach spéider zréck.

Compte tenu vun deem, wat ech elo hei virgelies hunn a wat en DP-Minister virun 23 Joer geschriwwen huet, kann een net heihinner kommen a soen, eis Partei géif der Tubakslobby op de Läim goen. Och ass jo d'OMS-Kaderkonventioun vun DP-Ministeren ënnerschriwwe ginn.

Neen, Här President,…

(Interruption)

2003, Här Minister, ass déi ënnerschriwwe ginn,…

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- An net ratifizéiert!

M. Niki Bettendorf *(DP).*- …wou d'Demokratesch Partei an der Regierung war. Här Minister, ech hunn elo grad gesot, Dir hätt net gelunn an der Zeitung, mä wann ech Är Reaktioun héieren, da froen ech mech, ob Der net awer wëssentlech am «Quotidien» haut de Moien nach d'Onwourecht gesot hutt.

(Interruption)

Neen, Här President, mir sinn net d'Partei vun enger Tubakslobby, mä et muss awer erlaabt sinn, wichteg Froen ze stellen. An elo sinn ech erëm beim Rapport vun der Santéskommissioun: Vläicht hätt d'Ekonomieskommissioun och missen zu dësem Projet hiren Avis ofginn.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Elo kommt Der erëm op de Buedem…

M. le Président.- Här Minister, et ass elo um Här Bettendorf!

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Mir hunn eng national Tubaksindustrie hei zu Lëtzebuerg, déi ronn 700 Aarbechtsplaze staark ass. Dat sinn och am Ganzen a mat allem ronderëm wäit iwwer 1.000 Aarbechtsplazen, an ech mengen, och dat soll een an dëser Diskussioun net vergiessen.

Mir mussen och wëssen, datt mer iwwert den Droit d'accise autonome - nëmmen den Droit d'accise autonome - hei zu Lëtzebuerg 50 Milliounen Euro an de Statssäckel erakréien, an datt iwwert d'Union économique belgo-luxembourgeoise méi wéi 422 Milliounen Euro verdéngt ginn, wouvu mir och e groussen Deel vun deene Suen an eise Statssäckel kréien. Dat ass e Fait, an dat huet näischt mat enger Tubakslobby ze dinn. Dat ass de Lëtzebuerger Stat, deen hei Suen akasséiert.

Iwwerhaapt, Accisen en général: Et muss ee wëssen, datt dem Lëtzebuerger Stat säi Budget zu 25% am Ganze vun Accisë gespeist gëtt. Ech mengen also, hei wier et richteg gewiescht, datt och eng Ekonomieskommissioun e Wuert matgeschwat hätt.

Mä mir sinn hypocrite an déi Hypokrisie fënnt sech och op europäeschem Niveau erëm, wou den Tubak zwar verdäiwelt gëtt, gläichzäiteg awer den Tubaksubau mat ronn enger Milliard Euro d'Joer subventionéiert gëtt. Dat muss ee sech emol virstellen!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Bis 2008.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- Et wier ze wënschen.

Une voix.- Bis 2008.

M. Niki Bettendorf *(DP).*- De Volet Impakt op eis einheimesch Tubaksindustrie mat hire ronn iwwer 1.000 Aarbechtsplaze gëtt net emol ugedeit.

Här President, ech mengen, iwwert d'Risiken an d'Geforen, déi d'Fëmme mat sech bréngt, ass haut jiddferee sech bewosst. Jiddfereen, ob ee fëmmt oder net fëmmt, weess, datt den Tubak der Gesondheet schuet. Et kann haut kee méi behaapten, hien hätt net en connaissance de cause gefëmmt. Wien ass haut nach esou naiv a gleeft u Slogane vu Fräiheet, Virilitéit oder Feminitéit vun Tubaksreklammen? Een, dee fëmmt an deen déi Erkenntnisser verdrängt, gëtt ëmmer erëm op en Neits drun erënnert. D'Sensibiliséierungscampagnë lafe schonns säit Joren a gi mat der Zäit ëmmer méi schlagkräfteg.

Esou sollen an Zukunft net nëmmen Texter op den Zigarettepäck ze liese sinn, wou op d'Geforen higewise gëtt, mä och ofschreckend Fotoen. Spoten, déi an hirer Gräisslechkeet kaum ze iwwertreffe sinn, lafen op der Televisioun. Iwwert d'Crédibilitéit an den Impakt vun esou iwwerdriwwene Spoten, och wa se gutt gemengt sinn, léisst sech diskutéieren, grad eméi iwwert den Impakt vum Reklammeverbuet fir d'Tubaksprodukter, wat jo eng europäesch Décisioun ass.

Iwwregens, ech war iwwerrascht iwwert d'Europa-Décisioun: keng Reklamm. Kucken ech de Grand Prix vu Monaco, da gesinn ech, datt op de Ferrarië grouss „Marlboro" dropstoung. Europäesch Direktiven, an awer Ausnahme matzen an Europa: Dat gëtt engem ze denken!

Wat mer brauchen, ass eng éierlech an eng seriö Opklärungscampagne iwwert d'Gefore vum Tubak. Déi bescht Method fir perséinlech dem Tubaksproblem, dat heescht der Tubaksofhängegkeet aus dem Wee ze goen, ass a bleift déi fir iwwerhaapt net mam Fëmmen unzefänken. Haaptsächlech muss eis Jugend sensibiliséiert an informéiert ginn. D'Etüden an d'Realitéit weisen eis, datt vill Fëmmerten ëmmer méi jonk mam Tubakskonsum ufänken, an datt d'Unzuel vun deene méi jonke Fëmmerten ëmmer méi zouhëlt.

Et ass hei d'selwecht wéi mat dem Drogekonsum, deen ech virun zwou Wochen hei an der Chamber beliicht hunn. Iwwregens, Dir alleguerten, Dir kommt hei an d'Chamber an Dir gitt heiansdo emol duerch d'Groussgaass en Tour maachen. Da wäert et lech och opfalen, datt virun allem méi jonk Meedercher mat Zigaretten am Mond dorëmmer lafen. Dat ass eppes, wou ech mengen ze mierken, datt mer mat eisen Opklärunge vis-à-vis vun der Jugend falsch leien. Mir musse weider Effortë maachen, fir ze verhënneren, datt eis jonk Matbierger an Tentatioun kommen, fir iwwerhaapt unzefänken.

An deem Kontext ass och de Verkafsverbuet u Jugendlecher ënner 16 Joer ze begréissen. Mä wann ee weess, wéi einfach eis Jugendlech haut u Cannabis erukommen, da fäerten ech, datt de Verkafsverbuet kee groussen Impakt wäert hunn. Mä d'Signal, dat mer domadder setzen, ass sécherlech richteg. Weider Effortë mussen ënnerholl ginn, fir deenen, déi tubaksofhängeg sinn, an hirem Beméien, fir hirer Sucht lasszeginn, ze hëllefen.

D'Demokratesch Partei vertrëtt weiderhin d'Meenung, datt Substitutiounsmëttele wéi Nikotinspatche sollte vun der Krankekeess rembourséiert ginn. Ech wollt do am Fong geholl eng Motioun erabréngen. Et sollt awer eng vun der Majoritéit kommen; an déi ass dann natierlech net komm. Meng Virriednerin, d'Madame Stein-Mergen, huet hei gesot, dat wier net de richtege Wee: Eppes wat näischt géif kaschten, dat wier och näischt. Si ass also der Meenung, datt een déi Patchen net soll rembourséieren. Dont acte.

Här President, ech kommen elo zu der Protektioun vun den Netfëmmerten. Heibäi handelt et sech ëm d'Kärstéck vun dësem Gesetzesprojet an ëm dee Punkt, notamment de Fëmmverbuet an de Restauranten, deen am Virfeld am meeschten diskutéiert gouf. D'Demokratesch Partei war vun Ufank u géint e radikaalt an totaalt Fëmmverbuet an de Caféen a Restaurantë wéi an Irland an an Norwegen a wéi ufanks vun eisem Gesondheetsminister ugekënnegt.

Am Mäerz d'lescht Joer huet et dunn an enger Äntwert op eng parlamentaresch Ufro vun eisem Kolleeg Claude Meisch geheescht: «Des espaces fumeurs bien séparés pourraient être aménagés sous des conditions à définir.» De Minister war entre-temps schonns e bësse méi verstänneg ginn.

D'DP ënnerstëtzt all Mesure, déi zu engem bessere Schutz virum Tubaksdamp bäidréit, wéi et d'Kaderkonventioun vun der OMS och virgesäit. Mir sinn der Meenung, datt op deene Plazen, wou een de Choix net huet, fir net dohinner ze goen, et soll verbuede sinn ze fëmmen. «Aussi les non-fumeurs peuvent-ils légitimement s'attendre à ce que les fumeurs s'abstiennent de fumer dans certains lieux publics que l'on n'a pas le choix de ne pas fréquenter», huet den Emile Krieps 1983 a sengem Projet de loi gefrot, am Exposé des motifs.

Mir kruten dat éischt Gesetz 1989, also méi wéi sechs Joer duerno. A wat aus deem Gesetz ginn ass, dat wësse mer: Et huet kee sech dru gehalen!

Wat d'Lieux publics intérieurs betrëfft, esou besteet e Fëmmverbuet - ech hunn et schonns gesot - säit 1989. Hei handelt et sech ëm öffentlech Gebaier wéi Post, Gare, Flughafen a méi. Allerdéngs gëtt de Fëmmverbuet net iwwerall, bal néierens agehalen.

De Schutz virum Tubaksdamp op der Aarbechtsplaz ass sécherlech eng vun den Haaptprioritéiten. Mat deene Mesuren hätt een eigentlech missen ufänken, ier een e Fëmmverbuet am Restaurant an an de Caféen annoncéiert. Och wann Der elo sot, et géif sech hei ëm e Lieu de travail handele fir déi, déi do schaffen. Op der Schaff huet een de Choix net, fir dohinner ze goen oder net, an et bréngt een all Dag mindestens aacht Stonnen do zou. Datselwecht géllt fir d'Schoulen. Et ass kloer, datt hei d'Recht vun den Netfëmmerten op propper Loft muss am Vierdergrond stoen. Hei muss op den éducativë Volet gepocht ginn.

Bei Caféen a Restauranten handelt et sech awer net ëm öffentlech Raimlechkeete wéi eng Post oder eng Gare, et handelt sech och net ëm e Büro. Et handelt sech ëm e Lieu de rencontre a privatem Eegentum, wou traditionell gefëmmt gëtt a wou kee gezwonge gëtt, dohinner ze goen.

Passivfëmmen ass - an dat hunn ech schonns gesot - schiedlech; do däerfe mer net méi drun zweifelen. Ech mengen awer net, datt dee gréisste Schued an engem Restaurant entsteet. Wann een do fëmmt, dat stéiert, hëlt engem de Plëséier beim lessen an ass ganz einfach onhéiflech vun deem respektive Fëmmert. Dat mécht een net. Mä, emol éierlech: Kann een do wierklech vu systemateschem Passivfëmme schwätzen?

Ass et net éischter dat regelméissegt passiivt Fëmme bei de Kanner oder engem Partner doheem, an den eegene véier Wänn, dat gesondheetsschiedlech ass? Hei misst ee méi geziilt d'Eltere responsabiliséieren, net a Presenz vun hire Kanner ze fëmmen. Verbidde kann een hei natierlech näischt.

Am Restaurant gëtt et elo awer verbueden, ob de Patron wëllt oder net. An hei handelt et sech och, wéi schonns gesot, ëm Privateegentum. Elo kann ee soen, eng Entreprise, e Spidol oder eng Schoul kann och Privateegentum sinn, okay, mä et kann een dat awer net mat engem Restaurant oder enger Brasserie vergläichen, wou een net onbedéngt muss higoen a wou een och nëmmen eng kuerz Zäit verbréngt, ausser wann een do schafft.

Mä deen Aspekt gëtt elo och net vun dësem Gesetz kloer geregelt. Och däerf zum Beispill kee Garçon oder keng Serveuse an e Fumoir eragoen.

Holland huet d'Distinctioun gemaach tëscht deene Lokaler, wou Personal agestallt gëtt, an deenen, wou de Wiert oder de Patron eleng schafft. Déi Distinctioun hu mir net gemaach.

A Spuenien géllt d'Obligatioun fir e Fumoir anzeriichte bei Restaurantë vu méi wéi 100 m2. Restauranten, déi méi kleng sinn, mussen de Choix maachen tëscht Fëmme verbueden oder erlaben. Déi Distinctioun hu mir hei zu Lëtzebuerg och net gemaach.

An de Brasserië géllt de Fëmmverbuet während verschiddenen Zäitplagen, wou lessen zerwéiert gëtt. Hei gëtt manifestement den Tubaksdamp op eng Gêne während dem lesse reduzéiert, wat et jo un éischter Stell och ass.

Am Artikel 16, wou et ëm d'Sécuritéit an ëm d'Gesondheet op der Aarbechtsplaz geet, steet notamment: «L'employeur … [prend] les mesures nécessaires afin que les travailleurs soient protégés de manière efficace contre les émanations résultant de la consommation de tabac d'autrui.»

E Règlement grand-ducal soll an deem Kontext d'Obligatioune vun dem Employeur regelen. Dëse Règlement grand-ducal huet natierlech nach kee gesinn.

An eisem Rapport steet, datt dës Dispositioun och d'Caféen, d'Baren an d'Diskothéike betrëfft. Wéi soll dat alt erëm eng Kéier an der Praxis ausgesinn? Bréngt dat net indirekt e Fëmmverbuet och an de Caféen, wat jo déi éischt Intentioun vun eisem Gesondheetsminister war, mat sech? Do wäerten, no amerikaneschem Muster, Prozesser an d'Haus stoen.

Firwat dann net op de Wee vun enger Aféierung vu Fëmmfräizonen op fräiwëlleger Basis goen?

D'Demokratesch Partei kritiséiert och weiderhin, datt hei per Gesetz vun uewen erof soll e Verbuet imposéiert ginn. Firwat net méi Vertrauen an d'Horesca hunn? Firwat net dem Beispill vun Holland oder Éisträich follegen an op de Wee vun engem Accord goen? Misst hei net nom Prinzip vun der Subsidiaritéit gehandelt ginn an een der Horesca d'Chance ginn, déi Saach selwer an de Grëff ze kréien?

D'Horesca selwer seet, datt 80% vun den Employeuren am Horesca-Secteur géint e Fëmmverbuet wären. Déi concernéiert Leit fäerte ganz einfach, datt se een net négligeablen Deel vun hirer Clientèle verléieren, sinn awer bereet, Efforten ze maachen, fir déi Leit, déi net fëmmen - an dat ass statistesch gesi jo ëmmerhin d'Majoritéit -, besser ze schützen.

Mir hunn en Amendement preparéiert, aus deem ervirgeet, datt den Exploitant ka fräi entscheeden, ob bei him gefëmmt gëtt oder net, ob et e Fëmmraum an en Netfëmmraum gëtt. An deem leschte Fall muss en adequate Fëmmraum ageriicht ginn.

Mir hunn am Amendement stoen: «Les exploitants des établissements de restauration, des salons de consommation, des pâtisseries et des boulangeries ainsi que des autres débits de boissons servant des plats du jour doivent clairement indiquer à l'entrée de leur établissement s'il s'agit d'un local fumeur, exclusivement non-fumeur ou bien mixte.

Afin de faciliter la coexistence de fumeurs et non-fumeurs dans les locaux mixtes, des fumoirs doivent être spécialement aménagés à cette fin par l'exploitant des lieux ou bien disposer de pièces séparées par des cloisons étanches, et qui sont spécialement signalées comme pouvant accueillir des fumeurs.»

An da schwätze mer, wéi esou e Fumoir muss ausgesinn: «système d'extraction ou d'épuration d'air», datt musse Schëlder do sinn an esou weider an esou virun. Bon, dee wäert lech herno ausgedeelt ginn.

Mir froen och fir deen do Fall, Här Minister: «Une période transitoire d'une année à partir de l'entrée en vigueur de la présente loi est destinée à permettre aux exploitants de locaux mixtes dont question au point ci-dessus d'effectuer les aménagements nécessaires, c.-à-d. l'aménagement de fumoirs ou d'une pièce séparée par des cloisons étanches.»

D'Äntwert op eisen Amendement schéngen ech ze kennen, well Dir hutt och an engem „Tageblatt"-Interview gesot: Dat kënnt fir eis net a Fro. D'Gesetz trëtt direkt a Kraaft. Also: Mir probéieren et. Mir bréngen den Amendement eran, an d'Majoritéit mécht natierlech domat, wéi si et fir gutt fënnt.

Amendement 1

L'article 6 est amendé comme suit:

Le point 13 du paragraphe 1er ainsi que le paragraphe 4 sont supprimés. Le paragraphe 3 aura la teneur suivante:

(3) Les exploitants des établissements de restauration, des salons de consommation, des pâtisseries et des boulangeries ainsi que des autres débits de boissons servant des plats du jour doivent clairement indiquer à l'entrée de leur établissement s'il s'agit d'un local fumeur, exclusivement non-fumeur ou bien mixte.

Afin de faciliter la coexistence de fumeurs et non-fumeurs dans les locaux mixtes, des fumoirs doivent être spécialement aménagés à cette fin par l'exploitant des lieux ou bien disposer de pièces séparées par des cloisons étanches, et qui sont spécialement signalées comme pouvant accueillir des fumeurs.

La pièce séparée doit être munie d'un système d'extraction ou d'épuration d'air. Les caractéristiques techniques du système d'extraction ou d'épuration d'air seront fixées par règlement grand-ducal.

La pièce séparée doit être installée de manière à réduire au maximum les inconvénients de la fumée vis-à-vis des non-fumeurs et ne peut être une zone de transit.

Un ou plusieurs signaux rappelant l'interdiction de fumer dans les espaces réservés aux non-fumeurs doivent être posés de telle sorte que toute personne présente puisse en prendre connaissance.

L'exploitation de la pièce séparée est soumise à l'autorisation préalable du ministre ayant la Santé dans ses attributions, qui ne l'accorde sur rapport de l'Inspection sanitaire que si les exigences prévues au présent article sont remplies.

L'Inspection sanitaire veille au respect des exigences précitées.

Une période transitoire d'une année à partir de l'entrée en vigueur de la présente loi est destinée à permettre aux exploitants de locaux mixtes dont question au point ci-dessus d'effectuer les aménagements nécessaires, c.-à-d. l'aménagement de fumoirs ou d'une pièce séparée par des cloisons étanches.

(s.) Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Henri Grethen, Claude Meisch, Carlo Wagner.

Här President, mir sinn der Meenung, et soll een et dem Patron iwwerloossen, ob a sengem Restaurant gefëmmt gëtt oder net. Entweder et handelt sech ëm e fëmmfräie Restaurant oder et däerf do gefëmmt ginn. Dëst soll kloer an der Entrée affichéiert ginn.

Mir sinn och fir d'Ariichte vu sou genannte Fumoiren an deene Lokaler, wou Fëmmerten an Netfëmmerte solle koexistéieren. Mir sinn awer géint d'Imposéiere vun enger Maximalsurface fir dës Fumoiren.

Och menge mer, datt hei eng Période transitoire - an ech hunn et erkläert - misst gëllen, fir et den Exploitanten ze erlaben, dës Fumoiren, déi effektiv sollen hermetesch zou sinn, mat enger adequater Entlüftung kënnen anzeriichten.

Wéi soll dat Ganzt dann an der Praxis ausgesinn, wou dann och ee vu 16 Joer oder ënner 16 Joer net däerf an esou e Fumoir eragoen? Muss de Patron, den Exploitant vun engem Restaurant, och elo an Zukunft nach en Türsteher virun dee Fumoir stellen, fir datt do keen ënner 16 Joer erageet?

Am Rapport vun der Gesondheetskommissioun steet, datt mat Satisfaktioun géif festgestallt ginn, datt ëmmer méi Restauranten als Espace non-fumeur géifen ëmgewandelt ginn. Weist dat net, datt mer keng gesetzlech Zwangsjack brauchen?

An der Kommissioun hu mer öfters gesot kritt, datt e Restaurant zu Esch vill Succès hätt, well hien e fëmmfräie Restaurant wier. D'Leit géifen dohinner lafen. Mä tant mieux, wann dat esou ass! Da bräichte mer jo och kee Gesetz. Da bräichten nëmmen déi Leit, déi esou e Restaurant hunn, ze soen: „Bei eis gëtt net gefëmmt", an da lafen d'Leit dohinner. Genausou kënnt et sinn, datt een, deen e Restaurant huet, deen eng aner Clientèle huet, wou ebe gäre gefëmmt gëtt, géif soen: „Bei eis gëtt gefëmmt", an da geet deen net méi doran, deen net wëllt, datt hie sech iergendwou befënnt wou ebe gefëmmt gëtt.

Une voix.- Très bien.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Här President, wat d'Mise en vigueur vum Gesetz ubelaangt, do proposéiert d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei eng Période transitoire - ech hunn et gesot - zu dësem Punkt ebe just vun engem Joer.

An engem Bréif un de Gesondheetsminister huet d'Confédération luxembourgeoise du Commerce mat der Horesca kloergemaach, firwat eng Mise en vigueur différée vum Gesetz misst virgesi ginn, an dat well een net kann déi Dispositiounen, déi am Gesetz stinn, vun engem Dag op deen aneren ëmsetzen.

Esou brauchen d'Geschäftsleit, déi Zigarettenautomaten hunn, dräi bis sechs Méint, fir dës Automaten ëmzerüsten. Dat ass awer néideg, soss kënne sech Mineuren zerwéieren, an de Geschäftsmann ass schëlleg. Et ass onverantwortlech, wa mer keng räsonnabel Délaien an engem Gesetz virgesinn.

An dofir, eisen Amendement, mengen ech, ass en Amendement de bon sens, an ech hoffen, datt mer dofir heibannen eng Zoustëmmung fannen. Do fält dach kengem eng Zack aus der Kroun, Här President, dofir eisen zweeten Amendement.

Amendement 2

L'article 9 sera complété d'un alinéa supplémentaire et aura la teneur suivante:

Art. 9. Il est interdit de vendre du tabac et des produits du tabac à des mineurs âgés de moins de seize ans accomplis.

Tout exploitant d'appareils automatiques de distribution délivrant du tabac et des produits du tabac est tenu de prendre des mesures empêchant les mineurs âgés de moins de seize ans accomplis d'avoir accès auxdits appareils.

Une période transitoire de six mois à partir de l'entrée en vigueur de la présente loi est destinée à permettre aux exploitants d'appareils automatiques de distribution délivrant du tabac et des produits du tabac de prendre les mesures nécessaires afin d'empêcher les mineurs âgés de moins de seize ans accomplis d'avoir accès auxdits appareils.

(s.) Niki Bettendorf, Anne Brasseur, Henri Grethen, Claude Meisch, Carlo Wagner.

M. le Président.- Merci.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- D'Confédération luxembourgeoise du Commerce huet och eng Informatiounscampagne an der Maach, fir hir Membere richteg an d'Bild ze setzen, wéi d'Gesetz muss gehandhaabt ginn. Och dofir brauche si e puer Méint Zäit, och well jo nach d'Règlement-grand-ducalë mat den Ausféierungsbestëmmungen hei feelen.

Ech ka mech erënneren, datt eise Gesondheetsminister, déi Zäit wou hien an der Oppositioun war, an der Santéskommissioun ëmmer gesot huet: Ech stëmme kee Gesetz méi, wann de Règlement grand-ducal oder d'Règlement-grand-ducalen net derbäileien. Hei verlaangt hie vun eis, datt mir sollen e Gesetz stëmmen, wou nach eng Rei vu Règlement-grand-ducalen net geholl sinn!

Och zum Beispill muss de Commerçant seng Rechter kennen, fir den Alter vum jonke Mënsch gewuer ze ginn, ob deen nach mannerjähreg ass oder net, ob hien him däerf Zigarette verkafen oder net. Wéi dat soll gehandhaabt ginn, wësse mer och net.

Datselwecht gëllt natierlech och fir d'Restaurateuren, wat d'Installatioun vun enger Fëmmzon ubelaangt. Wéi muss dat geschéien? Wat sinn hei d'Virschrëften? Och hei - ech hunn et schonns gesot - brauch ee räsonnabel Délaien, och hei waarde mer op e Règlement grand-ducal, deen eis nach net virgeluecht gouf. Ginn d'Propriétairë vun de Restauranten am Virfeld vun der Publikatioun vun dësem Règlement grand-ducal an d'Bild gesat? Och hei brauch ee räsonnabel Délaien, a virun allem feelen d'Ausféierungsbestëmmungen zum Gesetz. Wéini kommen déi noutwendeg Règlement-grand-ducalen?

Här President, d'Confédération luxembourgeoise du Commerce huet an hirem Bréif un de Gesondheetsminister dat geschriwwen, wat ech elo hei exposéiert hunn. An zum Schluss vun hirem Bréif, do steet: «Dans l'espoir, Monsieur le Ministre, de vous voir accorder une réponse favorable à la présente, veuillez agréer...» Ech wollt dofir den Här Minister froen, ob hie schonns der Confédération luxembourgeoise du Commerce geäntwert huet op hire Bréif. Wann net, wat gedenkt hien ze äntwerten? Oder ass hie mat eis averstanen, fir eng Période transitoire anzeféieren?

Här President, ech kommen elo zur Kontroll an de Contraventiounen. Am Mäerz vun dësem Joer hat de Claude Meisch, eise President vun der Demokratescher Partei, eng Question parlementaire notamment un de Gesondheetsminister, un de Justizminister an un de Finanzminister geriicht, fir ze wëssen - well dee Moment war dat nach net kloer -, wien da géif d'Applikatioun vun dësem Gesetz kontrolléieren, ob d'Police an d'Douane eventuell déi Aufgab géifen iwwerhuelen. Déi zoustänneg Ministeren, Justiz- a Finanzministeren, hunn deemools net geäntwert.

Elo wësse mer, datt d'Police an d'Douane d'Éier hunn, dës Aufgab ze iwwerhuelen. Wéi wäert dat an der Praxis ausgesinn? Gëtt den Inspekter Schnüffel an d'Restauranten an an d'Brasserië geschéckt, fir d'Leit in flagranti mat der Zigarett am Bak ze erwëschen? Gëtt verbaliséiert, wann an engem Café um fënnef vir zwou schonns gefëmmt gëtt, obwuel d'Gesetz d'Plage horaire, wou verbueden ass ze fëmmen zwëschent 12 an 2 an zwëschent 7 an 9 owes, festleet?

Et sollen déi, déi onerlaabt fëmmen, grad ewéi den Exploitant vun deem Lokal, wou onerlaabt gefëmmt gëtt, bestrooft ginn. Et riskéiert een - an ech zitéieren den Här Gesondheetsminister - „säfteg Strofen". «Avertissements taxés» tëschent 25 an 250 Euro ginn am Artikel 10 ugedréit, fir de Restaurateur 251 bis 1.000 Euro, wann anzwousch gefëmmt gëtt wou et verbueden ass. Den Artikel 11 seet weider: «Le montant de la taxe ainsi que les modes de paiement sont fixés par règlement grand-ducal qui détermine aussi les modalités d'application du présent article.»

Ech weess et net, wéi dat do gehandhaabt gëtt! Kënnt den Inspekter Schnüffel als Geheimen an de Café oder kënnt hien an Uniform? Wéini muss ee 25 Euro bezuelen? Wéini 50 Euro? Wéini 100 Euro? Wéini 150 Euro? Wéini 250 Euro? Kënnt dat op d'Zuel vun de Kippen un, déi an de jeeweilegen Äschentellere leien, oder wéi gëtt dat gehandhaabt?

Här Minister, Dir laacht doriwwer, mä wou ass Äre Règlement grand-ducal? Firwat ass dëse Règlement grand-ducal net ausgeschafft? Et ass liicht, eppes an d'Welt ze setzen, mä fir dat an d'Praxis ëmzesetzen, dat ass vill méi schwéier! Dat huet d'Gesetz vun 1989 eis bewisen.

Ech mengen, ech hunn deslescht hei geschwat, datt d'Douane zum Beispill nëmmen eng limitéiert Zuel vun Officiers de police judiciaire huet. Kritt se der elo derbäi, wat ech d'leschte Kéier gefrot hunn, fir déi Zuel aus dem Gesetz erauszehuelen,…

Une voix.- Leider net.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- …oder wäert et och an der Zukunft esou bleiwen, datt, wann en Douanier eng Infractioun feststellt, den Douanier da muss e Polizist ruffen, fir datt dee ka verbaliséieren?

Une voix.- Dee kënnt mam Helikopter.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Also Dir gesitt, Här President, hei feelt et nach vill un Ausféierungsbestëmmungen, a mir sinn nach laang net duerch de Bësch.

Ech kommen elo zum Schluss. Wéi seet eise Gesondheetsminister esou gären, an ech widderhuele mech: „D'Stoussrichtung stëmmt." Just mat senger Stoussrichtung hunn ech meng Schwieregkeeten. Ech sinn d'accord mat Propositiounen, déi an déi richteg Richtung ginn, mä et soll net sinn, datt alles a jiddfereen, deen net der Majoritéitsmeenung ass, ewechgestouss gëtt. Dat geet menge liberalen Iwwerzeegungen dach ze wäit.

Et däerf net zu enger Stigmatiséierung vun de Fëmmerten an eiser Gesellschaft kommen. Vill Leit, déi fëmmen, komme gären dovunner lass, hunn och schonns öfters probéiert, awer net all hu bis haut réusséiert. Mir wëlle vermeiden, datt et zu engem Clash kënnt zwëschent Fëmmerten an Netfëmmerten. Dat léist keng Problemer, et ginn der héchstens neier geschafen.

Ouni wëllen esou wäit wéi den Avis minoritaire vum Statsrot ze goen, esou huet eis Fraktioun awer e Problem mat där politescher Entwécklung, déi dozou féiert, alles wëlle per Gesetz ze regelen.

(Interruption)

Dat ass en Trend, deen op europäeschem Niveau ëmmer méi Opdriff kritt, mä oft gi mir nach méi wäit, wéi dat vu Bréissel verlaangt gëtt. Den Individuum soll méiglechst effikass viru sech selwer geschützt ginn. Et bleift keng Plaz méi fir Eegeverantwortung.

Dëser Zort vun „Legalismus", bei deem d'Buschtawe vum Gesetz iwwer allem stinn, a wou d'Gesetzer geschwënn d'Liewen, souguer d'Privatliewe vum Eenzelne bis an de leschten Detail wëlle regelen, sti mir mat grousser Skepsis géintiwwer. Wéini dierfe mer keng Knippercher méi iessen? Wéini ass et mat den Hotdogs eriwwer? Lauter Froen, déi eis an der Zukunft hei wäerte beschäftegen.

Här President, compte tenu vun deene villen Onkloerheeten, déi eréischt spéider duerch e Règlement grand-ducal solle preziséiert ginn, a sollten eis Amendementer net zréckbehale ginn, wäert d'Demokratesch Partei sech bei dësem Projet de loi enthalen.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Bettendorf.

M. Niki Bettendorf *(DP)*.- Dir däerft och nach eng fëmmen alleguerten.

M. le Président.- Nächste Riedner ass den honorabelen Här Jean Huss vun deene Gréngen. Här Huss!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an de Joren 1983 - huet eis den Här Bettendorf elo hei erzielt - an 1989 waren hei zu Lëtzebuerg éischt Gesetzer iwwert d'Fëmmen décidéiert ginn. Zënterhier ass awer ganz vill bloen Damp duerch eist Land gezunn, well dës Gesetzer praktesch ni an néierens kontrolléiert a wierklech ugewannt goufen, esou datt mer dann haut endlech elo en neien Ulaf mussen huelen, nodeem eis eng Partie vun europäeschen an och aussereuropäesche Länner iwwerholl a couragéiert virgemaach hunn, wéi een dësem Fléau ka wierksam entgéintrieden.

Déi elo haut hei virleiend Versioun vun dësem Gesetz ass ouni Zweifel nettement besser wéi den Ausgangsprojet, deen d'Regierung am Ufank déposéiert hat. Dat ass de Mérite vun eiser Rapportrice a vun enger Partie vu Leit aus de Majoritéitsfraktiounen an och vun deene Gréngen, mä selbstverständlech awer och haaptsächlech de Mérite vun der beharrlecher Opklärungsaarbecht vun der Fondation luxembourgeoise contre le cancer a vun den Dokteschorganisatiounen.

Als Gréng hate mir am Kader vun enger Pressekonferenz virun zwee, dräi Méint eis Kritiken um Gesetz an eis Amendementsvirschléi onmëssverständlech duergeluecht, an och kloer Fuerderunge formuléiert, op wat fir enge Punkten dat ursprünglech ganz schwaacht Gesetz misst verbessert ginn. Mir hunn och eis Amendementsvirschléi an d'Kommissioun eraginn; déi missten also hei virleien.

Wa mer déi haut op enger Rei vu Punkte verbessert Versioun hei virleien hunn, dann huet dat awer och ouni Zweifel a ganz wesentlech mat de rezente positive Beispiller aus dem Ausland ze dinn; Irland, Schottland, Italien, fir der nëmmen e puer ze nennen. Beispiller, déi och enger Partie vu Lëtzebuerger Politiker scheinbar méi Courage gemaach hunn, fir drop hinzewierken, fir den ursprünglechen Text wëllen ze verbesseren.

Dir Dammen an Dir Hären, wann déi Gréng sech herno beim Vote trotzdeem wäerten enthalen, da sécher net aus deeneselwechte Grënn wéi d'DP. Am Géigendeel: An eisen Ae bleift deen elo virleienden Text an enger Rei vu Punkten inkohärent an ongenügend, an op enger Rei vun anere Punkten hätte mir eis méi politesche Courage an och méi Preventiounsbereetschaft, an ëmgekéiert manner faul Kompromësser erwaart. Dës Punkte wéilte mer haut op dëser Tribün just nach eng Kéier kuerz résuméieren, well se am Fong zënter eiser Pressekonferenz an der Öffentlechkeet bekannt sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Risiken an d'Gesondheetsgefore vum Tubaksdamp sinn zënter Laangem bekannt; déi grouss Zuel vu Kranken a vun Doudesaffer plus ou moins och. Ech géif haut perséinlech net op all déi ronn 2.000 ënnerschiddlech Schadstoffer agoen, déi am bloen Damp an engem befëmmte Raum do sinn an ageotemt ginn. De Fait ass, datt dëse bloen Damp wëssenschaftlech a medezinesch noweisbar zu ganz villen Häerzkreeslaferkrankungen, Oderproblemer, Häerzproblemer, Häerz- an Hireschlag ka féieren.

Bekannt ass och dee groussen Undeel dovunner beim Kriibs: net nëmme Longekriibs, mä och Kriibs am Mond- an Halsberäich, Kriibs vun den Otemweeër, Blosekriibs an esou virun. Vu méi banalen, méi lästegen Otemweeerkrankunge wéi chroneschen Houscht, Bronchiten, Halswéi oder Asthma net emol ze schwätzen.

Dës Fakte weisen onmissverständlech, datt et sech beim Tubaksdamp net nëmmen ëm eppes handelt, wat ee just stéiert, wat just eng Gêne, en Iergernis wier, well no engem Owend am bloen Damp d'Kleeder oder d'Hoer nom Zigarettendamp sténken. Neen! De bloen Damp - deen och vu munchen heibannen nach ëmmer schéngt total ënnerschätzt ze ginn - ass absolut net harmlos, mä carrément eng vun deene gréisste Gesondheetsgeforen iwwerhaapt! A wa mer am Kontext vun der Gesondheetspolitik de Begréff „Preventioun" iwwerhaapt nach wëlle seriö huelen, da misste mer eigentlech alleguerten heibanne méi Konsequenz a méi politesche Courage un den Dag leeën!

Dir Dammen an Dir Hären, wat op de Fëmmert selwer zoutrëfft, op seng Gesondheetsrisiken, dat gëllt no de wëssenschaftlechen Erkenntnisser aus deene vergaangene Jore leider och fir deen, dee selwer net fëmmt, mä passiv zum Matanootme vum bloen Damp, dem sou genannte Passivfëmmen, gezwonge gëtt. Dat gëllt evidenterweis bei schwangere Fraen och fir de Fötus während der Grossesse, well d'Schied vun der Mamm op de Fötus iwwerdroe ginn. An no enger rezenter ëmfaassender Etüd vun der University of Southern California schueden d'Fraen, déi fëmmen, net nëmmen hirem eegene Kand, mä anscheinend iwwert d'Schiedegung vun der Iefsubstanz souguer

hiren Enkelkanner, zum Beispill duerch eng méi gréisser Ufällegkeet beim Asthma.

Dir Dammen an Dir Hären, well iwwert déi villfälteg Gesondheetsrisike vum sou genannte Passiv- oder Matfëmme vu menger Virriednerin scho vill gesot ginn ass, wëlle mer do net weider droplueden. D'Fakte sinn absolut kloer, an et kann een dorunner net méi laang zweifelen. An domadder sinn eben net nëmmen d'Fëmmerte selwer a Gefor, mä och déi Leit, déi bis elo den Zigarettendamp vun hire Partner oder Kolleegen hu missen erdroen, och a grad doheem am Stot.

Dir Dammen an Dir Hären, wann déi grouss Gesondheetsrisiken eigentlech zënter Längerem bekannt sinn oder bekannt misste sinn - et steet jo souguer op all Zigarettepak drop hautdësdags -, wéisou ass et dann esou, datt trotzdeem ronn e Véirel vun der Bevölkerung an och eigentlech intelligent Leit weiderfëmmen?

Une voix.- Très bien!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Wéi erkläert et sech, datt weiderhi ganz vill jonk Leit, och vill jonk Meedercher, scho ganz fréi ufänken ze fëmmen, wat fir eis zimlech beonrouegend ass?

Dir Dammen an Dir Hären, bei laangjährege Fëmmerte spille sécherlech eng Rei vu Facteuren zesummen:

Éischtens, déi laangjährèg Gewunnechten.

Zweetens, ënnerschiddlech ausgeprägten Ofhängegkeete vum Nikotin, woubäi haut méi oder wéineger och bekannt ass, wéi esou Substanzen op eisen Neurotransmitterhaushalt awierke fir e Suchtverhalen ze konditionéieren.

Drëttens, nach ëmmer och d'Ënnerschätzung vun de Risike fir déi eege Gesondheet, woubäi dann e psychologesche Verdrängungsmechanismus wierksam gëtt, dee seet, datt engem selwer schonn näischt wäert passéieren: Déi aner kréie Kriibs, mä engem selwer wäert näischt passéieren.

Véiertens, fëmmen eventuell och zwecks Bekämpfung vu Langweil, vun Onwuelsinn, vun innerer Nervositéit oder Frust.

Fënneftens, dozou kënnt, virun allem bei Pubertéierenden a Jugendlechen, den insidieuxen, raffinéierten an dofir objektiv ëmsou méi wierksamen Afloss vun der Zigarettewerbung, vun der Publicitéit, dër mer haut mat dësem Gesetz endlech wäitgehend den Hals wäerten ofdréinen, wat mir begréissen. Grad Pubertéierender a Jugendlecher insgesamt - dat weess d'Zigarettenindustrie - sinn an dëser schwiereger Liewensphas ebe ganz empfänglech fir Publicitéitsmessagen, déi Stäerkt weisen, déi Modern-Sinn, Erwuesse-Sinn, Derbäi-Sinn, déi Selbstbewosstsinn an Unerkanntsinn suggéréieren; Saachen, mat deene 14-, 15- oder 16-Jähreger an a ronderëm d'Pubertéit natierlech Problemer hunn.

Aus all dëse Grënn ass duerfir de Publicitéitsverbuet ee vun de Points forts vun dësem Gesetz. Kombinéiert mat kontinuéierlech erhéijten Taxatioune vun Tubaksprodukter loosse sech doduerch, eiser Meenung no, sécherlech gréisser Erfolleger erzilen, fir Jugendlecher preventiv dovunner ofzehalen, iwwerhaapt mam Fëmmen unzefänken, an eleng dat wier och schonn e schéinen Erfolleg.

Dir Dammen an Dir Hären, an dëser Debatt gëtt vu munchen de Begréff vun der Fräiheet vum Fëmmen an d'Debatt erabruecht. D'Netfëmmerten, déi ëmmerhin eng large Mehrheet vun der Bevölkerung ausmaachen an déi sech iwwert de bloen Damp an iwwert den Zwang matzefëmme bekloen, kréien da virgeworf, si wieren intolerant, si wiere géint d'Fräiheet, si wiere souguer fundamentalistesch.

Am Avis minoritaire vum Conseil d'État gëtt dobäi an engem absolut groteske Sënn ausgeféiert, mat dësem Gesetz géife liberticides, also fräiheetsofdéidend a bal totalitär Entwécklunge vun eiser Gesellschaft an d'Wee geleet. Mir kënnen iwwer esou intellektuell Verirungen eigentlech nach just de Kapp rëselen!

Fir Fräiheet sinn heibannen eigentlech all Parteien, an iwwert d'Definitioun an den Inhalt vun deem Begréff däerf roueg gestridde ginn. Fir eis ass awer kloer, datt de Begréff Fräiheet net däerf gläichgesat gi mam Recht vum Stäerkeren, mat Egoismus oder Egozentrismus a mat rücksichtslosem Sech-iwweranerer-Ewechsetzen.

Trotzdeem ginn et ënnert de Fëmmerten niewent ville ganz verstännege Leit, déi Rücksicht op déi aner Leit huelen, leider och Fëmmerten, déi just sech selwer gesinn. Déi mengen, si dierften iwwerall fëmmen, wou a wa si drop Loscht hätten, an och wann dat op Käschte vun anere Leit geet. Ass esou e Verhalen, esou eng Sucht jidderzäit iwwerall fëmmen ze wëllen, den Inbegréff vun enger neier, wichteger Fräiheet, oder ass et net éischter den totale Contraire, nämlech eng Ofhängegkeet?

Wéi fräi sinn da wierklech d'Zigaretten- oder d'Nikotinofhängeger, déi net op eng regelméisseg zougefouert Dosis Nikotin oder bloen Damp kënne verzichten, well d'Zigarettenindustrie si iwwert d'Substanzbäimëschungen ofhängeg gemaach huet? Wat och vun der Madame Stein-Mergen hei scho gesot ginn ass. Sinn Ofhängeger op eng Kéier fräi? A wann esou Fëmmerten eng Nikotinofhängegkeet vu sech weisen, wéi ass dann hiert Verhalen ze verstoen?

A Bistroen, Diskothéiken oder Restaurantë während enger Stonn, zwou oder zwou an enger hallwer Stonn kënne si anscheinend net op d'Fëmmen an esou Raimlechkeete verzichten. Dat ass zumindest awer komesch, well wann déiselwecht Leit op Weltrees oder an d'Vakanz mam Fliger fléien, da schénge se dach awer véier, fënnef Stonne Fluch…

Une voix.- Zéng Stonnen!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- …oder heiansdo souguer zéng Stonne Fluch problemlos iwwer sech ergoe loossen an iwwerstoen ze kënnen!

Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt selbstverständlech d'Recht ze fëmmen.

(Interruptions)

Ob dat eng wesentlech Fräiheet ass, woen ech perséinlech ze bezweifelen. Mir Gréng sinn allerdéngs der Meenung, datt dës Fräiheet spéitstens do hir Grenzen huet, wou d'Fräiheet oder d'Recht vun den Netfëmmerten ufänkt, an dat ass déi grouss Majoritéit.

Vill Leit, déi net fëmmen, fille sech op der Aarbechtsplaz, am Bistro oder Restaurant belästegt duerch den Zigaretten- oder den Zigarendamp, deen nach den Dag duerno an den Hoer, an de Kleeder hänkt, an ëmmer méi Leit si sech an deene leschte Joren och de konkrete Gesondheetsrisike bewosst ginn, déi vum erzwongene Matfëmmen oder Passivfëmmen ausginn.

Déi sou genannte Fräiheet, zum Beispill an engem Café, engem Bistro oder an engem Büro zu jidder Zäit fëmmen ze dierfen, ass also e kloren Agréff an d'Recht op d'Gesondheet an d'Fräiheet vun deenen anere Leit, op esou Plazen normal, gesond, schadstofffräi ze schaffen oder sech gemittlech am Café treffen ze kënnen, ouni mussen ze fäerten, der Gesondheet ze schueden. An déi Gesondheetsgefore vum Passivfëmme sinn, wéi ech scho gesot hunn, kloer genuch erwisen.

Aus all dëse Grënn, Dir Dammen an Dir Hären, menge mir jiddefalls, datt de Begréff „Fräiheet" am Kontext vum Zigarettekonsum net nëmme liicht falsch op der Plaz ass.

Dëst neit Gesetz, Dir Dammen an Dir Hären, ass op enger Rei vu Punkten awer, nodeem eis Kommissioun et staark nogebessert huet, ouni Zweifel e gréissere Fortschrëtt, obschonn et hannert méi klore Législatioune wéi där zum Beispill vun Irland oder Schottland zréckbleift.

Et ginn eng Rei vu positive Weiderentwécklungen, wéi zum Beispill dee wäit gehende Publicitéitsverbuet, déi proposéiert Hëllefsugebueder fir opzehalen, fir vum Nikotin lasszekommen, Sensibiliséierungscampagnen a schliesslech de Kader vu Sanktioune bei Verstéiss géint d'Gesetz, an d'Plazen, wou net däerf gefëmmt ginn, si par rapport zum Gesetz vun 1989 staark ausgedehnt ginn. Dat sinn natierlech sécher eng Partie positiv Entwécklungen.

Wa mir Gréng trotzdeem net kënnen einfach esou derfir stëmmen, wa mer eis leider mussen enthalen, dann ass dat virun allem doduerjer, well an der leschter Kéier virum Zil de Regierungsparteie leider d'Loft oder den Otem ausgaangen ass a si sech op enger Rei vu Punkte mat sou genannte Kompromësser zefridde ginn hunn. Kompromësser virun allem am Horesca-Secteur a virun allem, zum Beispill, d'Méiglechkeet vu Fëmmertenofdeelung, vu Fumoiren a Restauranten oder Pâtisserien.

Ofgesinn, datt d'Fëmmen och do gesondheetsschiedlech fir jiddferee bleift, bleiwen hei Problemer:

Éischtens: Eng total Étanchéitéit ass mat esou Fumoiren net méiglech, well beim Service, wann d'lessen oder d'Gedrénks zerwéiert gëtt, ganz oft d'Dieren op an zou musse goen.

An zweetens, wat méi wichteg ass, gëtt op esou enger Aarbechtsplaz d'Personal, wat zerwéiert, trotzdeem dem Zigarettendamp dann ausgesat.

En total inakzeptabele Kompromëss, dee souguer un d'Lächerlechkeet grenzt, ass dee Paragraph, dee seet, datt et a Bistroen an a Caféen erlaabt bleift ze fëmmen, oder ebe musse matzefëmmen, ausser tëschent 12 an 2 Auer mëttes an tëschent 7 an 9 Auer owes, wann an deenen Zäite kleng Molzechten zerwéiert géifen.

Just eng kleng Fro, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären: Dee schiedleche bloen Damp, dee virdrun, deen tëschent 10 Auer moies a fënnef vir zwielef oder tëschent 2 Auer a fënnef vir siwen an de Raum geblose gouf an deen zum passive Matfëmmen zwéngt, ass dëse bloen Damp urplötzlech, wéi vu Geeschterhand verschwonnen um Punkt zwielef Auer mëttes oder um Punkt siwen Auer owes? Wann dat esou wier, Här Minister, da misst Der eis do allerdéngs dat Wonnerrezept verroden, dat esou eppes Onglaubleches méiglech mécht!

Well et awer, Dir Dammen an Dir Hären, esou Wonnerrezepter net gëtt, handelt et sech do ebe ganz einfach ëm dat, wat een nennt: mangelnde Courage oder faule Kompromëss mat der Führung vun der Horesca.

Un d'Adress vun de Responsabele vun der Horesca och just e Wuert. Fuert emol eng Kéier zum Beispill an Irland oder a Schottland a schwätzt do mat Restaurant- oder Pub-Besëtzer. Well deen an Aussiicht gestallte Clientsverloscht, deen an Aussiicht gestallte Ruin vun der iresche Gastronomie huet ganz einfach net stattfonnt! De Géigendeel ass souguer deelweis geschitt, well Bistroen, gutt an agréabel gefouert Bistroen a Restauranten, och ouni Tubak, oder vläicht grad dofir, weiderhi beléifte Lieux de rencontre an Irland an a Schottland sinn a wäerte bleiwen.

(Interruption)

Une voix.- Très bien.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Dir Dammen an Dir Hären, fir eis Gréng bleiwen och absolut onverständlech, a vun engem seriöe Jugendschutz hier gesi bal skandaléis, d'Regelen am Beräich vun den Diskothéiken. Nëmmen an Diskothéiken, wou och Jugendlecher ënner 16 Joer Zougang hunn, soll d'Fëmme verbuede sinn. Ofgesinn emol vun der Fro, wat fir Diskothéiken dat solle sinn - ass et vläicht dat, wat mer fréier emol Thé-dansantë genannt hunn? -, ass dës total Fräiheet ze fëmmen an de geschlossene Raim vun engem Bistro oder enger Diskothéik absolut skandaléis, wann ee weess, wéi vill grad op deene Plaze gefëmmt gëtt!

Vergläichsanalysen, déi virun zwee, dräi Joer an Däitschland duerchgefouert goufen, hunn nämlech erginn, datt an Diskothéiken de loin déi héchste Konzentratioune vun Zigaretteschadstoffer gemooss goufen, datt insgesamt erschreckend héich Konzentratioune vu Schadstoffer an der Otemloft vun Diskothéiken do waren. Här Minister, loosst dat emol wann ech gelift eng Kéier a Lëtzebuerger Diskothéiken nomoossen. Da géift Der gesinn, wat do u Schadstoffer an deene Raim enthalen ass!

A wann een do nach déi aner Nuisancen, Facteure wéi zum Beispill iwwerhaart Musek, Blëtzer vum Stroboskop an eventuell Alkohol, dozourechent, da sinn esou Diskothéike vum Gesondheetsrisiko hier absolut problematesch, an da kann een do net vu Jugendschutz schwätzen, wann een dann do d'Fëmme weiderhin erlaabt. Et ass dofir an eisen Aen onverantwortlech, datt dee Fëmmverbuet net och Diskothéiken ëmgräift!

Här Minister, als Gréng behale mer och Problemer mat där elo virgesinnener Form vun der Aschränkung vum Tubak op der Aarbechtsplaz a geschlossene Büroen oder Raim. Ech betounen: mat der Form! Natierlech begréisse mir et, datt elo zum Schluss dach nach de Beräich Aarbechtsplaz, de Lieu de travail am privaten an am öffentleche Secteur, an d'Gesetz erakomm ass, am Ënnerscheed zu deem, wat am ursprünglechen Text virgesi war. E Gesetz ouni den Aarbechtsberäich wier jo och eigentlech net méi wéi eng Farce gewiescht.

Trotzdeem behale mer mat där elo proposéierter Form vun der Obligation de résultat de santé fir den Employeur eng Partie Zweifelen a Problemer. Wann am Prinzip eng Obligation de résultat fir den Employeur soll gëllen, op där anerer Säit awer méi genau Bestëmmungen iwwer Règlement grand-ducal solle kënne festgeluecht ginn, no Konsultatioun an Dialog mat de sou genannte Sozialpartner, da froe mir eis, ob dann do wierklech an alle Betriber dee gläichen, deeselwechte Schutz virum Passivfëmme wäert kënne garantéiert ginn. Mir fäerte konkret, datt jee no Attitüd vum jeeweilege Patron oder de Majoritéitsverhältnisser tëschent Fëmmerten an Netfëmmerten an deenen ënnerschiddleche Betriber oder Betribsdelegatiounen de Begréff „obligation de résultat" an ausräichende Schutz virum Passivfëmmen ënnerschiddlech kann interpretéiert ginn.

A wann da gesot gëtt, datt dach de Salarié, deen net fëmmt, a Fäll vu Verstéiss géint säi Patron kéint kloen, da kléngt dat natierlech ganz schéin. Dat schéngt eis awer an Zäite vu Chômage a Schwieregkeeten, eng nei Aarbechtsplaz ze fannen, räichlech naiv a realitéitsfriem.

Une voix.- Très bien!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Mir Gréng hätten, wéi munch Gewerkschaft iwwregens, fir eng méi kloer an einfach Léisung plädéiert, nämlech eng einfach Interdictioun vu Fëmmen an allen zouenen Aarbechtsraim, an alle Lieux de travail fermés, wat mer an engem Amendement och esou formuléiert hunn, wat eigentlech och eent vun eisen Haaptamendementer ass, déi mer erabruecht hunn.

Fir esou eng méi kloer Léisung hunn iwwregens och d'Fondation contre le cancer an d'Dokteschorganisatioune plädéiert, an et ass wierklech schued, datt dësen einfache Wee net gewielt gouf.

Mir si jiddefalls méi wéi gespaant op déi éischt Konflikter a juristesch Affären, déi an eisen Ae mat dëser Regelung riskéieren ze kommen. Eng einfach a kloer Regelung wier an eisen Ae méi logesch gewiescht an hätt och méi schnell kënnen ëmgesat ginn, fir ze verhënneren, datt déi gesetzlech nei Bestëmmungen op där enger oder op där anerer Plaz schläichend ënnerhielegt kënne ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, all Gesetz ass nëmmen da gutt, wann et och agehale gëtt. Dofir, an dat begréisse mer natierlech, sinn an där elo neier Versioun vum Gesetzestext bei Infractioune géint d'Gesetz Avertissements taxés oder Amendë virgesinn. An et gëtt och definéiert, wien déi Infractioune soll feststellen. Dat kléngt gutt.

Ech erlabe mer allerdéngs, am Géigendeel zu deem wat den Här Bettendorf hei gesot huet, ze soen, datt dat hei zu Lëtzebuerg och an anere Gesetzer ähnlech festgeschriwwen ass, ouni datt an der Vergaangenheet allerdéngs an der Realitéit do vill geschitt wier. Denkt zum Beispill un d'Kaméidisgesetz oder Infractioune par rapport zur Ëmwelt, Infractioune bei Dépassementer vu Grenzwäerter.

Ugesiichts vun de grousse Gesondheetsgefore vum Fëmmen hoffe mir jiddefalls, ëmgekéiert zur DP, datt am Ënnerscheed zum Gesetz vun 1989 Kontrollen a Sanktioune ganz eescht wäerte geholl ginn, ganz eescht musse geholl ginn, fir datt et wierklech zu Verbesserungen op dësem Gebitt ka kommen.

Insgesamt, Dir Dammen an Dir Hären, erklären all dës Lacunen a Problemer vun dësem Gesetz awer, firwat mir Gréng trotz munche Fortschrëtter net kënne fir dëst Gesetz stëmmen. Mir wäerten eis enthalen. Mir hoffen, datt et mat dësem nëmmen deelweis zefridde stellende Gesetz net eriwwer ass, an dofir invitéiere mer an enger Motioun d'Regierung, fir ee Joer no Publikatioun vum Gesetz eng Evaluatioun vun de konkrete Resultater vum Gesetz ze maachen, fir da spéitstens déi noutwendeg Nobesserungen um Gesetz virzehuelen.

Här President, hei ass déi Motioun.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant:

- que la loi relative à la lutte anti-tabac prévoit l'interdiction de fumer dans certains lieux ainsi que l'installation de fumoirs dans certains types d'établissements;

- que cette même loi prévoit des amendes et avertissements taxés envers les personnes ne respectant pas ces dispositions;

- que les dispositions relatives à la protection des non-fumeurs et des jeunes ont fait l'objet de vives discussions sur la place publique ainsi que dans la population;

- que la nouvelle loi prévoit une obligation de résultat envers l'employeur en matière de protection contre la fumée d'autrui au lieu de travail;

invite le Gouvernement

- à procéder, un an après la publication de la loi, à une évaluation des résultats obtenus sur le terrain

suite à l'entrée en vigueur de la loi, et ce spécialement en ce qui concerne la protection des non-fumeurs et des jeunes;

- à évaluer les moyens mis en oeuvre pour garantir le respect des dispositions prévues par la loi;

- à évaluer également les expériences recueillies en matière d'amendes et d'avertissements taxés;

- à revoir, au cas où les résultats ne s'avéreraient pas satisfaisants, les dispositions relatives à la protection des non-fumeurs et des jeunes dans les lieux accessibles au public ainsi qu'au lieu de travail.

(s.) Jean Huss, Claude Adam, François Bausch, Camille Gira, Henri Kox.

Wann elo gesot gëtt, dat wier an engem Joer net méiglech, et bräicht ee vläicht annerhalleft Joer oder zwee Joer fir dat ze maachen, dann hätte mer och domadder kee Problem. Mir menge just, datt esou eng Evolutioun relativ schnell soll geschéien, an da wäerte mer feststellen, datt munches vun deem, wat mir hei gesot hunn, net falsch ass, an datt eng Partie Nobesserungen néideg wäerte sinn.

An da ganz zum Schluss, Dir Dammen an Dir Hären, hunn ech och nach en aneren Text, nämlech eng Resolutioun. Eng Resolutioun, déi d'Chamber u sech selwer adresséiert. An dëser Resolutioun geet et drëms, dem Land ze weisen, datt dës Chamber sech selwer seriö hëlt a mam gudde Beispill wëllt virgoen. An duerfir proposéieren déi Gréng, datt et vun elo u soll verbuede sinn, an alle Raimlechkeete vun dëser Chamber ze fëmmen.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

constatant:

- le vote de la loi relative à la lutte anti-tabac par la Chambre des Députés;

- que le danger que constituent le tabagisme et le tabagisme passif pour la santé est largement reconnu;

- que les locaux de la Chambre des Députés constituent un lieu de travail et un lieu public;

- que la Chambre des Députés dans sa fonction de représentante du peuple se doit de montrer l'exemple;

décide

- qu'il sera désormais interdit de fumer dans tous les locaux de la Chambre des Députés.

(s.) Jean Huss.

Här President, ech iwwerreechen lech och dës Resolutioun hei.

(Hilarité)

Si huet am Moment just eng Ënnerschrëft. Ech loosse ganz gär Kolleege vun anere Fraktiounen hei d'Méiglechkeet se mat ze ënnerschreiwen a mat ze droen. Et ass op jidde Fall esou, datt se genuch Ënnerschrëfte vun deene Grénge géif kréie wa keen aneren dozou bereet wier.

Bei där Resolutioun, déi mer un eis selwer adresséieren, Dir Dammen an Dir Hären, geet et an eisen Aen ëm net manner wéi ëm d'Glaubwürdegkeet vun dëser Chamber. Well wann dës Chamber mat Majoritéit anere Leit op anere Lieu-publicen oder Aarbechtsplaze verbitt - zu Recht - ze fëmmen, fir d'Fëmmerten, mä och d'Netfëmmerten, déi passiv mat musse fëmmen, ze schützen, da kann et net sinn, datt et an dëser Chamber, wat och e Lieu public an e Lieu de travail ass, soll erlaabt ginn, virunzefëmmen! Et geet also do ëm net méi an net manner wéi eis eege Glaubwürdegkeet als Deputéierte vun dëser Chamber. An ech hoffen, datt mer dës Resolutioun hei unanimement herno wäerte kënne stëmmen.

Dat gesot, Dir Dammen an Dir Hären, kommen ech zum Schluss. Här Minister, mat enger ganzer Partie vu Saachen, déi an dësem Gesetz sinn, kënne mir natierlech d'accord sinn, well wierklech Fortschrëtter do ze verzeechne sinn, mä insgesamt menge mir awer, datt hei Chancë verpasst gi sinn, fir wierklech Neel mat Käpp ze maachen, fir e wierklech preventive Gesondheetsschutz op allen Domäner vun dësem Gesetz kënnen ze realiséieren.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Huss. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Wuert un d'Madame Lydia Mutsch als Rapportrice fir hire Rapport, dee se gemaach huet, och wann ech kann direkt soen, datt déi Recommandatioun, déi aus deem Rapport ervirgeet fir dëst Gesetz ze stëmmen, vun eisem Grupp net wäert gedroe ginn.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

D'Tubaksgesetz, wat mer haut hei zur Diskussioun an zur Ofstëmmung hunn, ass e Gesetz, wat an deene leschte Wochen a Méint ganz staark an der Öffentlechkeet diskutéiert ginn ass. D'Fëmmerten an d'Netfëmmerte sinn an haarden Diskussiounen auserneegaangen. Dat huet sech selbstverständlech net nëmmen ënnert de Bierger ofgespillt, mä et huet sech virun allem och an de politesche Parteien ofgespillt, wou dat och ganz kontradiktoresch diskutéiert ginn ass.

D'Fëmmen ass gesondheetsschiedlech, souwuel dat aktiivt wéi dat passiivt Fëmmen. Dat ass de Mëtte schonn hei gesot ginn. Dat gëtt och vu kengem Mënsch méi contestéiert. An der Europäescher Unioun stierwe schätzungsweis an engem Joer 660.000 Mënschen un de Folge vum Fëmmen, bei 15% vum Total vun de Stierffäll ass den Tubak als Ursaach uginn. Et ass also richteg an och wichteg, datt d'Politik sech mat deem Thema ausenanersetzt, an datt et ee vun den Haaptsujeten an dem gesondheetspoliteschen Débat muss sinn.

D'Fro ass awer: Wéi wäit kann oder wéi wäit muss d'Politik an dësem Beräich goen?

Et gëtt vill Beräicher vu Sucht: Och d'Drénken ass bei Leit eng Sucht. An och opgrond vun der Drénksucht hunn d'Krankekeese vill Dépensen ze maachen. Och d'lessen huet bei verschiddene Leit Konsequenzen, déi mer bei der Krankekeess herno erëm musse riichtbéien. D'Drogesucht, déi mer schonn des Öfteren hei haten - de Kolleeg Bettendorf huet nach viru 14 Deeg hei eng Interpellatioun doriwwer gemaach; ech hat eng viru véier, fënnef Joer heibanne gemaach -, huet grouss Konsequenzen. An et gëtt och nach eng Spillsucht, niewent anere Suchten iwwerall.

Mä d'Differenz vum Fëmme vis-à-vis vun all dësen elo opgezielte Suchten ass, datt d'Sucht vum Fëmmen net deen Eenzelnen eleng betrëfft, mä et betrëfft och déi Leit, déi passiv musse matfëmmen. All déi aner Suchte betreffen d'Persoun selwer, awer net onbedéngt hiren Entourage. Et ass duerfir wichteg, datt mer eis mat deem Problem ausenanersetzen, awer och ëmmer a Verbonnenheet mat der Fro, wou d'Fräiheet vun deem engen ufänkt a wou d'Fräiheet vun deem aneren ophält.

D'aktiv an d'passiv Fëmmerte sti sech hei vis-à-vis. Woubäi ee muss soen, datt déi meescht Fëmmerte systematesch Rücksicht op d'Leit huelen, déi net fëmmen. Déi meescht Fëmmerte fëmmen d'office net an engem Restaurant a si huelen déi Précautioune fir eben an engem Restaurant anere Leit keen onangenehmen Ablack zouzemudden. Et dierf also net zu enger Juegd op d'Fëmmerte kommen.

Och datt mer als Partei, als Gesellschaft, als Stat aus Prinzip alles maachen, fir datt esou mann wéi méiglech gefëmmt gëtt, ass e richtege Prinzip. Virun allem bei deene Jonke musse mer intervenéieren, fir se eben net deem Fléau ze ënnerwerfen. Et ass selbstverständlech ganz normal, datt mer Informatiounscampagnen a Sensibiliséierungscampagnë vum Stat aus musse maachen.

D'Gesetz, wat mer haut hei virleien hunn, zielt a sengem Artikel 6 (1) alleguer déi Plazen op - an et sinn der 16 am Gesetz virgesinn -, wou et an Zukunft wäert verbuede sinn ze fëmmen. Als ADR si mir mat dem groussen Deel vun deenen Opzielungen d'accord.

Datt net méi a Spideeler gefëmmt gëtt, schéngt eis eng Normalitéit ze sinn an och heibannen e Konsens ze hunn. Datt an den allgemenge Raimlechkeete vun Altersheimer net gefëmmt gëtt, idem. An datt mer awer deene Pensionären an Altersheimer, déi jo en Zëmmer gelount hunn, also do bei sech doheem sinn, erlaben ze fëmmen, huet och den Accord an der Kommissioun fonnt. Dann, datt an de Salle-d'attentë bei Dokteren, Zänndokteren, Laboratoiren net méi gefëmmt gëtt, mengen ech, ass haut scho praktesch am Alldeeglechen eng Normalitéit; et gëtt elo just hei am Gesetz festgeschriwwen. D'Realitéit huet dat awer. Datselwecht gëllt an den Apdikten.

Datt an alle Schoultypen net méi gefëmmt gëtt, schéngt eis och kloer ze sinn, souguer mat den Extensiounen, den Alentoure vun de Schoulen. Sécherlech muss een awer wëssen - ech wëll elo net vun de Schüler schwätzen, do schéngt et mer normal ze sinn -, datt mer Enseignanten hunn, déi awer chronesch Fëmmerte sinn, déi elo mat dësem System hei wäerten e Problem kréien. An et wäert net esou kommen - wéi mir jonk waren, si mer heemlech op d'Toilettë fëmme gaang -, datt elo op eemol Professeren heemlech fëmme gi fir awer hirer Sucht nozekommen. Mä, wéi gesot, et ass eng Regelung, déi eis Zoustëmmung fënnt.

Datt an alle Lokaler, wou Jugendlecher ënner 16 Joer sech ophalen, net däerf gefëmmt ginn, a Kinoen, Theater, Muséeën, Galerien a Bibliothéiken, an allen Halen a Säll vu Stat a Gemeng: Alles dat fënnt eis Zoustëmmung genausou gutt wéi wat den öffentlechen Transport, Flughafen oder Eisebunnsgebaier ubelaangt.

Problemer hu mer, Här President - an de Kolleeg Niki Bettendorf huet dat mat treffende Wierder hei gesot -, domat wat am Artikel 6 (1) 13 steet, wat d'Restauranten an d'Caféen ubelaangt. An ech verweisen och do op deen Avis complémentaire, dee mer haut de Moien zougestallt kritt hu vun der Chambre de Commerce. Ech mengen, si huet doudsécher Recht wa se drop hiweist, datt d'Gesetz iwwert d'Chambres professionnelles vun 1924 dem Stat eng gewëssen Obligatioun operleet, fir déi eenzel Chambre-professionnellen ëm hir Meenung ze froen, wann et ëm Sujete geet, déi si direkt betreffen, datt een hei hätt missen deen Exercice maachen a virun allem och den Avis ofwaarden.

Et geet net duer, wéi d'Madame Stein-Mergen dat de Mëtten hei gesot huet: Wa mer deen Avis éischter kritt hätten, muss ee vläicht haut soen, hätte mer an eiser Kommissioun aneschters iwwerluecht. Ech mengen, dat ass keng gutt legislativ Prozedur an et muss ee sech och doriwwer Froe stellen.

Wann een och ka mam Prinzip, datt an engem Restaurant net soll gefëmmt ginn, d'accord sinn, esou muss een dach awer d'Fro opwerfen, wéi et hei mat der Fräiheet vum Propriétaire op d'Eegentumsrecht ass, wéi et bei him mat der privater Propriétéit ass.

Mir hätten als ADR léiwer eng aner Formule gehat, an zwar datt een higaange wär an et hätt een den Exploitantë fräigestallt, mä obligéiert, datt se hätte missen affichéieren, ob an hiren Etablissementer géif gefëmmt ginn oder net gefëmmt ginn. Domadder hätt jiddfereen, deen esou en Etablissement betratt hätt, gewosst, wann en erageet, a wat fir eng Situatioun datt e sech begëtt. Eventuell hätt een och kënnen higoen, datt ee gesot hätt, bei gréissere Restaurantë mussen et zwee Säll sinn. All Client hätt dann, wéi gesot, genau d'Konditioune vun der Stee kannt, wann en eragaange wär.

Ech sinn iwwerzeegt, datt de Maart sech selwer geregelt hätt, well fir déi Restauranten, déi fir Netfëmmerte sinn, d'Demande ëmmer méi grouss gëtt, well och eng Rei vu Fëmmerte léiwer an engem Restaurant zu Mëtteg iessen, wou net gefëmmt gëtt, an hir Zigar oder hir Zigarett herno anzwousch aneschters fëmme ginn.

Haut maache mer elo e System hei, wou mer musse Kontrolle maachen. Et muss ee sech dat virstellen, datt elo do Sträitpunkten entstinn, datt Clientë géint aner Clienten eng Plainte maachen, oder datt de Wiert muss do agéiere vis-à-vis vu senge Clienten, oder datt d'Police oder d'Douane musse Kontrollen a Restaurantë maache goen. Et muss ee sech dat alles virstellen, wou mer hei als Gesellschaft histeieren, an e Land, wou mer de Bierger ëmmer méi kontrolléieren, em ëmmer méi Konditiounen octroyéieren, a wou en herno praktesch keng eenzel Fräiheete méi kann hunn.

An deemselwechten Zesummenhang muss een dann och déi Bestëmmungen hannerfroen, déi mer hei hunn. Wa mer soen, wann an engem Restaurant gefëmmt gëtt, muss et en zweete Sall ginn, d'accord. Mä datt mer dann och nach higinn a mir schreiwen an d'Gesetz, datt dee Sall net méi wéi 25% vun der ganzer Fläch muss hunn, do muss ech d'Fro stellen, wou een do kann esou ee genaue Kritär an e Gesetz aschreiwen. Mir wëssen, datt mer haut scho vill Restauranten hunn, déi zwee Raim hunn. Wann elo awer dat Verhältnis 25:75 net besteet, mussen dann déi Leit, déi am Fong scho preventiv a wierklech mat Rücksicht hei Investitioune gemaach hunn, elo erëm ëmbauen oder musse se deen een Deel, dee méi wéi 25% huet, kierzen?

Wann dat Gesetz hei a Kraaft trëtt - an de Kolleeg Bettendorf huet dat gesot -, gëtt et nach kee Reglement. Wat ze bedaueren ass, datt mer esou e wichtegt Gesetz, wou den Detail wierklech an de Reglementer herno wäert kommen, stëmmen an dat Gesetz och a Kraaft setzen, ouni datt d'Reglementer do sinn. A wann déi Reglementer net do sinn, da spillt d'Gesetz, an d'Gesetz seet ganz kloer: Et gëtt net an engem Restaurant gefëmmt. Dat heescht, soulaang wéi kee Reglement do ass, kann och keen anere Sall opgemaach ginn, och wann e 25% huet, well ebe keng Bestëmmungen do sinn, a well och do am Gesetz steet, datt eng speziell Demande muss un de Minister geriicht ginn, deen dann eng Autorisatioun gëtt.

Och do gi mer erëm hin, mir maachen administrativ Prozeduren, wat wahrscheinlech kann erëm laang daueren, a wou keen haut weess, wéi genau herno déi Konditiounen, déi de Minister an d'Reglement an an d'Autorisatioun da setzt, ausgesinn, wou sécherlech dann herno eis Betriber wäerte ganz grouss Problemer kréien.

An et weess och keen, wéi laang dat dauert. Et ass gesot ginn, dat geet relativ séier. Wa mer awer kucken, wéi vill Restaurantë mer am Land hunn, a wann déi alleguer mateneen - an dat musse se elo matenee maachen - hir Demande maachen, an et ass nach kee Reglement do, da wäert dat och net nëmmen e puer Deeg, mä da wäert dat Wochen a Méint daueren, bis do eben déi Autorisatiounen erakommen, an esou laang spillt d'Gesetz, eiser Meenung no, dat heescht, et ass en absolut Fëmmverbuet an de Restauranten.

Et hätt een hei also missen onbedéngt eng Iwwergangsbestëmmung abauen, wou ee gesot hätt, datt déi an déi Moossnamen eréischt no enger bestëmmter Frist a Kraaft géifen trieden. Och hätt een do misse vläicht iwwerleeën, ob et net um Stat gewiescht wär, fir deene Betriber eng finanziell Ënnerstëtzung zoukommen ze loossen, déi hei elo musse supplementar Investitioune maachen.

Datselwecht zielt fir d'Caféen, wou et am Prinzip erlaabt ass, mä - an herno kommen ech nach drop ze schwätzen - wa mer kucken, wat d'Personal ubelaangt, a soulaang wéi mer och do kee Reglement hunn, wat d'Personal ubelaangt, muss een dovun ausgoen, datt, wann een elo e Café huet, wou Personal dra beschäftegt ass, et verbueden ass dran ze fëmmen, dees dat Reglement ass do, wat regelt, wéi d'Salariat kann an Entreprisë schaffen, wann do géing gefëmmt ginn.

Ech si mam Kolleeg Jean Huss averstanen, wann en hei d'Problematik opgeworf huet, déi sech an de Caféë stellt, wa vun 12 bis 2 an owes vu 7 bis 9 Auer net däerf gefëmmt ginn, wann do zerwéiert gëtt, mä an enger anerer Siicht, well ech et einfach eng Utopie fannen, datt een, wa mer soen, an engem Café däerf prinzipiell gefëmmt ginn, dann higeet a seet, vun 12 bis 2 an owes vu 7 bis 9 Auer däerf net gefëmmt ginn. Et ass richteg, wa bis 12 Auer gefëmmt gëtt an den Damp ass dobannen, dann ënnert et näischt méi, ob een da vun 12 Auer un net méi fëmmt an um 2 Auer fänkt een erëm un.

Et kéint een och soen, beim Apéritif kann ee fëmmen, dann ësst een zwou Stonnen, wann ee gemittlech ësst, an da beim Digestif kann een erëm eng Zigar fëmmen. Mä esou genau geet dat net an der Regel, an duerfir fanne mir wierklech, datt déi Bestëmmung do eng Bestëmmung ass, déi iwwerflëssig ass. Et hätt ee sollen do am Prinzip an de Caféë generell erlaben ze fëmmen, oder et hätt ee sollen dem Wiert d'Méiglechkeet ginn ze soen, bei hinne géif gefëmmt ginn oder net gefëmmt ginn.

Genausou wou een do muss d'Definitioun fannen, wat iwwerhaapt Platë sinn. Fält eng Hameschmier drodrënner? E Croque-Monsieur, fält deen dodrënner? Oder muss et e waarmt lesse sinn? Oder wéi ass d'Konditioun? Alles dat steet am Ablack nach net fest.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun allem an deene Punkten do, wat d'Restauratioun an d'Caféen ubelaangt, hu mer also eng Situatioun geschaf, wou mer eis Problemer siche ginn a wou mer hei am Fong e ganze Secteur Horesca als mannerjäreg erkläre, wéi wann déi net selwer capabel gewiescht wären, fir dee Problem ze léisen. Mir kënnen dach net hei an engem Stat sinn, wou mer e kompletten Dirigismus vun uewen erof maachen, wou d'Leit nëmme méi virgeschriwwe kréien, kontrolléiert kréien, verbuede kréien an herno och nach protokolléiert ginn!

Wa mer elo nach higinn, an den Transportminister ass amgaange sech ze iwwerleeën, fir d'Promillgrenz erofzesetze vun 0,8 op 0,5‰, da si mer geschwënn an enger Situatioun, datt mer besser soen: Ma de Stat verbitt hei an deem Land nach iwwerhaapt, datt

d'Leit iessen an drénke ginn, a mir maachen domadder de Risiko grouss, datt mer e ganze Secteur wäerte futti maachen. Duerfir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass dat do e Punkt, mat deem mir ënner kengen Ëmstänn kënnen d'accord sinn.

Och déi Bestëmmung vu Jugendlechen ënner 16 Joer, déi ass doudsécher richteg, mä wann een déi Bestëmmung asetzt an et leet een awer net fest, ënner wat fir enge Konditiounen datt dann och deen, dee verkeeft, ka kontrolléieren, wéi e Jugendlechen, net méi ënner 16 Joer, kann un Zigarette kommen, wa mer d'Affär vun den Zigarettenautomate kréien, déi mer net kënne vun engem Dag op deen aneren ëmbauen, da gesäit een, datt dat hei wahrscheinlech fir de Gesondheetsminister e Prestige ginn ass, fir dëst Gesetz ebe mordikus nach musse virun der Summervakanz ze stëmmen, egal wéi d'Konsequenzen herno an der Exekutioun vun deem Gesetz hei wäerte sinn.

Wat d'Personal ubelaangt, Här President, ass dat eng grouss Diskussioun, déi vun alle Säite vum Salariat, vun de Gewerkschafte scho während Joren diskutéiert gëtt. Mä och hei hu mer eng Formule gesicht, déi an der Praxis einfach net ka fonctionnéieren. Mir ginn hei dem Patronat eng Obligation de résultat a mir soen am Gesetz ganz kloer: «…en prenant les mesures nécessaires afin que les travailleurs soient protégés de manière efficace contre les émanations résultant de la consommation du tabac d'autrui.»

Dat ass de Prinzip, deen am Gesetz steet. An da soe mer hannendrun: Et kënnt e Reglement wat da seet, wéi dat an der Praxis ka fonctionnéieren.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Neen! Neen, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Da sot direkt, Här Minister, wéi et da geet.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Mir soen, de Reglement ka preziséieren. Dat ass eng wichteg juristesch Nuance. Well mer nämlech net wëllen op dee Wee goen, wéi et an der Belsch geschitt ass, wou eigentlech e Reglement herno d'Prinzipien erëm ënnerhielegt huet. Dat heescht, de Prinzip ass am Gesetz, an d'Reglement kann nëmme kommen, fir op deem engen oder anere Plang, wann dat sollt néideg sinn, Consignes d'application ze ginn. Mä de Prinzip läit am Gesetz an e kann net vum Reglement ënnerhielegt ginn. An duerfir steet ganz däitlech do «peut préciser» an net «mettra en œuvre».

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Voilà.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Dat heescht, d'Gesetz ass vu sech aus directement applicabel.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dat ass genau dat, wat ech gären héieren hätt, och vum Här Minister, well dat dat confirméiert, wat ech gesot hunn. Dat heescht, wann de Prinzip am Gesetz steet, da ka muer an engem Café oder an enger Diskothéik - déi sinn ausgeschloss hei -, mä wann do Personal dobannen ass, däerf kee méi fëmmen.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Dat steet och erëm net am Gesetz.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dach, dach!

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Neen.

(Interruption)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Soulaang wéi kee Reglement do ass,...

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Neen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dach.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Neen, Här Gibéryen.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Dann erkläert eis dat nach eng Kéier, well dat ass nämlech e wesentleche Punkt.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech wollt herno eigentlech nach eng Kéier dorop zréckkommen.

M. le Président.- Här Minister, mir si frou, do eng Explikatioun ze kréien.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, ech si frou, wann den Här Minister eis dat direkt erkläert.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- De Punkt ass, dass den Employeur eng Obligatioun kritt, seng Leit ze schütze géint d'Fëmme vun aneren. Do huet hien eng Obligation de résultat. Déi Moyenen, déi hien asetzt, mussen esou effikass wéi méiglech sinn.

Dat heescht, hie muss all Situatioun eenzel evaluéieren. Dat heescht, do muss een och de Risiko evaluéieren, deen op där enger oder op där anerer Plaz ass. Dat, wat mir mat der «Obligation de santé de résultat» mengen, ass net «Interdiction de fumer», mä wéi kënne mir am beschten, vu les circonstances, déi do sinn, d'Leit schützen.

Et ass richteg, dass och an engem Café en Employeur sech muss mat där doter Fro auserneesetzen. Mä et ass falsch ze soen, opgrond vun där doter Bestëmmung wär automatesch eng Interdiction de fumer, well deemno op wat fir enger Plaz ee schafft de Risiko jo och anescters ass wéi anzwousch anescters. Well soss wär et jo vill méi einfach, wann ee kënnt den «Lieu du travail», wéi Verschiddener et gär gehat hätten, definéieren. Deen ass net ze definéieren. Et kann een net op alle Plazen datselwecht maachen.

Ech ginn herno a menger Äntwert nach eng Kéier dorobber an. Dat heiten ass eng Approche, déi net dat mécht, wat Verschiddener gären hätten, fir radikal ze soen: Fëmmverbuet. Mä et ass eng Approche, déi vill méi wäit geet, wéi dat, wat zum Beispill och den Här Huss elo gefrot huet, well se nämlech all Lieu de travail considéréiert an net nëmme verschidde Lieux de travail.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, déi Erklärung...

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG).*- Ech hunn alles verbueden, ech froen e Verbuet fir alles!

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Wann ech gelift, Här Huss!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Jo, Här Huss, Dir wëllt alles verbidden, dat hate mer verstanen.

(Hilarité)

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech hoffen awer, dass den Här Huss net alles wëllt verbidden!

(Interruptions)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Fir dat nach eng Kéier kloer ze ënnersträichen, dat hate mer verstanen.

M. le Président.- Här Gibéryen, fuert Dir weider, well e fänkt u giel ze ginn.

(Brouhaha général)

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Merci, Här President. Ech ginn dovun aus, datt déi siwe Minutten, déi den Här Minister elo geschwat huet, mir net ugerechent ginn. Ech versichen awer trotzdeem a menger Zäit ze bleiwen.

Här President, ech mengen d'Äntwert vum Här Minister huet awer kloer bewisen, datt déi Interpretatioun, déi ech ginn, net esou vun der Hand ze weisen ass. Well wann an enger Diskothéik Leit schaffen a si soen zu hirem Patron, Dir musst dat Beschtméiglecht fir mech heibanne maachen,…

Une voix.- Da muss d'Fëmme verbuede sinn.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- …da muss hien d'Fëmme verbidden, well mir wëssen, mengen ech, wéi vill dobanne gefëmmt gëtt.

(Interruption)

Jo, jo. Dir hutt elo hei eng Interpretatioun ginn, wou Der sot, all eenzelne Betrib oder Patron an engem Café oder Restaurant oder Disco muss deen eenzelne Fall, wann d'Demande do ass, duerchdiskutéieren, fir ze kucke wat dat Beschtméiglecht ass. A wat mengt Der, wat fir eng Interpretatiounen a wéi vill Kaméidi datt do erauskënnt, soulaang wéi kee Reglement do ass, wat dat «peut», wéi Der dat nennt, preziséiert - an et weess och nach kee wat do erauskënnt.

Ech soen lech, déi dote gesetzlech Bestëmmung féiert zu fuerchtbar vill Kaméidi; do kënne mer Prozesser kréien an alles. An d'Resultat ass dat heiten: Wann d'Gesetz à la ligne applizéiert gëtt, da kann ee muer weder an engem Café nach an enger Diskothéik fëmmen. Dat ass esou wéi mir et interpretéieren, an ech hu jo och festgestallt, datt Der relativ Problemer hat, fir eben och elo kënnen dat doten hei ze erklären.

Une voix.- Uh!

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir gesinn also wou de Problem hei läit, a mir gesinn, datt dat Gesetz hei net ausgeräift ass. An duerfir wär et besser gewiescht - an an der leschter Législatiounsperiod ware mer eis zum Beispill hei an de Chamber eens ginn -, datt keng Gesetzer méi géife gestëmmt ginn, wann d'Reglementer net virum Vote géifen do leien.

Hei gëtt eng Kaz am Sak gestëmmt.

(Interruption)

Dach! Haut gëtt hei e Gesetz gestëmmt, an da kommen duerno Reglementer, wou kee Mënsch weess, wat drasteet.

(Interruption)

An d'Gesetz ass prezis an d'Gesetz seet ganz kloer, datt eng Obligation de résultat fir de Patron do ass, ouni datt et definéiert, wat dat ass. A wa se net definéiert ass, dann ass se absolut, mat deene Konsequenzen, wou ech elo hei gesot hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, iwwert d'Publicitéit nach vläicht ee Wuert. Wat deen Amendement ubelaangt, dee vun eis an och vun der Demokratescher Partei eragereecht ginn ass, do si mer frou, datt d'Regierung an d'Majoritéitsparteien och op dee Wee gaange sinn, datt een op de Point-de-ventë ka Publicitéit maachen. Well mir eis eens gi sinn, datt domadder, wa mer d'Bestëmmung esou am Gesetz stoe gelooss hätte wéi se war, de Lëtzebuerger Produzent sécherlech benodeelegt gi wier, well mer ebe wëssen, wei d'Point-de-ventë vun den Zigaretten an Zigaren opgebaut sinn a wou dann eben auslännesch Konzerner e Virdeel vis-à-vis vun engem nationale Konzern kritt hätten.

Domadder wieren net manner Zigaretten oder méi Zigarette verkaaft ginn, mä et wieren anerer verkaaft ginn, a mir hätten eisen nationale Produzenten domadder geschuet. Wat déi Regelung ubelaangt, déi mer elo hei agebaut hunn, datt ee kann eng Publicitéit maachen op de Point-de-venten, do fanne mer et richteg, datt mer doriwwer konnten e Konsens fannen.

M. le Président.- Här Gibéryen, kommt zum Schluss, wann ech gelift.

M. Gast Gibéryen *(ADR).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn uganks gesot, datt dat Gesetz hei eis keng Satisfaktioun gëtt. Et sinn eng Rei vu Punkten dran, wou mer kënne wierklech domadder averstane sinn, mä et sinn der awer och dran, wei gesot, wat d'Restauranten an d'Caféen ubelaangt, do kënne mer mat där Formuléierung, déi hei am Gesetz ass, ënner kengen Ëmstänn averstane sinn. Duerfir wäert eis Partei entweder deelweis sech enthalen an och dergéint stëmmen.

M. le Président.- Merci, Här Gibéryen. Den nächste Riedner ass den Här Aly Jaerling. Här Jaerling, wann ech gelift.

M. Aly Jaerling *(Indépendant).*- Merci, Här President. Och der Madame Rapportrice Merci fir hiren explizite Rapport, deen eis hei soll e Gesetz schmackhaft maachen, wat no enger leschter Zigarett richt, déi schonn dräi Deeg am Äschebecher läit.

Haut ass en historeschen Dag, awer kee mémorabelen, well haut ginn déi éischt Schrëtt an d'Diktatur ageleet.

(Hilarité)

De Stat mëscht sech an d'Privatsphär vu senge Bierger an, esou wéi e sech och an déi intern Gestioun vun de Betriber amëscht. D'Lutte antitabac soll mat dësem Gesetz bedriwwe ginn. Wann ech dat mat menge minime Franséischkenntnisser iwwersetzen, dann heescht dat: de Kampf dem Antitubak - eng Kontradiktioun schonn u sech.

Wat bekämpfe mer dann elo? Den Tubak, eng Planz, där hir Récolte Millioune Mënschen Aarbecht an Akommes garantéiert, an dat och an engem Betrib hei am Land mat 700 Aarbechtsplazen? Oder bekämpfe mer den Tubaksdamp, deen anscheinend esou mäerderesch ass, dass en alles ronderëm sech kriibsbeschiedegt?

Zeg Mënsche sollen um direkte Konsum vun Tubaksproduitë stierwen - dat ass net aus der Welt ze weisen -, an dann och eng ganz Rei um passive Matfëmmen, dat ass bewisen oder et soll bewise sinn, mä ass dat och esou evident?

Wann ech en Aarbechter huelen, dee gefëmmt huet a säi Liewe laang bei den Héichuewen oder Elektrouewe geschafft huet an do iwwert dem Schlakekulang dagdeeglech Ammoniakgas iwwert dem flëssege Goss geschléckt huet, a wann deen dann u Longekriibs stierft, wie kann dann eeschthaft behaapten, dass en un de Folge vum Fëmme gestuerwen ass? Oder een, deen an der Kokscharge geschafft huet a während senger Schicht méi Kuelestëbs geschléckt huet wéi Sauerstoff? Et ass also alles relativ.

Ech wëll déi wëssenschaftlech Etüden net a Fro stellen an ech wëll och d'Gefor vum Fëmmen hei net minimiséieren, mä ech kann einfach net d'accord sinn, dass medezinesch Erkenntnisser elo mëssbraucht gi fir propagandistesch Zwecker géint d'Fëmmerten, fir en onsënnegt Gesetz duerchzeboxen.

Wann d'Regierung der Meenung ass, dass d'Fëmme schiedlech ass an onweigerlech zum Doud féiert, da soll se konsequent sinn an da soll se e Gesetz virleeën, wat d'Fëmmen definitiv verbitt. Mä dat wäert se awer ni maachen.

Engersäits aus finanztechnesche Grënn - dat huet den Här Bettendorf hei kloer unhand vu Chiffere gewisen - an anerersäits well mer genau wëssen, dass d'Prohibitioun nach ëmmer an d'Box gaangen ass an de Schwaarzhandel doduerch gefördert ginn ass.

Här President, d'Diskussioune ronderëm d'Antitubaksgesetz huet d'Land net nëmme gedeelt, mä elo schonn zu enger regelrechter Stigmatiséierung vun de Fëmmerte gefouert. Eng wichteg Fro an deem Dossier hei ass bis elo awer während där ganzer Diskussioun weder opgeworf ginn nach am Fong diskutéiert ginn: Wat wier dat Éischt gewiescht, wat d'Regierung hätt misse maachen, fir esou e Gesetz wéi dat hei ze vermeiden?

Si hätt emol misse versichen, de Fëmmerten ze hëllefen, vun hirer Sucht lasszekommen. Well et ass eng Sucht, genau wéi den Alkohol an aner Drogen. Wat huet d'Regierung bis elo gemaach, fir de Leit ze hëllefen opzehale mat fëmmen? Guer näischt Konkretes!

Wat ass bis elo, vun un dass den Tubak besteiert gëtt, mat deene Steiersue geschitt? D'Steiersuen, déi d'Fëmmerten iwwer Jore bezuelt hunn an haut nach bezuelen, huet d'Regierung bis elo och nëmmen ee Frang dovunner direkt an d'medezinesch oder an d'pharmazeutesch Recherchen investéiert fir Weeër ze fannen, de Fëmmerten ze hëllefen, vun hirer Sucht lasszekommen?

Huet d'Regierung bis elo mat all deene Steiersuen, déi vun de Fëmmerte bezuelt goufen a ginn, och nëmmen engem Fëmmert déi Medikamenter oder Traitementer bezuelt, fir de Fëmmert bei sengem Versuch ze ënnerstëtzen, vum Fëmme lasszekommen? Neen, huet se net! Mécht se et mat dësem Gesetz? Neen, och net!

Duerch d'Steieren an d'Accisë sinn iwwer Jorzéngte Milliounen a Milliounen Euro erakomm, déi a kengem Vergläich dozou stinn, wat d'Zigarettenindustrie investéiert, fir d'Fëmmerte süchteg ze maachen a se süchteg ze halen. An déi huet souguer eegen Departementer - dat ass bewise ginn -, fir ze analyséieren, wat et géif u Plainten abréngen a wat et géif kaschten, wann en neie Produit dem Tubak ënnergemëscht gëtt, fir dass d'Leit méi fëmmen.

Wat huet déi heite Regierung, an all déi virdrun, opweises, fir d'Recherche an déi aner Richtung ze steieren an ze versichen, mat Géigemëttelen de Schued ze vermeiden an de Fëmmert virun esou enger rücksichtsloser Lobby, där e Mënscheliewen egal ass, ze schützen? Well ausser timiden Informatiounscampagnen huet dës Regierung, an all déi virdrun, nach glat guer näischt gemaach!

Ma mengt Dir dann, d'Fëmmerte géifen aus purem Spaass un der Freed ëmmer méi Sue fir hir Sucht ausginn? Si kënnen net anescht! An all fräie Moment, an all Plaz, souguer am Reen an am Schnéi, gëtt genotzt, fir eng Plaz ze fannen, fir kënnen eng ze dämpen.

D'Leit fänke vläicht aus Dommheet oder besser gesot aus Onkenntnis vun der Gefor oder aus Genoss mat fëmmen un, mä wann déi meescht Fëmmerte kënnten, hätte se scho laang opgehale mat fëmmen. Doduerch, dass d'Leit all Situatioun notzen ze fëmmen, ass bewisen, dass d'Fëmme keen einfacht Genossmëttel méi ass, mä dass et eng seriö Sucht ass.

An d'Fëmmerte fëmme bestëmmt och net, fir d'Netfëmmerten ze be-

lästegen. Och dat muss emol eng Kéier kloer gesot ginn.

Et ass awer kee capabel, hinne richteg ze hëllefen, an et schéngt och kengem opzefalen, dass déi Leit wierklech krank sinn. An elo soll e Gesetz dobäi och nach déi Leit total aus der Gesellschaft ausglidderen. Si sollen aus de Restauranten erausgehäit ginn. Et gëtt hinnen en elementaart Recht geholl. Mä net nëmmen hinnen! Och de Restaurateuren, déi net méi däerfe selwer bestëmmen, wie si bei sech als Gäscht däerfen empfänken. A wou ee sech d'Fro muss stellen, ob dëst Gesetz an deem Sënn net verfassungswiddreg ass an a Contradictioun ass zum Artikel 11 (6) vun eiser Verfassung, dee seet: «La loi garantit la liberté du commerce.»

E Restaurant ass e Lieu ouvert au public, mä en ass awer nach ëmmer de Besëtz vun engem Propriétaire oder vum Gestionnaire vun deem Lokal. Mat wat fir engem Recht gëtt hei déi fräi Ausübung vu kommerziellen Aktivitéiten, esou wéi eis Verfassung et garantéiert, violéiert?

Den Artikel 16 vun eiser Verfassung seet zum Beispill och: «Nul ne peut être privé de sa propriété que pour cause d'utilité publique.» Wou gëtt et an dësem Fall eng Utilité publique? Wann eis Verfassung de Schutz vun der Propriétéit garantéiert, wéisou kann dann hei esou e Gesetz gestëmmt ginn, iwwert dat de Stat bestëmmt, wat an der Enceinte vun engem private Commerce ze geschéien huet?

Virgeschriwwe gëtt och, dass kengem Mannerjähregeënner 16 Joer Zigarette verkaaft däerfe ginn. Ech mengen, domat huet och keen e Problem. Do ass och jiddfereen absolut domat d'accord. Mä wat huet de Commerçant awer fir legal Méiglechkeeten, den Alter vun enger Persoun ze kontrolléieren? Et sollen anscheinend Automate mat Jetonen agesat ginn, fir dass de Konsument muss beim Commerçant virspriechen, fir e Jeton ze kréien. Mä wie bezilt dann d'Fraisë vun där substanzieller struktureller Ëmännerung? De Stat? Ganz sécher net.

Et solle kënnen hermetesch ofgeschlosse Fumoiren erméiglecht ginn - wa méiglech nach ouni Fënsteren an ouni Dieren? Wie bezilt dat? A wéi ass dat technesch ëmsetzbar? Wéi ass dat ze realiséieren, wann de Minister keen Délai gëtt, fir dat ëmzesetzen?

Dat sinn d'Suerge vun der Confédération du Commerce, déi dat an engem expliziten Avis duergeluecht huet. En Avis, deen awer anscheinend ignoréiert ginn ass, well et ass keng Reaktioun drop komm.

Och ass vu Säite vum Statsrot en Avis minoritaire verfaasst ginn, deen uprangert, dass individuell Fräiheete vum Mënsch, an dësem Fall vum Fëmmert, ageschränkt ginn, an dass dat och a Contradictioun zu eiser Verfassung steet.

Här President, d'Fëmmen an d'Fëmmerte sollen an dëser Gesellschaft ganz einfach marginaliséiert ginn. Dat ass de But vun dësem Gesetz, wat op Drock vun enger intoleranter Lobby duerchgebootscht soll ginn. A wa mer dann d'Fëmme scho wëlle praktesch kriminaliséieren, da misste mer jo och déi an de Prisong setzen, déi um Handel mat den Zigarette verdéngen an direkt oder indirekt dovunner profitéieren. Déi, déi mat där do Logik dann als Alleréischt misste gestrooft ginn, wären net nëmmen d'Zigarettenhiersteller, mä och hir Dealer, iwwert den Tubakshändler, de Steierbeamten an d'Douaniere bis zur Regierung. All déi also, déi mam Andreiwe vun deenen aus gesondheetsschiedleche Produitë stamende knaschtege Suen eppes ze dinn hunn.

Et wier, abstrakt formuléiert, souguer jiddfereen, deen hei am Land wunnt oder d'Land betrëtt, well wie seet, dass mat iwwer Tubak akasséierte Steieren net indirekt eng Strooss bezuelt gëtt, e Gleis oder e Stéck Tarmac um Flughafen?

Verschiddene vun deenen, déi ech elo grad opgezielt hunn, missten zumindest vun engem moralesche Standpunkt aus effektiv an de Prisong, engersäits pour «non-assistance à personne en danger», well hinne jo all bewosst ass a se selwer öffentlech proklaméieren, dass d'Fëmmen déidlech ass, awer och, well se net verantwortlech mat deene Suen ëmgaange sinn, déi se dem Fëmmert ofgeholl hunn an nach ëmmer ofhuelen.

Wat ass dat fir eng Hypokrisie, eng Hannerlëschtegkeet vun dëse Regierungsverantwortlechen! Géife si et éierlech mengen, da wär scho säit Jorzéngten all Steiersou, deen direkt oder indirekt duerch den Tubakskonsum erakomm ass, an déi véier folgend Domäner investéiert ginn: Preventioun, geziilte Recherche, Suchtbehandlung a Behandlung vun de Mëssbrauchfolgen. Bis op dee leschte Volet ass dat bis elo awer nach ni konsequent gemaach ginn, wann een emol vun e puer eenzelnen „goodwill actions" ofgesäit.

Wa mer eleng dee Volet vun der medezinescher Prise en charge betruechten, steet all Drogen- an Alkoholofhängege jiddefalls vill besser do wéi e Fëmmert, an dat obwuel se eppes gemeinsam hunn: Si hu Schwieregkeeten, fir vun hirer Sucht lasszekommen, an hinne muss onbedéngt gehollef ginn.

Dat gesot, ier een also nach nëmmen déi geréngsten Exklusioun, Restriktioun oder Stigmatiséierung vu Fëmmerten décidéiert, muss ee sech iwwerleeën, wat ee bis elo gemaach huet, fir deene Leit ze hëllefen, mam Fëmmen opzehalen. Ier also e Gesetz gestëmmt gëtt, dat de Fëmmerten nach méi Fräiheeten hëlt, sollt een emol während e puer Joer all Sou, deen duerch d'Accisen erakënnt, an déi medezinesch a pharmazeutesch Recherche investéieren, mä awer och an d'Medikamenter an an d'Therapien, déi et bis elo scho gëtt.

Wa mer net fir d'éischt versicht hunn, de Leit éierlech ze hëllefen, fir mat fëmmen opzehalen, a wa mer bis elo nëmme kasséiert hunn, ouni eis Responsabilitéite seriö ze iwwerhuelen, hu mer weder moralesch nach legitim dat Recht, d'Leit mat hirer Sucht elo och nach ze marginaliséieren an ze bestrofen. Eréischt dann, wa mer selwer als Gesellschaft op deem Gebitt do eppes opweises hunn, konkret Resultater an effikass Therapien, däerfe mer ufänken, Exklusiounen a Repressioun ze bedreiwen. Alles anescht ass hannerlëschteg an hypokritesch.

Bis dohinner solle mer et bei engem Appel beloossen. Wann een a sengem Etablissement oder Geschäft wëllt fëmme loossen, da soll hien dat och weider nach kënne maachen. An een, deen net wëllt, dass a sengem Geschäft oder a sengem Etablissement gefëmmt gëtt, soll dat och kënne maachen. Wann et dann e Marché gëtt fir dampfräi Restauranten an Akafsgalerien, gleeft mer, da schwätzt dat sech séier erëm an da gëtt et och méi wéi een, deen un deem Marché wëllt Geld verdéngen. D'Restauranten an d'Akafsgalerië kënnte jo e Schëld op hir Dier hänken op deem steet: Opgepasst, an dësem Lokal gëtt gefëmmt - oder net. Mä dat muss hinne fräi iwwerlooss bleiwen. Da steet et jiddferengem fräi, do eranzegoen oder net.

Här President, elo zur Diskussioun iwwert d'Fëmmen op der Aarbechtsplaz. Do soll een dat, menger Meenung no, am beschte sektoriell kucken. Et gëtt Secteuren an Aarbechtsplazen, wou et effektiv méiglech ass, d'Fëmmen an aner Raim ze verleeën. Et gëtt awer Aarbechtsplazen, wou dat net geet. Dofir soll een de Sozialpartner dat iwwerloossen, dat ze regelen, an net légiféréieren, well dat nëmme Komplikatioune bréngt.

Wat d'Restauratioun oder de gesamten Horesca-Secteur ubelaangt, weess jiddfereen, deen dohinner schaffe geet, wat en erwaart. A wann hien net wëllt an enger Ëmgéigend schaffen, wou dauernd gefëmmt gëtt, da soll hie keng esou Aarbechtsplaz unhuelen.

D'Diskussioun iwwert de Schutz vum Salarié a senger Gesondheet op der Aarbechtsplaz ass eng wichteg Diskussioun a muss gefouert ginn, mä si däerf net aus engem Globalkonzept erausgerappt ginn a sech elo just op d'Fëmme focaliséieren. Wann elo hei mat deem Gesetz den Employeur responsabel ass fir d'Gesondheet vu senge Mataarbechter, wat dat passiivt Fëmmen ubelaangt, da muss en et och si fir all aner Schied, déi op der Aarbechtsplaz laueren. An da kënnt Der sécher sinn, da maache mer geschwënn all Industriebetrib zou.

Wa mer eis awer an déi do Diskussioun legislativ och nëmmen am Geréngsten amëschen, da musse mer och de Courage hunn, ganz op déi Suen aus dem Tubaksgeschäft ze verzichten. Oder mir mussen domat rechnen, selwer iergendwann am Prisong ze sëtzen, well et kann elo kee méi soen, dass hien net weess, wéi geféierlech d'Fëmmen ass, a wann hie mat kasséiert, dann ass hie matschëlleg, an zwar ouni Circonstance atténuante, awer mat Préméditatioun. A wie wëssentlech Leit ëmbréngt, an de surcroît och nach dovunner profitéiert, dee gehéiert definitiv an de Prisong. Iwwerleet lech also gutt, wat Der elo maacht! Dir kënnt selwer eng Kéier aus deenen Ursaache virum Kadi stoen.

Här President, vun Ufank u vun deem Gesetz hei ginn ech de Verdacht net lass, dass den Här Gesondheetsminister verschidden Deeler vun dësem Gesetz geschriwwen huet, wéi en déi éischt Entzugserscheinunge gespuert huet nodeem en opgehalen huet mat fëmmen.

Wann dat de Fall sollt sinn, Här Minister, dann huelt déi Säite wou Der d'Fräiheet vun de Bierger a vun de Restauranten aschränkt aus deem Gesetz an e bëssen Tubak an dréint lech e puer Zigaretten doraus. Fëmmt se, da kritt Der vläicht erëm den Duerchbléck.

(Interruption)

Mä haalt wann ech gelift op, d'Fëmmerten ze marginaliséieren an de Restaurateure virzeschreiwen, wie si an hirer privater Enceinte dulden a wien net.

Dat gesot, ass et kloer, dass ech dat onsënnegt Gesetz hei, wat méi Problemer schaaft wéi et der léist, op kee Fall ka stëmmen. Ech wäert mech och net enthalen, ech wäert konsequent dergéint stëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Jaerling. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Arendt. Madame Arendt, Dir hutt d'Wuert.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, seele war eng Thematik esou emotionell gewiescht wéi dës. An dat ass och net verwonnerlech, well bei dësem Gesetz si mir alleguerte betraff: déi, déi fëmmen, an déi, déi et net maachen. A jiddferee verdeedegt seng Fräiheet. Déi eng, well se do, wou se bis elo konnte fëmmen, weider wëlle fëmmen, déi aner, well se net vun dësem Damp wëlle gestéiert ginn, zumools net méi säitdeem et wëssenschaftlech bewisen ass, wéi schiedlech dëse bloen Damp ass.

Et ass also kee Geheimnis, datt dëst Gesetz fir vill Leit vun enormer Wichtegkeet ass, well et hei ëm dat wichtegst Kapital geet, wat mir alleguerten hunn, an dat ass eis Gesondheet. Dräi Véirel vun de Leit - an et ass scho virdrun ugeklongen -, déi bei eis am Land wunnen, fëmmen net. A vill vun hinnen hunn elo Hoffnung an eis gestach, fir datt mir elo hei no 20 Joer endlech an dëser Matière légiféréieren an dat och esou maachen, datt et en Ënnerscheed mécht zu deem, wat mer virdrun haten.

An ech ka kaum verstoppen - an eis Presidentin, d'Madame Mutsch, huet et och scho gesot - wéi enorm et eis alleguerte freet an der Santéskommissioun, datt dëse Projet nach wesentlech verbessert ginn ass - fir all déi, déi ënner enger Verbesserung eng méi restriktiv Versioun verstanen hunn.

Et huet ee ganz däitlech an deene leschte Méint an den Diskussioune gemierkt, datt déi, déi de Gesetzestext méi wäit wollten hunn, all Kéiers déi Statistiken ervirbruecht hunn, déi am héchsten d'Konsequenze vum Fëmmen an och vum passive Fëmmen ervirbruecht hunn, wat cardio-vasculaire Krankheeten, Hireschléi, Allergien, Asthma, Fréigebuerten, Mort-subiten a selbstverständlech och Kriibs - net nëmme Longekriibs, wéi den Här Huss scho gesot huet, mä verschidde Kriibsaarten - ubelaangt. An déi, déi den Text manner wäit wollten, déi hunn déi ënnescht Skala vun de medezinesche Resultater an hire Konsequenze geholl.

Fakt bleift awer, datt, egal wat fir eng een ervirbréngt, den Tubak an d'Konsequenze vum Fëmmen, ob aktiv oder passiv, enorm schiedlech sinn an och bleiwen. A kee ka méi ofstreiden, datt den Tubak ëmbréngt. Et steet jo och net fir näischt op all Pak eenzel drop.

An Däitschland zum Beispill: 140.000 Mënschen am Joer; wäit méi wéi Alkohol, Aids, Heroin an Accidenter am Stroosseverkéier zesummen. An enger vun deene leschten „Spiegel"-Editiounen, wou e groussen Artikel ënnert der Iwwerschrëft „Rauchen, das Ende der Toleranz" ze fannen ass, steet: „5 Millionen ihrer besten Kunden schicken die Tabakunternehmen der Welt jedes Jahr in den Tod. Mindestens die gleiche Anzahl müssen sie jedes Jahr wieder neu rekrutieren, was ihnen am ehesten unter den Jugendlichen gelingt." An dat geschitt och nach ëmmer mat groussem Succès.

Aus enger ILReS-Ëmfro, déi am Optrag vun der Fondation luxembourgeoise contre le cancer gemaach gouf, geet däitlech ervir, datt et grad déi Jonk sinn, virun allem déi jonk Männer tëschent 18 a 24 Joer, déi un der Spëtzt vum Peloton vun de Fëmmerte leien, nämlech 48% vun hinne fëmme schonn an esou engem jonken Alter. An och bei de Fraen ass et déi nämlecht Alterskategorie, nämlech déi jonk Fraen also, déi deen héchsten Taux opweisen. Si kommen op 33%. Besonnesch schued ass bei de Fraen, an awer och heiansdo bei de Männer, festzestellen, datt der vill vun hinne wéilte Schluss maache mam Fëmmen, mä net ophalen, well se mengen hiert Gewiicht esou besser ënner Kontroll ze halen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Wann een dann nach weess, datt nach geziilt Moyenen agesat ginn, fir d'Gloscht ze verstäerken, da muss ee sech wierklech Froe stellen. Ech zitéieren eng leschte Kéier den „Spiegel"-Artikel: „Um die Nachfrage nach Zigaretten zu steigern, geben die Hersteller außerdem Ammoniak oder Harnstoff in den Tabak. Diese Substanzen wirken wie ein Turbo auf die Chemie des Rauchs: Sein pH-Wert steigt, daher absorbiert die Lunge wesentlich mehr Nikotin, es flutet schneller im Gehirn an, und so erlebt der Raucher einen weitaus stärkeren Nikotinflash.

Das ist es, was ihn umso gieriger zur nächsten Zigarette greifen lässt. Dank Ammoniak werden Raucher schneller und stärker süchtig. Der Ammoniaktrick erlaubt es den Herstellern au**,** erdem, den offiziellen Nikotingehalt zu senken und gleichzeitig mehr Nikotin in das Gehirn des Rauchers zu schwemmen. Der glaubt dann seine Zigarette sei leichter, dabei ist sie das Gegenteil: eine Nikotinbombe."

A jiddferee weess, wann een eemol ugefaangen huet, wéi schwéier et ass, nees dovu lasszekommen. An dat, léif Kolleegen, ass net fir näischt esou gewollt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetz ass et ni, ni drëms gaangen, fir Leit ze zwénge mam Fëmmen opzehalen. Dat soll selbstverständlech jiddferengem seng Fräiheet bleiwen. An et sollt och keng Hetzcampagne géint déi sinn, déi fëmmen.

Dëst Gesetz sollt virun allem déi Jonk motivéieren, net mam Fëmmen unzefänken. Et soll d'Publicitéit limitéieren, et soll sensibiliséieren an et soll de Schutz virum passive Fëmme besser sécheren. Well de Problem ass jo deen, datt ee beim Fëmmen eppes mécht, wat ee bei kenger anerer Drog mécht: Et schuet een nämlech net nëmme sech selwer, mä et schuet een och deem, deen net fëmmt, mat.

D'Sensibilisatiounscampagnë vum Gesondheetsministère, déi zënter Wochen um Radio an um Fernseh lafen, bréngen dëst däitlech ervir: Wann Dir fëmmt, da fëmmt deen, deen net fëmmt, mat. An deem säi Risiko - also deen, deen net fëmmt - klëmmt ronderëm 30% fir Longekriibs ze kréien; deemno wou ee sech ophält, méi oder manner.

Net nëmmen deen, dee fëmmt, dréit hei eleng d'gesondheetlech Konsequenzen dovunner, mä och deen, deen niewendru steet, sëtzt oder schléift. De sou genannte Courant secondaire huet et nämlech a sech; den Damp also, deen d'Zigarett vu sech gëtt, wa se um Äschebecher rascht oder wa se an der Hand ass, den Damp tëschent den Zich. Well d'Verbrennungstemperatur net esou héich bei dësem Damp ass, enthält e vill méi héich Quantitéite vu Formaldehyd, Blosaier a bis zu 400-mol méi Nitrosaminen.

Am Avis vun der AMMD, also der Association des médecins et médecins-dentistes, steet och vun dësem Courant secondaire wa se op d'Doudesfäll opmierksam mécht, déi op d'Passivfëmmen zréckzeféiere sinn. Hirer Associatioun no leien am Moment iwwer 40 Etüde vir, déi d'Relatioun tëschent dem passive Fëmmen an dem Longekriibs beleeën.

An Amerika gëtt d'Zuel vun den Doudesfäll, déi a Relatioun mam passive Fëmme sinn, op 3.000 am Joer geschat, an Europa gëtt se op 1.200 geschat, a Frankräich an déi 100, während mir hei am klenge Lëtzebuerg och scho verschidde Fäll hunn. Méi wäit schreift d'AMMD an hirem Avis dann och nach, an ech zitéieren: «Il a par ailleurs été démontré une relation dose-effet, puisque chaque fois que la consommation quotidienne du conjoint accroît de dix cigarettes, le risque croît de 23%» fir Longekriibs ze kréien.

Eng japanesch Studie, déi och d'Relatiounen tëschent dem passive Fëmmen an dem Longekriibs däitlech mécht, an déi schonn 1981 am „British Medical Journal" publizéiert gouf mam Titel „Non smoking wifes of heavy smokers have a higher risk of lung cancer", kënnt ganz genau zur nämlechter Konklusioun wéi déi Etüde virdrun. Et ass also ganz kloer, datt een net méi duerchkënnt mat deem bekannte Sproch: Si huet ni an hirem Liewen eng Zigarett ugepaakt oder gefëmmt an ass awer u Longekriibs gestuerwen.

Well, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et brauch ee guer keng Zigarett unzepaken oder eng eenzeg ze fëmmen, et geet duer

wann ee mat engem lieft oder sech op enger Aarbechtsplaz befënnt, wou vill gefëmmt gëtt an deem net entweiche kann, fir datt de Longekriibs drastesch klëmmt.

Den zweete Problem vum Fëmmen oder passive Fëmmen ass deen, datt vill Leit déi gesondheetlech Konsequenze praktesch net mierken, op alle Fall net direkt mierken. An dat mécht dës Sucht jo grad esou geféierlech, virun allem erëm fir déi Jonk. Hinnen ass et oft egal, wa si elo eppes maachen, wat eréischt an 20 oder 30 Joer Konsequenze bréngt. Et ass hinnen dee Moment egal, wéi si mat 60 sinn. Mä wann een awer lues awer sécher op déi 60 lassgeet, da gëtt ee sech op eemol bewosst, wéi liewenswäert dann d'Liewen nach ka sinn, mä dann ass et leider oft ze spéit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ëmmer méi Länner maache sech op de Wee vum Verbuet vum Fëmmen, an de Rhythmus, wou se légiféréieren, ass enorm an net méi ze bremsen. Oft héiert ee souguer, datt se nach net laang en Antitubaksgesetz gestëmmt hunn a sech déi positiv Répercussiounen esou bemierkbar maachen, datt nach weider Schrëtt an eng verschäerfte Versioun souguer folgen.

Déi extrem Zefriddenheet bei de Leit mécht dëst méiglech, souguer och oft bei deenen, déi selwer fëmmen.

Sou erlaben ech mer dat positiivt Beispill - et ass schonn e puermol ugeklongen - vun Irland ervirzebréngen, wou zënter e puer Joer e strikt Fëmmverbuet ass an de Restauranten an an de Caféen, de sou genanntenen Irish Pubs, wou souguer en iwwerzeegtenen Netfëmmert seng Zweifelen drun hat, ob dat da kéint funktionéieren.

Een, dee sech nëmme viru Joren an esou e Pub eragetraut huet, weess vu wat ech schwätzen. Ouni bal op engem Meter dicht säi Partner fréier kënnen ze erkennen, trëppelt een elo an en nach méi gefëlltene Café eran, mä dampfräi. Et gëtt méi laang bliwwen an et gi méi Sue beim Iessen ausginn, zënterdeem datt dëst Gesetz a Kraaft ass. An ech denken, datt d'Horesca sech hei vill Suerge mécht, déi net onbedéngt begrënnt sinn.

De leschte Sondage iwwert d'Zefriddenheet bei den Iren no der Ëmsetzung vun dësem Gesetz weist drop hin, datt 93% - oder 96% hat d'Madame Mutsch, mengen ech, gesot - vun hinnen et elo vill besser gefält, et méi propper fannen a méi gesond fannen - Fëmmert oder net. An ech zitéieren aus dem Avis vun der Chambre de Travail: «L'interdiction irlandaise est exemplaire, car non seulement la loi est respectée, mais 93% des Irlandais approuvent les mesures prises et ceci malgré la très forte polémique qui a secoué ce pays au moment de l'interdiction. Cette interdiction n'a eu aucune conséquence négative sur le commerce, l'année 2004 a même été en Irlande une année record sur le plan touristique.»

En anert Beispill ass dat vun New York, wou en totaalt Fëmmverbuet an de Restauranten ënner anerem ass a wou zënter dësem strikte Fëmmverbuet 23% vun hirer Kliantell méi oft erëmkommen, vis-à-vis vu 4%, déi elo manner fréquentéieren. Sou schreift d'Aarbechterkummer an hirem Avis, datt, säitdeem d'Gesetz a Kraaft ass, New York zweemol méi Ouverturë vu Restauranten ze verzeechnen huet wéi Fermeturen, an 53% vun den New Yorker soe genee wéi an Irland, datt si elo méi Suen ausgi bei de Molzechte wéi éier dëst Gesetz a Kraaft getrueden ass.

A Länner, wou ech vill gelieft an och deels laang gewunnt hunn, ass e strikt Fëmmverbuet scho längst acquis. An Amerika, Neuseeland, Australien oder Kanada si strikt Fëmmverbueder zënter Joren Usus. A wann een no enger Zäitchen erëm heemkënnt, kann ech lech soen, da kann ee sech nëmme wonneren,…

Une voix.- A wéi enger Provënz datt mir liewen!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Vläicht net gradsou schlëmm.

…wéi et méiglech ass, datt mer...

La même voix.- Wann et esou schlëmm ass, kënnt Der auswanderen.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Do si mer nach net.

(Interruption)

Une voix.- Fréier ass gesot ginn, op déi aner Säit.

Une autre voix.- Mä et gëtt jo elo méi schéin.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Okay.

Et kann ee sech nëmme wonneren, wéi et méiglech ass, datt mir do nach net scho laang nogezunn hunn. Et brauch een nëmmen hei zu Lëtzebuerg an de Kino wëllen ze goen, da kënnt engem schonn - entschëllegt den Ausdrock, Här President - den Zigarettegestank entgéint. An näischt richt propper a gesond a ville Gebaier hei zu Lëtzebuerg.

A villen amerikanesche State gi se souguer esou wäit, datt et souguer e Verbuet vum Fëmmen an der oppener Loft gëtt; op den Terrassen, op den Trottoiren, op de Plagen, an de Parken, op de Golfterrainen - Här Grethen, souguer och - däerf net méi gefëmmt ginn.

(Interruption)

Neen, Här Grethen. Mir géifen lech och vermëssen.

An amplaz datt aner Länner soen, dat wäre jo déi komesch Amerikaner, zéien aner Länner no; Australien, Neuseeland, Südafrika, Kenia an Uruguay zéien no - vläicht och, well den uruguayesche President Onkolog ass; hie weess also, vu wat e schwätzt. Et war anscheinend eng Saach aus déifstem Häerz, wéi hei d'öffentlecht Fëmmen den 1. Februar verbuede ginn ass.

Mä mir si jo net, Här President, an Uruguay an och net an Australien an och net an Amerika, mir sinn hei zu Lëtzebuerg.

(Interruption)

Net an der Provënz, mä zu Lëtzebuerg. An do war d'Philosophie eng aner. De Regierungswonsch war eng Opzielphilosophie, wou een déi Plaze géif eraushuelen, wou net méi gefëmmt soll ginn an der Zukunft, an dat ass och respektéiert ginn. Mir gi jo meeschtens mat méi klenge Schrëtt hei zu Lëtzebuerg. Mir huele jo net oft esou e grousse Risiko - „Langsam kommt man auch ins Ziel" - a meeschtens fuere mer och nach gutt esou.

De Courage, fir op eng Propositioun ze goen, déi méi strikt gewiescht wär, wéi d'Fondation contre le cancer se proposéiert hat, fir de Verbuet vun de Lieux publics an de Lieux de travail fermés et couverts ze fuerderen, wou praktesch alles dra gewiescht wär a wou just e puer Ausnahmen hätte misse gemaach gi fir Privatwunnengen oder Substitutwunnengen, wéi an den Altersheimer, an de Fleegeheimer, am Prisong an an de private Büroen, war hei zu Lëtzebuerg nach net dran.

Och en interministerielle Rapport, deen am Optrag vun der franséischer Regierung am Numm vu verschiddene Ministèren, wéi d'Ministërë vu Gesondheet, Educatioun, Emploi, Finanzen, Tourismus, Industrie an Ekonomie, vun der Madame Rousille gemaach gouf, iwwer e strikte Fëmmverbuet vu sämtlechen öffentleche Plazen, ass och zur nämlechter Konklusioun komm, datt en einfachen a strikte Verbuet ouni Fumoiren déi beschte Chancen hätt, ëmgesat ze ginn, an och dee gréisste Succès ze verzeechnen hätt.

Esou Gesetzer funktionéiere schonn einwandfrei a ville Länner op der Welt an ëmmer méi Länner kommen derbäi, souguer och schonn an Europa. Schweden, Spuenien, Finnland, Norwegen an d'Schwäiz an och Schottland an anerer nach beweisen, datt esou eng strikt Haltung eng Vereinfachung bei der Ëmsetzung bréngt.

Den 13. Abrëll 2005 sinn d'Recommandatioune vu Limassol erauskomm, fir eng global Législatioun en faveur d'un environnement sans fumée. Dës baséiere sech op d'Resultater, déi an Irland, Italien an Norwegen gemaach gi sinn, an aus deene sinn och alt erëm déi nämlecht Konklusiounen erauskomm, datt dat déi beschte Léisung wär.

Selbstverständlech ass och an deene Länner, wou esou e strikte Verbuet funktionéiert, vill méi e grousse Prozentsaz vu Leit ze verzeechnen, déi opgehalen hu mat fëmmen.

Mä elo erëm zréck op Lëtzebuerg an zu eiser Philosophie, der Opzielphilosophie, an dat, wat mir doraus gemaach hunn.

An do wéilt ech e grousse Merci un déi Kolleege riichten, déi hei matgehollef hunn, dëst Gesetz ze verbesseren. Allem viraus e grousse Merci menger Frëndin, der Madame Mutsch, net nëmme fir hiren excellente Rapport - dat ass ee jo gewinnt vun hir -, mä virun allem fir hir virbildlech Aarbecht, déi si als Presidentin vun dëser Kommissioun geleescht huet, fir ni de Courage ze verléieren, fir weider drun ze gleewen, datt mir dëst Gesetz méi wäit kréien, wéi dat am Ufankstext proposéiert war.

Mir kënnen also elo mat grousser Satisfaktioun feststellen - an ech gi just nach op déi Punkten an, well se scho virdrun e puermol ugeklonge sinn, déi mer wierklech wichteg sinn -, datt elo sämtlech Schoule fëmmfräi sinn, Schoulhäff an d'ganz Enceinte mat abegraff. Ech hat den Här Tarrach nach d'lescht Woch um Gesondheetslaf gesinn zu Iechternach beim Triathlon, an hien huet sech och terribel gefreet, datt seng Uni och ënner eist Gesetz fält.

D'Spideeler an hir Enceinte sinn eigentlech komplett fëmmfräi; et gëtt just d'Méiglechkeet vun engem Fumoir, dee strikt fir déi Patiente reservéiert ass, déi dann och eng Demande maachen, fir dohinner däerfen ze goen. Selbstverständlech ass och d'Entrée vum Spidol virun der Dier elo eng fëmmfräi Zon. Perséinlech muss ech lech éierlech gestoen, hunn ech dat ëmmer wierklech e schlecht Bild fonnt, datt, wann een an esou e Gesondheetssecteur eragaangen ass, wou krank Leit leien, dann an der Entrée virdru sech Leit sammele fir ze fëmmen.

Drëttens - an Dir kënnt lech jo denken, datt dat mir ganz vill Spaass mécht -, sämtlech Sportsgebaier, a permanent, hu mer elo erakritt, net nëmmen also, wéi dat am Ufanksprojet war, während de Sportsmanifestatiounen, si si permanent dran, an am Rapport ass selbstverständlech spezifizéiert, datt och déi Caféen, déi sech dann do an deene Sportsmanifestatioune befannen, fëmmfräi sinn.

D'Restauranten an d'Pâtisserië si fëmmfräi, ausser et léich dann en Agrément vum Santésministère vir, deen dann no engem Règlement grand-ducal beschriwwe gëtt an, wéi ech verstanen hunn, esou strikt beschriwwe gëtt, datt sech do wahrscheinlech deen een oder anere muss iwwerleeën, ob en dat da wierklech wëllt maachen.

An de Caféen, wou ee Plat-du-jouren zerwéiert kritt a wou een och e Sandwich kann iessen, däerf net während den Iesszäite gefëmmt ginn, also net tëschent 12 an 2 an och net owes tëschent 7 an 9 Auer. Méi war net dran, Här Huss.

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Zu méi war net de Courage do.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Jo, jo. Net vu menger Säit.

Glécklech si mer driwwer, datt net nëmmen Theatersäll oder Kinossäll…

(Interruptions)

Ech hu meng Kolleegen do net all kënnen iwwerzeegen.

Glécklech si mer driwwer, datt net nëmmen Theatersäll oder Kinossäll, mä och d'Halen an d'Couloire mat dran elo sinn, also och déi Restauranten a Caféen, déi op sinn an an déi Couloiren eraleeden. A last but not least och do, wou Tickete verkaaft gi fir an de Kino, ass mat erakomm. Do wou also vill Jonker zirkuléieren.

D'Gäng an d'Säll vu Stats- a Gemengegebaier si komplett fëmmfräi. D'Gemengerezeptiounen also och, esou wéi ech et interpretéieren.

Une voix.- Et ass och hei d'Chamber!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Ech kommen dozou!

Sämtlech Établissement-publicen, egal wien d'Gérance hei dréit.

De Flughafen an d'Gare, eis Chamber an d'Rockhal zum Beispill och, wuelverstanen awer d'Säll an d'Häll.

Iwwerall do, wou Iesse verkaaft gëtt, an de Gebaier vun de Supermarchéen, also och do hannert der Keess, wou emol deen een oder deen anere säi Pättchen drénkt, fir op deen aneren ze waarden, deen akeeft.

An de Galerie-marchanden, grad do, wou sech vill Famillje bewegen, däerf ee berouegt an Zukunft mat de Kanner sech op eng Terrasse sëtzen, déi an déi Galerie leet, ouni sech mussen ze verteidegen, fir fëmmfräi ze iessen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci dem Statsrot, deen e puermol drop opmierksam gemaach huet, datt, wéi Lëtzebuerg d'Convention-cadre vun der Organisation mondiale de la Santé 2005 ratifizéiert huet, sech Lëtzebuerg engagéiert huet, Mesuren ze adoptéieren an och ze applizéieren, déi d'Protektioun virum Zigaretterauch virgesinn, virun allem op der Aarbechtsplaz, am Transport public, de Lieux publics, an de Statsrot huet souguer resultéiert, datt déi physesch Integritéit vum Netfëmmert verletzt gëtt, an dat awer e fundamentaalt Aarbechtsrecht ass.

Et ass wierklech traureg, datt mer hei Schlussliicht an Europa sinn, fir de Verbuet op der Aarbechtsplaz ze légiféréieren, well Finnland, Zypern, Estland, Italien, Lettland, Irland, Litauen, Holland, Spuenien, Malta, Polen, Schweden, Slowenien, England, Schottland, Norwegen an d'Schwäiz schonn all e strikte Fëmmverbuet op der Aarbechtsplaz hunn! Griichenland an Ungarn hunn e Fëmmverbuet, erlaben awer Fumoiren.

Schued ass virun allem, datt grad eis direkt Noperen och net an dëser Thematik glänzen. D'Belsch gi manner wäit wéi de Verbuet mat hirem Gesetz, nämlech nëmme wann et zu kengem Averständnis tëschent Fumeur an Nëtfumeur kënnt an de Büroen, muss den Employeur den Netfëmmert protegéieren. Den Netfëmmert kritt also Prioritéit.

Frankräich wëll ech net gären zitéieren, well hiert Gesetz gëtt net ëmgesat esou wéi et misst, an den Här Chirac huet och hei elo schonn zousätzlech Moossnamen annoncéiert. An eis däitsch Nopere si mat den Éisträicher als absolut Voiture-balai an dëser Matière ze considéréieren, mä och do rumouert et déck an de Chamberstribünen an an de Fraktiounen.

Une voix.- Jo!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Traureg sinn ech driwwer, datt eis Iwwerzeegungsaarbecht net duergaangen ass, fir d'Discoen ouni Altersgrenz eranzehuelen. Nëmmen déi, wou Jonker ënner 16 Joer sinn, si fëmmfräi. Ech froe mech, wat fir Discoen dat da sinn?

Une voix.- Jo! Wat ass dat?

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- D'Schouldiscoen? Mä déi si jo souwisou fräi, vu que datt et an der Schoul ass. Wann ee weess, datt hei 80% vun deenen, déi an eng Disco ginn, tëschent 16 an 23 sinn, denken ech, wäre vill Eltere frou heiriwwer gewiescht, wann do e Fëmmverbuet gegollt hätt. Virun allem, well mer festgestallt hunn, datt grad an den Discoe vill Jonker ufänke mat fëmmen.

Une voix.- Jo.

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- D'lescht Woch hunn ech awer e bekannte Patron vun enger Disco um Radio héieren, dee gesot huet, hie géif dat gutt fannen, wann an der Disco net méi géif gefëmmt ginn, an ech zielen dann drop, datt hien dat a senger Disco aféiert, an hoffen, datt aner Patronen et nomaachen. Iwwregens sinn ech och iwwerzeegt, datt dat e volle Succès géif ginn, a souwuel och Jonker wéi méi Eelerer vun dëser Offerte gäre wäerte profitéieren. Indirekt si jo souwisou elo och schonn d'Caféen, d'Discoen an all aner Aarbechtsplazen dran, dank eise Ministere Biltgen a Wiseler.

Merci fir den Aspekt vun der Aarbecht an dëst Gesetz mat afléissen ze loossen, dat op sämtleche Plazen, wou Leit schaffen, de Schutz virum passive Fëmmen elo matbréngt. De Patron soll elo Moossnamen ergräifen, fir seng Leit virum Passivfëmmen ze schützen, mat enger Obligation de résultat. An ech trauen eise Ministeren och zou, datt si dat am Accord mat de Gewerkschaften ëmgesat kréien.

Merci awer selbstverständlech och eisem Minister Mars Di Bartolomeo fir säi Courage a säi Wuerthalen an dëser Matière! An ech wollt him och ganz besonnesch Merci soen, datt en den Artikel 8 an d'Gesetz mat erageholl huet, wou ech en an enger Question parlementaire drop opmierksam gemaach hat, nämlech de Verbuet vun de Schokelaszigaretten an de Knätschzigaretten. Hei wär wierklech d'Zigarett banaliséiert ginn, an d'Kanner gewinnt ginn, vu ganz klengem Alter un de Geste vum Fëmmen nozeahmen, fir zukünfteg Clienten aus hinnen ze maachen.

Merci nach eng Kéier all deenen, déi hei op iergendeng Aart a Weis gehollef hunn, dëst Gesetz ze verbesseren. Et ass e faire Kompromëss, an ech sinn iwwerzeegt, datt et vill Leit eng Erliichterung ass, wa se an Zukunft an d'Restaurantë kënne goen, an op vill aner Plaze kënne goen, ouni datt se nach no Zigarettendamp richen, wa se heemkommen.

Här President, zum Schluss erlaben ech mer, mech un lech perséinlech ze adresséieren,…

Une voix.- Aaahhh!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- …well eis Chamber fält jo och ënner eist Gesetz. An ech ziele ganz staark op lech, als Chef vun dëser Institutioun, datt Dir dann och hei mat Argusaugen wäert iwwerwaachen, datt hei net méi an de Gäng an an de Säll gefëmmt wäert ginn,…

Plusieurs voix.- Très bien!

(Interruptions)

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- …a virun allem op déi Leit oppas-

sen, déi elo schonns suspekt sinn,…

Plusieurs voix.- Ooohhh!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- …an déi, wa mer erëmkommen am Hierscht an dëst Gesetz a Kraaft ass, wäerten eng gewësse Schwieregkeet vläicht kréien, fir sech drun ze halen.

Mä ech adresséiere mech awer och un lech, Här President, als bekennende Fëmmexpert, wéinst Äre perséinlechen Aussoen, déi een ëmmer méi oft a leschter Zäit héieren huet an déi ëmmer méi däitlech erkenne loossen, datt Dir probéiert, och Ärem Fëmmen en Enn ze maachen!

Une voix.- Très bien!

M. Henri Grethen *(DP)*.- De Wee an d'Häll ass voll gudder Virsätz!

(Hilarité)

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Net méi spéit wéi virgëschter huet eise President mir dat nämlech mat engem déterminanten Toun erëm frësch bestätegt, datt hie gäre géif ophale mat fëmmen!

(Interruptions)

Une voix.- Dir bezuelt him d'Nikotinpatchen!

Mme Nancy Arendt *(CSV)*.- Also, Här President, meng Ënnerstëtzung hutt Der honnert Prozent! A wann Dir dat sollt wierklech packen, da war dëst Gesetz schonn eleng dowéinst e grousse Succès!

(Interruptions et hilarité)

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Arendt. Domat ass d'Debatt ofgeschloss. Elo héiere mer d'Stellungnahm vun de Membere vun der Regierung. Fir d'éischt den Här Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Regierung huet am Beräich Schutz virum Tubak Wuert gehalen. D'Tubaksgesetz ass do. Et ass en zolidd Gesetz, dat d'Prioritéit op de Gesondheetsschutz leet, an et ass der Regierung eescht gemengt, fir dat Bescht aus dësem Gesetz ze maachen, fir déi, déi net fëmmen an net wëlle matfëmmen, ze schützen.

Et ass virdrun an allen Nuancë gesot ginn, wat d'Gesetz bewierkt oder wat et beinhalt. Ech ka mech doduerch relativ kuerz faassen.

D'Gesetz verbitt d'Publicitéit an alle Forme fir den Tubak, verbitt de Sponsoring. D'Gesetz dréit deemno der EU-Direktiv méi wéi Rechnung, déi d'Publicitéit am grenziwerschreidende Verkéier an der Press wëllt limitéieren. D'Gesetz verbitt de Verkaf vun Tubak an Zigaretten u Mannerjähreger. D'Gesetz hält fest, dass Dampfräiheet d'Regel an de Restaurantë wäert sinn. Dat heescht an de d'Restaurantë gëtt an der Regel net méi gefëmmt.

D'Gesetz verbannt den Tubak aus de Schoule fir d'Schüler an d'Enseignanten, well hei ganz kloer d'Beispillfonctioun ageklot gëtt. D'Gesetz verbannt den Tubak aus de Galerie-marchanden, de grousse Geschäftszentren, de grousse Geschäfter, aus de Kinoen, net nëmmen aus de Säll, mä aus de Komplexer; aus den öffentleche Gebaier - gemengt sinn an dëser Phas déi öffentlech Halen, d'Säll - elo wësst Der schonn direkt awéifern dass dëst Gebai dovu betraff ass -; aus de Spideeler.

D'Gesetz mécht och eng ganz seriö Ouverture a Saache Schutz virum Tubak op der Aarbechtsplaz, wat eng Gemeinschaftsaarbecht ass zwëschent deenen dräi concernéierte Ministeren: dem Gesondheetsminister, dem Aarbechtsminister an dem Minister fir d'Fonction publique; net ze vergiessen den Innenminister, dee fir d'Gemengen zoustänneg ass. Och d'Gemenge ginn an dësem Deel, wat d'Aarbechtsplaz ugeet, mat an d'Verantwortung geholl.

Ech wëll der Rapportrice, der Madame Lydia Mutsch, an der gesamter Chamberskommissioun Merci soe fir déi excellent Zesummenaarbecht, déi dozou gefouert huet, dass mer net nëmme gutt diskutéiert hunn, mä dass mer et zesumme fäerdeg bruecht hunn, e Gesetz ze maachen, dat de Buedem hält. Selbstverständlech schléissen ech doran och d'Kolleegen aus der Aarbechtskommissioun an aus der Fonction-publique-s-Kommissioun mat an, déi eis am Endspurt gehollef hunn, fir dat heiten ze realiséieren.

D'Zesummenaarbecht huet also geklappt, eng gutt Zesummenaarbecht zwëschent der Regierung an dem Parlament.

Et kann ee sécher iwwert d'Wichtegkeet vun dësem Projet am Verglach zu anere wichtege Projete streiden. Dat ass erlaabt. Et kann een d'Balance huelen a soen: Dat hei ass elo net dee weltëmwerfendste Projet. Mä et ass awer onbestreitbar, dass dëse Projet fir d'Gesondheet, wat jo och eigentlech dat Wichtegst ass wat mer hunn, immens wichteg ass wéinst sengem Inhalt - jo -, mä virun allem awer och wéinst där Diskussioun, déi dëse Projet ausgeléist huet, a wéinst deem Mentalitéitswandel, deen dat Gesetz elo schonn ausgeléist huet. Well den Terrain huet d'Gesetz antizipéiert: Ganz vill Beräicher a Verhalensweise si ganz staark beaflosst ginn. Ech wäert nach dorop zréckkommen.

Mir wënschen eis jo ëmmer an dëser Chamber oder an der Regierung, dass, wa mer Reforme maachen, d'Leit mat diskutéieren an dass se sech mat betraff fillen. Hei ass ee vun deene Projeten, deen net iwwert d'Käpp vun de Leit ewechgaangen ass, a wou d'Leit sech mat ageschalt hunn, wou se drun interesséiert waren an op hir Aart a Weis mat diskutéieren. Elo kann ee soen: Jo, dat ass en Thema, dat einfach ass. Mä et ass awer en Thema, dat méi komplex ass wéi et heiansdo duergestallt gëtt. An hei si ganz kloer Meenungen erauskomm: geäussert an der Ausenanersetzung, geäussert a Sondagen a geäussert a Verhalensweisen. Et ass also e ganz gutt Beispill, wéi een d'Leit an eng Diskussioun ka mat abannen.

Een, dee seet, dass hei iwwert de Kapp vun deene Betraffenen ewechdiskutéiert gi wär, dee läit falsch. Well dee Projet hei huet e Wee gemaach wéi kaum en aneren an huet Plaz agebaut fir d'Konzertatioun, och wann aus där Konzertatioun net an alle Punkten Eenegkeet erauskomm ass. Mä et war awer Versteesdemech do fir déi eenzel Standpunkter, an ech menge mir hunn eis och hei op e Wee ageschwuer, dee Chancen op Erfolleg huet.

De Projet ass e Bekenntnis fir d'Gesondheet an e kloren Engagement fir sech engem vun deenen Haaptkrankmécher an - et soll een esou soen, wéi et ass - Haaptkiller an de Wee ze stellen. Den Tubak - an dat gëtt net oft genuch gesot - ass dat eenzegt gängegt Produkt, dat d'Halschent vun deenen, déi e genéissen, fréizäiteg ëmbréngt. Dat muss ee sech emol eng Kéier esou duerch de Kapp goe loossen! Et ass dat eenzegt gängegt legaalt Produkt, bei deem, wann een et genéisst, ee 50% d'Chance huet, dass ee fréizäiteg stierft. D'Experte schätzen tëschent zéng an 20 Joer, wou een éischter kann doru stierwen.

Op d'Gefor hin eppes ze widderhuelen, wat allgemeng bekannt ass, awer leider oft net a Fleesch a Blutt iwwergeet, oder eréischt da wann et ze spéit ass, muss ee soen, dass den Tubak krank an ofhängeg mécht, dass, wéi ech virdru gesot hunn, wäertvoll gesond Liewensjore verluer ginn, dass néng vun zéng Longekriibsen - an och dat muss ee sech erëm eng Kéier an Erënnerung ruffen, net do wären, wann net gefëmmt géif ginn.

An anere Wierder: Een eenzege Longekriibs ass op eng Ursaach zréckzeféieren, déi net den Tubak ass. 25% vun den Häerzkreeslafkrankheete ginn op den Tubak zréck. Et stierwen all Joer duerch den Tubak vill méi Leit wéi duerch de Stroosseverkéier, illegal Drogen, Aids an et kéint ee weiderfueren, Selbstmord, an an an zesummen; méi wéi all déi Saachen, déi jo awer prioritär an eiser öffentlecher Ausenanersetzung sinn a wou mer net driwwer streiden, dass eppes do dergéint gemaach gëtt.

Wann een dat also géintiwwerstellt, wat de Bilan ass vun deem engen a vun deem aneren, da muss een deem, wat vill méi Krankheet an Doudesfäll verursaacht, awer zumindest déiselwecht Prioritéit ginn, wéi deenen anere prioritäre Saachen.

Den Tubak - an dat ass hei gesot ginn - ass kee Symbol fir Fräiheet, mä e féiert poulriicht an d'Ofhängegkeet. An déi, déi den Tubak genoss hunn, déi wëssen dat, well si sinn net méi fräi fir kënnen Neen ze soen. Also huet et näischt mat Fräiheet ze dinn. Ech si fräi wann ech och fräi si fir kënnen Neen ze soen.

D'Regierungserklärung war kloer. Mir hu gesot, mir géifen e Projet bréngen, fir de Schutz vun deenen, déi net fëmmen, ze verbesseren. A mir hunn och gesot, dass mer gläichzäiteg d'Méiglechkeete verbesseren, fir deenen, déi net méi wëlle fëmmen, ze hëllefen, fir dovu lasszekommen. Dat, menge mer, géife mer mat dësem Projet wäitgehend méiglech maachen.

Mir hunn an deene leschten zwee Joer eng Evolutioun, och an der politescher Meenung, kritt. Ech wëll dofir e puer Beispiller ginn.

Et ass richteg, wéi den Här Bettendorf gesot huet, dass mer zu deenen Éischte gehéiert hunn, déi d'OMS-Konventioun ënnerschriwwen hunn. 2003 am Fréijoer hu mer se ënnerschriwwen. Mir gehéieren awer zu deene leschten Europäer, déi se ratifizéiert hunn! An et ass dat, wat ech dem Journalist gesot hunn, dass mer net ratifizéiert hunn, obwuel mer et hätte kënnen, well schonn am September 2003 war de Projet prett.

Mä et ass gesot ginn an der deemoleger Regierungskonstellatioun, dass mer sollte waarde bis de Recours géint d'europäesch Direktiv vidéiert wär, ier mer esou eppes géifen ënnerschreiwen. An dee Recours géint d'europäesch Direktiv, wat d'Publicitéit ugeet, haten zwee Länner gemaach: dat war Däitschland an dat war Lëtzebuerg, dat sech dem Recours ugeschloss huet.

Déi jëtzeg Regierung huet dee Recours virun enger ganzer Rei vu Méint no der Revisioun vun eiser Positioun zréckgezunn. Lëtzebuerg huet domat net méi zu deene gehéiert, déi zur Pro-Tubak-Lobby gehéiert hunn, mä huet sech an d'Rei vun deenen agereit, déi gesot hunn: Tubak ass eng echt Gefor, a mir mussen eis där Gefor stellen.

Zum Projet de loi hu mir eng ongewinnte Prozedur gewielt. Mir si mam Avant-projet, deen an der Regierung den „Go" kritt huet, an d'Konsultatioun gaangen. Mir hunn an enger Préphas alleguer d'Avisen erageholl. Mir hu mam Horesca-Secteur diskutéiert. Mir hunn och mat deenen anere Secteuren diskutéiert, a mir hu Piste fonnt, déi et eis erlaabt hunn, net an alle Punkten - ech widderhuelen dat -, mä op enger ganzer Rei vu Punkten Iwwereneestëmmung ze fannen.

Duerno ass aus dem Avant-projet e Projet de loi ginn. Deen ass am Januar deponéiert ginn an e gëtt elo virun der Vakanz, hoffen ech, vun der Chamber gestëmmt.

Ech mengen, mer hunn alleguer en Undeel drun, dass déi Diskussioun iwwert dee Projet vill bewierkt huet, och ier de Projet do war. Ech ginn lech och hei e Beispill:

D'Diskussioun iwwert de Projet huet dozou bäigedroen den Tubakskonsum hei zu Lëtzebuerg ze senken. Säit déi Diskussioun ugaangen ass, ass den Zigarettekonsum hei zu Lëtzebuerg an engem Joer ëm bal 10% zréckgaang, vu 6 Milliarden Zigaretten op 5,5 Milliarde verkaaften Zigaretten. Dat sinn der nach ëmmer vill, mä dat ass awer an engem Joer e relativ staarke Réckgang, net eleng duerch eis Diskussioun, mä och doduerch.

(Interruption)

Den Undeel vun deenen, déi fëmmen, un der Gesamtbevölkerung, dee stabil war iwwer 20 Joer a sech agependelt huet op iwwer 30% vun der Gesamtbevölkerung, wou mer europawäit zu de Spëtzereider gehéiert hunn, ass innerhalb vun engem Joer ëm iwwer 10% zréckgaang, vun 31% Undeel un der Gesamtpopulatioun op 27%.

Wann een also dat klengt Déierchen aus dem Projet eraushëlt a sech an der Diskussioun dorop focaliséiert, soll een net vergiessen, dass dee Projet eng ganz Rei vu positive Saachen bewierkt huet, déi iwwer zéng, 15, 20 Joer an deem Mooss net dra waren. Ouni dass ech erwaarden, dass jiddferee Bravo jäizt, mengen ech, dass dat e wesentlechen Duerchbroch ass.

De Projet verbitt awer net nëmmen, mä en huet sech zum Zil gesat, fir ze sensibiliséieren iwwer Campagnen; déi sinn ugelaf, Dir hutt se gesinn, haaptsächlech am Moment achséiert op de passiven Tabagisme. Ech mengen, déi Campagne ass gelongen, déi ass propper, an de Message ass ganz kloer. D'Campagne wäert an hir zweet Phas goen, wann elo d'Gesetz gestëmmt ass, fir d'Gesetz positiv ze begleeden.

Wann ech hei gefrot ginn, wat eis Reaktioun op Bréiwer vun der Confédération du Commerce, op Reaktioune vun der Horesca war, da kann ech lech soen, dass mir zwar net schréftlech geäntwert hunn, mä dass mer direkt mat deene Leit zesummekomm sinn. Mir waren déi lescht Woch mat der Confédération du Commerce zesummen, mir waren déi lescht Woch mat der Horesca zesummen, wou mer eng Rei vu Saache konnte klären.

Ech wëll zum Beispill soen - an do mengen ech, si mer eis alleguer eens hei, wat awer net esou prezis expressis verbis am Text drastoung -, dass et jo wäert an Zukunft erlaabt sinn, op den Terrassen, an der frëscher Loft, ze fëmmen. Dat ass net esou kloer aus dem Gesetz ervirgaang. D'Horesca huet gesot: Mir hätte gär Prezisiounen dozou. Mir hunn déi dote Prezisioune ginn a mir wäerten och domat weiderfueren doduerch, dass mer alle Partner prezis Informatioune ginn, wéi d'Gesetz ëmzesetzen ass. D'Prioritéit läit bei de Restauranten a bei de Caféen, gefollegt vun dem Commerce, Commerce, dee jo och direkt betraff ass, dann d'Schoule fir den Hierscht, d'Spideeler, wou mer schonn amgaang sinn, dat ze maachen, d'Gemengen an d'öffentlech Administratiounen.

D'Preventioun steet nach wie vor am Vierdergrond. Een, deen net ufänkt mat fëmmen, brauch net opzehalen! „Looss se also stiechen!", dat ass deen Haaptmessage, wou een un déi soll riichten, déi nach net ugefaangen hunn. An ech mengen, an där Diskussioun an der Tripartite ass kloer gesot ginn, dass präislech Adaptatiounen un den Tubaksprodukter - an ech schwätzen hei virum Budgetsminister - keen Tabu sinn, an dass déi och an d'Gesondheet erafléissen, direkt oder indirekt.

An et ass och e Konsens do, dass, wann Adaptatioune kommen, déi sech net am Index erëmschloen. Dat wär jo eigentlech geckeg, wann ee géif soen, mir adaptéieren d'Taxen aus Gesondheetsursaachen, an da géife mer den Index weiderlafe loossen.

Da schaffe mer zesumme mat de Krankekeese Programmer aus, fir de Sevrage tabagique ze begleeden an och déi accessoire Mëttelen, Medikamenter, kënnen ze rembourséieren. Dofir brauche mer keng Motiounen. Mir si mat de Krankekeesen amgaang seriö driwwer ze diskutéieren, fir net allgemeng elo mat der Stränz Patchen oder Knätsch iwwert d'Leit ze verdeelen, mä dann, wann et wierklech uewe gefunkt huet, wann d'Décisioun gefall ass, fir lasszekommen, wann ee sech berode gelooss huet an dem spezialiséierten Zentrum. Déi vun der Ligue a bei der psychologescher Berodung vun der Fondatioun, wou ech net genuch kann ënnersträichen - wann hei gesot gëtt, et wären net genuch Informatiounen, Sensibiliséierunge gemaach ginn -, wat fir eng Roll d'Fondation contre le cancer an deene leschte Jore gespillt huet, fir d'Sensibiliséierung hei am Land! Wa mer haut beim Projet ukomm sinn, ass dat och e grousse Verdéngscht vun der Fondatioun géint de Kriibs.

Do ass iwwer Joren, iwwer Jorzéngte geschafft ginn an deem dote Beräich, de Relais geholl gi vun de successivë Gesondheetsministeren, déi Campagnë gemaach hunn, fir ze informéieren. Et läit also sécher net dorun, dass net genuch Campagnen a Sensibiliséierung gemaach ginn ass, mä dass vläicht dat gefeelt huet, wat den Déclic gëtt: kloer Spillregelen. Kloer Spillregelen, an ech kommen herno nach ganz kuerz dorop zréck.

Mir organiséiere Formatiounszykle fir Dokteren. Déi lafen am September un, an Zesummenaarbecht mat de Cancérologen ëm de Guy Berchem, deem mer en häerzleche Merci soe fir säin Engagement.

Mir sinn amgaang Réseauen opzebauen, fir um Terrain dat heite Gesetz ze implementéieren. Mir hunn e Réseau „Hôpital sans tabac", deen excellent fonctionnéiert mat de Leit zesummen. Mir sinn amgaang de Réseau „École sans tabac" opzebauen, zesumme mat deene Responsabelen an de Schoulen.

Et geet nämlech net drëm, fir elo ze soen: Wéi strofe mer? Neen! Wéi kënne mer iwwerzeegen, dass d'Gesetz klappt? Mir sinn amgaang e Réseau zesumme mat dem Kolleeg vun dem Travail, dem Biltgens Fränz, an dem Wiseler Claude opzebauen, fir «Entreprise sans tabac», well mir hunn elo hei Texter, an eis Servicer, sief dat d'Santé au travail, sief dat d'ITM, sief dat d'Fonction publique, déi mussen Hëllefstellung kréien, fir dat doten ze maachen. Do si Servicer amgaang mateneen ze diskutéieren, an dat leeft excellent.

Mir si sécher net um Zil ukomm mat dësem Projet, mä et ass - an dat soll een ëmmer ënnersträichen - eng wesentlech Etapp.

Et sinn eng Rei vu Kritiken an der Diskussioun komm. Ech wëll net op déi Kolleeginnen a Kolleegen aus der Majoritéit agoen, déi gesot hunn, si wären nach gär méi wäit gaang. Wann eng grouss Majoritéit hei an der Chamber eens gewiescht wär, fir méi wäit ze goen, da wäre mer méi wäit gaang.

Mä et soll een dat esou soe wéi et ass: Dat hei ass en akzeptablen Text, wou jiddferee sech openeen zoubeweegt huet, an ech fannen,

dass niewent der Zilsetzung vu Gesondheet och d'Zilsetzung vu Solidaritéit an esou Diskussiounen net onwesentlech ass an een net ëmmer ka soen: C'est pas moi, c'est l'autre. Hei ass iergendeng Kéier tranchéiert ginn, an do hu mer eng kloer Positioun a mir sollen och zu där klorer Positioun hei stoen.

Ech hunn op dem Här Bettendorf seng Interventioun preziséiert, dass ech net d'Ënnerschrëft vun der OMS-Konventioun gemengt hunn, mä dass ech ganz kloer nach d'Differenz ka maachen zwëschent Ënnerschrëft a Ratifikatioun, an ech kann lech versécheren, dass ech dat esou och gesot hunn. A wann dat falsch interpretéiert sollt ginn, je m'en excuse, mä ech bleiwen awer bei all deenen anere Saachen, déi ech als Prinzip festgeluecht hunn.

Remboursement vu Patchen, hunn ech drop geäntwert.

Zur Kontroll vun der Anhalung vum Gesetz: D'Kontroll ass wichteg. Am Virfeld, an deemselwechte Sënn wéi mer d'Diskussioun, den Dialog mat deene Betraffene gesicht hunn, hu mer den Dialog an d'Diskussioun mat der Polizei gesicht. Mir hunn och d'Diskussioun an den Dialog mam Parquet gesicht. Net elo fir - mir kënne jo net deenen Injonctioune ginn an hinne soen, si missten, mä awer fir ze kucke mat hinnen zesummen, wéi een dat Gesetz ka begleeden.

An ech kann lech soen, dass d'Bereetschaft op deenen zwou Säiten ass, fir deen heite Projet mat där Seriositéit ze begleeden, wéi dat noutwendeg ass. Sécher net iwwer Joren an all Restaurant en Uniforméierten. Mä doduerch, dass een dat seriö am Ufank kontrolléiert, weist een, wéi eescht engem dat gemengt ass.

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Minister, wann Der erlaabt, ech wëll lech just op d'Riedezäit vun der Regierung hiweisen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Jo, et sinn eigentlech dräi Gesetzesprojete fir d'Regierung, Här President, mä ech komme ganz schnell zum Schluss.

M. le Président.- Der Chamber ass et egal, mä den Här Biltgen, mir wëssen, dass hien och ëmmer gär seng Zäit an Usproch hëlt.

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Ech kommen elo ganz schnell zum Schluss.

(Interruption)

Lëtzebuerg reit sech mat dësem Gesetz an d'Rei vun deene Länner an, wéi Italien, Irland, Groussbritannien, Norwegen, Schweden, Dänemark, mat Nuancen,…

(Interruption)

…an deenen enge Punkte méi wäit, an deenen anere Punkte manner wäit, a waart, dass déi Länner ronderëm sech och bewegen, Däitschland, Frankräich, wat d'Diskussioun méi einfach mécht. Et wäert...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- E bëssen Opmierksamkeet fir de Minister, wann ech gelift!

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Et wäert an deenen nächste Méint drop ukommen, dass mer dat Gesetz respektéieren an dass mer mat upaken. Iwwregens, heibanne si ganz vill Leit aus de Gemengen, déi ech ganz léif géif invitéieren eis ze hëllefen, fir e wesentlecht Element vun dësem Gesetz um Terrain ze realiséieren.

Ech hunn nach just vergiess, Här President, op deen Awand anzegoen, bei deem Projet do wären e ganze Koup Règlement-grand-ducalen, déi net géife virleien. Vu dass dat Gesetz dat viregt Gesetz iwwerholl huet, si bei deenen Artikelen, wou Règlement-grand-ducalë virgesi waren, déi Formulatioune bäibehale ginn. Déi Règlement-grand-ducalë sinn awer schonn do. Et feelen zwee Règlement-grand-ducalen: deen iwwert den Avertissement taxé, wou mer eis inspiréiert hunn un der Regelung vun engem anere Projet, an deen iwwert d'Extraktiounsanlage fir den Damp bei Fumoiren, wou mer eis un eng DIN-Norm wäerten uschléissen. Et ass also keng Hexerei fir déi dote Reglementer ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll als Konklusioun soen, dass dat Gesetz hei eis extrem vill Moyenë gëtt, fir an eisem Asaz fir d'Gesondheet vun de Leit weiderzekommen.

Kommt mir notzen déi a mir focaliséieren eis net op dat, wou mer eis vläicht gewënscht hätten, dass mer nach hätte kënne méi maachen. Ech behaapten ëmmer, dass et zwëschent dem Alles an dem Näischt nach en drëtte Wee gëtt: deen effektiven, dee pragmateschen, wou mer oft méi wäit komme wéi an anere Beräicher. Duerfir soen ech lech dann och schonn am Viraus e ganz häerzleche Merci, dass Der eis hëlleft fir de Projet ëmzesetzen.

Déijéineg, déi mengen, si kéinten de Projet ënnerlafen, maache sech eigentlech e Bierendéngscht, well se Waasser op d'Millen, net vun deenen, déi de mëttlere Wee sichen, werfen, mä vun deenen, déi alles mat engem totale Verbuet wëlle maachen. Déijéineg, déi d'Gesetz hannerginn, mussen awer och mat säftege Strofe rechnen.

(Interruption)

Als Konklusioun, Här President, wëll ech lech als Éischten eis Signalisatioun iwwerreechen, fir d'Gebaier ze kennzeechne wou net méi gefëmmt gëtt no dësem Gesetz. Wann ech gelift!

(M. le Ministre Mars Di Bartolomeo dépose une documentation sur le bureau de la Présidence)

(Interruptions)

Ech vertrauen dem Éischte Bierger als Éischten déi doten Dokumentatioun un.

Villmools Merci.

Une voix.- Weist eis et emol.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Déi riicht sech net un d'Regierung.

Une autre voix.- Ech weess dat.

M. Mars Di Bartolomeo, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.*- Villmools Merci.

M. le Président.- Sou, den Här Minister François Biltgen huet d'Wuert.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Merci, Här President. Iwwregens dat, wat mäi Kolleeg Mars Di Bartolomeo virdru gesot huet, dass dat heiten, iwwert dat ech schwätzen, en extrae Projet de loi ass, ass richteg, well dat war de Projet de loi 5241,…

(Interruption)

…a wa mer dee fir sech hei gestëmmt hätten, hätt ech op d'mannst zéng Minutten zegutt.

(Interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech haut schwätzen, ass dat emol eng Plaz, wou ech mer bewosst sinn, dass, wann ee sech Aarbechts- a Beschäftegungsminister nennt, do heiansdo Kontradiktioune sinn zwëschen Aarbecht a Beschäftegung; ech wëll dat och hei soen. Als Aarbechtsminister sinn ech ganz frou iwwert dat wat mer hei maachen, well alles, wat d'Gesondheet vun de schaffende Leit op der Aarbechtsplaz schützt, schützt net nëmmen hiert Liewen, mä bréngt och iwwerhaapt um Betrib eng besser Liewensqualitéit an doduerch och eng besser Produktivitéit fir d'Betriber.

An deem Sënn huet et och eng positiv Auswierkung op d'Beschäftegung, well mer ganz genee wëssen, dass all Joer Leit wéinst Krankheet ausfalen, och Leit stierwen op der Aarbechtsplaz doduerch, dass se gefëmmt hunn.

Op där anerer Säit wëll ech awer och hei soen, dass een dat weess, wa mer hei iwwer Chômage schwätzen, well jo ëmmer esou einfach Ursaachen an esou einfach Léisunge kommen. Mir mussen och dovunner ausgoen, dass hei e grousse Lëtzebuerger Betrib op alle Fall net dierft an Zukunft bäibauen. E Betrib, dee bis elo ëmmer vill Leit vun eiser ADEM agestallt huet. An déi Bedenken, déi dee Betrib huet, déi muss een och seriö huelen. Ech wäert och bei Geleeënheet do nach eng Kéier drop zréckkommen.

Ech wëll an där kuerzer Zäit, déi ech hunn, op véier Saachen agoen, déi ech och während den Diskussiounen dobaussen ëmmer héieren hunn, an déi e bësse riichtstellen.

Éischt Saach, déi ech ëmmer héieren hunn: D'Regierung huet näischt virgesi fir de Schutz op der Aarbechtsplaz. Dat ass falsch, well mer nämlech schonn am Joer 2003 de Projet de loi 5241 deponéiert hunn, deen elo hei als Artikel 16 da mat eragezu gëtt, well mer eens waren dat och an engem Gesamtkader ze maachen. Mä och de Statsrot huet a sengem Avis geschriwwen: Et ass näischt virgesinn iwwert de Schutz op der Aarbechtsplaz, a gläichzäiteg awer drop opmierksam gemaach, dass mer den 5241 hätten.

D'Formulatioun vum deem dote Passage ass eis vun der OIT, also vun der Internationaler Aarbechtsorganisatioun, conseilléiert ginn. Si sot: Gitt net an den Detail, maacht eng Obligatioun vis-à-vis vum Employeur an dann hëlleft Der dat ëmsetzen.

Zweet Saach: Mir géifen net wäit genuch goen. Dat huet natierlech eppes domat ze dinn, dass dee Projet de loi, deen ursprünglech hei diskutéiert gouf, de 5533, eng aner Philosophie huet wéi den 5241 eng hat.

Une voix.- Très bien.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Dem Projet de loi seng haaptsächlech Artikelen, déi de Mëtten am meeschten diskutéiert gi sinn, hunn eng Plaz definéiert. De Lieu de travail kann een net definéieren, well se sinn all verschidden. Et ass en Ënnerscheed, wat an engem Bürosgebai geschitt, wat an enger Industrie geschitt a wat doheem geschitt.

Mir hunn oft genuch ugefaangen, an ech hunn et och am Ausland gesinn. An der Belsch ass dat esou geschitt zënter dem 1. Januar 2006, dass, wa vu Lieu de travail geschwat ginn ass, dann op eemol gesot ginn ass: Jo, da muss de d'Lieu-de-travailen ausschléissen. Da muss de zum Beispill soen: Et geschitt näischt doheem, et geschitt näischt an den Altersheimer, et geschitt näischt hei, et geschitt näischt do.

Déi heite Saach, déi mer maachen, dass mer all Employeur eng Obligation de résultat de santé ginn, fir seng Leit esou gutt wéi méiglech, ugesiichts de Problemer um Terrain, ze schützen, déi bréngt eng Obligatioun mat op alle Lieux de travail. Dat dierf een net vergiessen.

Ech wëll besonnesch op d'Industrie hiweisen, well an der Industrie ass de Problem vill méi grouss wéi zum Beispill an de Banken. Nämlech et sinn eng ganz Partie grouss Banken, déi et schonn elo ganz verbueden hu respektiv déi amgaange sinn et ze maachen. Mä an der Industrie ass dat net esou einfach, well notamment och bei den Aarbechter, déi op Schichte schaffen, d'Ofhängegkeet vum Fëmme ganz grouss ass. Et kann een also dat net esou einfach hei ëmsetzen.

Dat, wat mer maachen, déi Obligation de résultat de santé, dat ass eppes wat et a Frankräich gëtt. A Frankräich gëtt et keen Text iwwert d'Fëmmen op der Aarbechtsplaz, mä et gëtt d'Jurisprudenz, an déi huet just déi doten Notioun développéiert. Ech hu keng Zäit fir drop anzegoen. Ech kann lech soen, do gëtt et en Artikel an der Revue «Droit Social» vum 11. November 2005, Säit 971, vum Jean Savatier, «La protection contre le tabagisme sur les lieux du travail», deen eng Analys mécht vun dem Cour-de-Cassatiouns-Uerteel vum 29. Juni 2005, ACME géint d'Madame Lefèvre, déi just déi doten Obligatioun festgeluecht huet, ouni Text.

Ech menge souguer wa mer net eisen Text haut géife stëmmen, dass opgrond vum 1994er Gesetz iwwer Gesondheet a Sécherheet op der Aarbechtsplaz nawell och kéinten esou Jurisprudenze schonn zu Lëtzebuerg kommen, fir den Employeur ze zwéngen, seng Leit ze schützen. Dat ass meng intim Iwwerzeegung. Also, wéi gesot, mir ginn hei vill méi wäit wéi gesot gëtt an et kënnt eng regelrecht Obligatioun.

Dann drëttens, wat richteg ass - wat e puermol hei gesot ginn ass -, dat ass, dass d'Portée Fall fir Fall muss ugekläert ginn. Dat heescht, et ass keng Gebrauchsanweisung hei an deem Text: Wéini gëtt et verbueden? Wéini gëtt et net verbueden? Mä do wëll ech drop hiweisen, wéi wichteg et ass mat där Obligation de résultat de santé, dass do de Betribschef seng Verantwortung iwwerhëlt. Hie kritt Rechter.

Zum Beispill kritt en d'Recht, eng Interdiction de fumer ze maachen, wat elo net esou evident war, ausserhalb vun där heiter. Notamment kennen ech vill Betriber, déi wollte méi wäit goen, wou Problemer awer waren, dass d'Delegatiounen dergéint waren. Hei kritt de Betribschef net nëmmen eng Obligatioun, e kritt och d'Méiglechkeet et ze maachen.

Natierlech muss en deenen eenzelne Risikoe Rechnung droen. An engem Bürosgebai, wou zéng Leit zesumme schaffen an engem Büro, ass et vill méi einfach, dass e seet, carrément Interdiction de fumer, wéi an engem Café, an enger Disco, wou de Risiko awer ass, well do Clientë kommen, déi fëmmen. Do ass et en anere Risiko, also muss hien do aner Moossnamen huelen, déi vu dee Risiko esou effikass wéi méiglech sinn.

D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce hunn den 29. Mee 2005 deen heiten Text aviséiert an déi hunn dat och gutt fonnt. Déi hu Folgendes gesot: «Les deux chambres professionnelles estiment que la gestion de ce problème doit relever de l'organisation interne de l'entreprise. L'employeur doit ainsi pouvoir régler librement le problème de l'inhalation passive de la fumée de tabac par les travailleurs non-fumeurs, eu égard à la situation spécifique de l'entreprise et notamment eu égard aux revendications des salariés non-fumeurs ou du consensus éventuel trouvé à cet égard» an esou weider, «en interdisant par exemple la consommation du tabac à l'intérieur de l'entreprise, sans être par ailleurs obligé d'aménager un fumoir pour les travailleurs fumeurs ou être obligé d'autoriser ces derniers à faire des pauses cigarettes à l'extérieur des locaux.»

Ech mengen, dat ass ganz wichteg. Dat muss Fall fir Fall an de Betriber kënne geléist ginn. Richteg ass, dass…

Une voix.- Wéi ass et am Regierungsrot?

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Majo, den Här Di Bartolomeo wäert dat elo op den Ordre du jour setzen.

(Interruption et hilarité)

Och am Ausland ginn do Differenze gemaach: zum Beispill an der Schwäiz tëschent „generelles" an „absolutes Rauchverbot". Ech ginn elo net drop an, well meng Zäit leeft hei fort.

Dann nach ee Wuert zum Reglement…

(Interruption)

Ech hu mer zéng Minutte geholl, Här President, esou war et ofgemaach.

Une voix.- Déi sinn elo schonn eriwwer.

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- E Règlement grand-ducal ass also net do, fir e Gesetz iwwerhaapt a Kraaft ze setzen, mä fir ze hëllefen do wou ze hëllefen ass.

Dat heescht, wat kann ech mer virstellen? Mir ruffen am Hierscht d'Sozialpartner zesummen a mir froe se: Gitt Der mat där Obligatioun hei eens ouni Reglement oder net? Oder kann e Reglement lech hëllefen, fir zum Beispill eng Partie Plazen ze definéieren, wou d'Reglement kéint soen: „Do ass e Fëmmverbuet op deene Plazen"? Dat ass eng Méiglechkeet. Déi aner Méiglechkeet ass fir ze soen: Wann Der e Fumoir maacht, ma hei gi mer lech d'Beschreiwung, wéi esou e Fumoir muss sinn.

Dat sinn d'Diskussioune mat de Sozialpartner. Mä dat Gesetz gëtt hei obligatoresch vum éischten Dag un an et brauch net deen dote Règlement grand-ducal an dee kann och net d'Gesetz zréckschrauwen. Dat heescht, dee Règlement grand-ducal kann ni soen, op deenen dote Plazen dierft der fëmmen. Dat dierf en net.

Ech wëll nach eng Kéier soen, an der Belsch ass et liicht aneschters, mä mir hunn dat belscht Gesetz studéiert, an do fënnt een eng Partie Elementer, déi ee kéint do op den Dësch leeën.

Véierten a leschte Punkt, Här President: Wat oft vergiess gëtt, dat ass, dass an de Betriber scho ganz vill geschitt. Et si ganz vill Betriber, déi maachen zënter Joren eng aktiv Politik. An dat net nëmme fir dat passiivt Fëmme besser an de Grëff ze kréien, mä et sinn och ganz vill zum Beispill Industriebetriber, déi iwwert d'Santé au travail extra Programmer entwéckelt hunn, fir hire Leit ze hëllefe vum aktive Fëmme fortzekommen. An ech mengen, dat ass eigentlech den Idealfall, wou ee muss dohinner kommen.

An dofir soen ech, ech hu mat ville Betriber geschwat, an déi hu mer gesot, fir einfach elo vun uewen erof an eisem Betrib - ech schwätze virun allem vun Industriebetriber - ze soen: „Et gëtt iwwerhaapt néierens méi hei gefëmmt!", dat léist de Problem iwwerhaapt net.

Et muss een eng Politik aktiv setzen, fir dat ëmzesetzen, an, wéi gesot, ech hu virdru vu grousse Banke geschwat, vun Industriebetriber, ech kennen awer och Kleng-, Mëttelbetriber, wou dat doten och geschitt a wou de Patron selwer dat an de Grapp geholl huet.

(Coups de cloche de la Présidence)

Et geschitt ganz vill um Terrain. Ech sinn natierlech iwwerzeegt, dass mer hei elo nach méi „best practices“ kréien, an dofir mengen ech och, dass et e gutt Gesetz ass, wat Der haut stëmmt.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. Ech géif proposéieren, dass mer fir d'éischt iwwert déi zwee Amendementer géifen ofstëmmen, déi den Här Bettendorf am Numm vun der demokratescher Fraktioun abruecht huet.

Fir d'éischt geet et ëm den Artikel 6, deen amendéiert gëtt, esou wéi am Text, deen den Här Bettendorf eis virgeluecht huet.

Amendement 1

Mir stëmmen of iwwert den Amendement 1.

Vote

Den Amendement 1 ass ofgelehnt mat 46 Nee-Stëmmen, bei 14 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Amendement 2

Dann den Amendement 2, och vum Här Bettendorf, betreffend den Artikel 9, dee complétéiert soll ginn. Wann d'Elektronik esou wäit ass, da stëmme mer of.

Vote

Den Amendement 2 ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen, bei 15 Jo-Stëmmen a 7 Abstentiounen.

Ont voté oui: MM. Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Henri Grethen), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Mir stëmmen dann iwwert den Text selwer vum Gesetz of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5533 ass ugeholl mat 37 Jo-Stëmmen, bei 2 Nee-Stëmmen an 20 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: M. Jean-Pierre Koepp;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

Plusieurs voix.- Neen, Här President!

M. le Président.- Ech gesinn, dass et awer eng Majoritéit heibanne gëtt, dofir ass dat dann esou décidéiert.

Motion 1

Mir kommen elo zur Motioun, déi den honorablen Här Huss agereecht huet. Kënne mer doriwwer par main levée ofstëmmen?

(Interruption)

Den Här Huss freet de Vote électronique, dann huele mer de Vote électronique.

(Interruption)

Jo. Mir kommen den Hierscht dorobber zréck, Här Grethen. Dir kënnt Äre Kapp a Rou leeën.

(Hilarité)

Mir kommen dorobber zréck!

Vote

D'Motioun 1 ass ofgelehnt mat 52 Nee-Stëmmen, bei 7 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Romain Schneider), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Niki Bettendorf), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp;

M. Aly Jaerling.

S'est abstenu: M. Robert Mehlen.

Résolution 1

Da si mer befaasst mat enger Resolutioun vum honorablen Här Huss. Den Här Huss freet d'Wuert nach eng Kéier dozou. Här Huss!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu jo elo haut hei, op dëser Plaz, en neit Gesetz gestëmmt, fir eis géint den Tabagisme a géint den Tabagisme passif ze schützen. Mir haten eng Rei Kritiken dorunner. Bon, et ass awer elo an där doter Form gestëmmt ginn.

Mir ginn dovun aus, datt dat, wou mir haut hei tagen, e Lieu public ass an datt et och e Lieu de travail ass. Mir ginn och dovun aus, datt mer hei als Chamber missten am Fong mam gudde Beispill virgoen, selwer, well mir si jo d'Législateuren, déi fir vill Raimlechkeeten dobaussen e Fëmmverbuet elo operluecht hunn. Mir sinn e Lieu public an e Lieu de travail.

Mir mengen also, datt mer mam gudde Beispill misste virgoen, fir dat dann och hei ze maachen, fir dat och hei an dëse Gebailechkeete vun der Chamber duerchzezéien.

Mir mengen - ech hunn et virdru scho gesot; et war net jiddfereen heibanne virdrun, mä ech hunn et virdru scho gesot -, datt fir eis d'Glaubwürdegkeet vun dësem Gesetz och steet oder fält, ob dës Resolutioun ugeholl gëtt oder net.

(Interruption)

Well dobausse kucken d'Leit eis hei jo no, wat mer hei ofstëmmen, an dobaussen ass et esou, datt d'Leit et net géife verstoen, wann hei an de Raimlechkeete vun der Chamber dierft viru gefëmmt ginn. An et sinn eng Partie Leit, déi bis haut hei gefëmmt hunn.

(Interruptions)

Une voix.- A gär!

M. Jean Huss *(DÉI GRÉNG)*.- Dat heescht also, d'Leit dobausse géifen net verstoen, wann hei sech géife Saachen erausgeholl ginn, déi mer anere Leit dobausse verbidden!

(Interruptions)

An duerfir sinn ech der Meenung, datt d'Chamber hei sech konsequent muss sinn.

Dat hei ass eng Saach, déi sech net un d'Regierung adresséiert. Dat hei adresséiert sech un d'Chamber. Un d'Regierung adresséiert et sech just an deem Sënn, datt natierlech och d'Ministeren hei kënnen optrieden, déi dann och net méi dierften hei fëmmen, obscho se dat virdru bis elo gemaach hunn.

Mir mengen also aus deenen dote Grënn, datt hei d'Glaubwürdegkeet vun der Chamber um Spill steet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Den Här Fayot huet d'Wuert gefrot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här President, ech wollt just soen, dass mer dës Resolutioun net stëmmen, aus zwee Grënn.

Éischtens emol hu mer elo just e Gesetz gestëmmt, an deem mer déi Mëttelen hunn, fir ze décidéieren, wat am Lieu public, deen d'Chamber duerstellt, geschitt; wou et also e Fëmmverbuet gëtt. Wat de Lieu de travail ugeet, hu mer och d'Mëttelen am Gesetz, déi Obligation de résultat, déi eben am Gesetz ageschriwwen ass.

Ech wollt soen, dass mer e Gesetz hunn, wat de Kader bitt fir d'Instanze vun der Chamber, dat ze décidéieren. An ech muss soen, déi gréng Kolleegen, déi sech jo bei deem Gesetz enthalen hunn, sinn a mengen Ae schlecht placéiert, fir ons do Lektiounen ze ginn.

(Hilarité et brouhaha général)

Une voix.- Très bien!

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Ech fannen, wa se hir Responsabilitéit hätte wëllen huelen, dann hätte se dat Gesetz, wat mer hei gemaach hunn a wat eng wichteg Avancée ass um Gebitt vun der Santé publique, mat gestëmmt.

Une voix.- Sou ass et!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Ech denken, dass mer alleguerten domat d'accord sinn, dass d'Chamber hei dat Gesetz, wat se viru fënnef Minutte gestëmmt huet, an all sengen Dispositioune respektéiere wäert. Voilà!

Plusieurs voix.- Aaaahhh!

M. le Président.- Dës Resolutioun hat nëmmen eng Ënnerschrëft. Si gouf nach vun den Hären Adam, Bausch, Gira a Kox ënnerschriwwen. Elo komme mer zur Ofstëmmung. Mir stëmme par vote électronique of, och wann en net gefrot ginn ass.

Vote

D'Resolutioun 1 ass ofgelehnt mat 53 Nee-Stëmmen, bei 7 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Alex Bodry), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Colette Flesch), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi iwwert de Renforcement des structures de direction des administrations fiscales. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorablen Här Norbert Haupert. Här Haupert!

4. 5558 - Projet de loi portant renforcement des structures de direction des administrations fiscales

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. No där engagéierter Diskussioun iwwert d'Fëmmgesetz, déi jo och déi Zäit ageholl huet, déi se verdéngt, komme mer zu engem Projet, deen dobaussen e wéineg manner Damp opwerft an dofir och méi schnell iwwert d'Bühn hei kéint goen.

Här President, erlaabt mer just eng kleng Parenthèse awer: Ech mengen, alleguerten déi Leit, déi sech hei agesat hu fir dat Fëmmgesetz, hunn awer eppes vergiess, nämlech de Lëtzebuerger Pionéier ze ernimmen, dee sech wierklech géint d'Fëmmen agesat huet. Dat war en honorabele Member aus dësem héijen Haus, eisen eenzegen Olympiasieger, dee mer haten - an ech mengen, d'Madame Flesch ka mech do bestätegen -, de Josy Barthel, wou hien 1953 zu Harvard studéiert huet, an hien ass och do ëmmer an der Hal gelaf, huet et fäerdeg bruecht, datt d'Amerikaner eng Stonn virdrun hu missen an der Hal ophale mat fëmmen, well hie seng Course wollt an engem proppere Milieu lafen. Ech mengen, hie war deen éischte Pionéier: À tout prince tout honneur. Domadder ass meng Parenthèse awer eriwwer.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. Norbert Haupert *(CSV), rapporteur.*- Här President, de Projet 5558 huet als Zil, oder vill méi den initiale Projet, deen d'Regierung deponéiert huet, hat als Zil:

Éischtens, d'Finanzverwaltunge mat enger méi moderner Direktioun auszeriichten, an där d'Décisiounen an d'Responsabilitéit an enger kollegialer Direktioun geholl respektiv gedroe ginn;

zweetens, d'Zesummenaarbecht tëschent deenen dräi Finanzverwaltungen ze stäerken, an drëttens, d'Direktioune vun deenen dräi Verwaltungen och nach ze stäerken.

Wat waren déi Mesuren, déi zu deenen Ziler gefouert hätten?

Éischtens, d'Opstocke vun den Effektiver vun den Direktiounen an deenen dräi Verwaltungen. De Projet gesäit vir, datt d'Steierverwaltung an den Enregistrement en zweeten Adjoint géinge kréien, an datt bei der Douane, déi bis elo nëmmen een Direkter an der Carrière supérieure hat an en Adjoint an der Carrière moyenne, d'Carrière supérieure vun der Direktioun soll opgestockt ginn, a spéider sollen dann och zwee Adjointen an där Verwaltung nokommen.

Déi zweet Mesure war déi, fir d'Institutionaliséierung vun enger kollegialer Direktioun mat gedeelter Responsabilitéit, am Géigendeel